

eis sprooch


erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch
Lëtzebuerg

3. Trimester
1992

Nei Folleg / 4 Hefter pro Jor, dovun 1 Extra-Serie
Drock: Kremer-Muller & Cie L-3895 Féiz

Nr 36

...:		
1940-1945	97	Rita Wennmacher: Knappefreed
Henri Rinnen: Harry Godefroid (II)	99	Danielle Hoffelt: Schueberfouer
Antoinette Delperdange-Kaber: Den ale Bam as Zeien	115	Tom Thies: Erënnerungen un d'Vakanz bei de Grousselteren (VI): Wat bieden d'Päerd?
GjpR.: Mëtt vum Summer	116	Antoinette Delperdange-Kaber: Am Hierscht / Bei der Bach
René Kartheiscr: D'Fro	116	Rudy Ludes: De Bakes-päitter erzielt
Léon Blasen: Eng kleng Causerie iwwert d'Musek	117	Déi Assurancen
Dieter Zimmer: Dem Paulus séng Bréiwer un d'Korinther	126	Gil Mandy: Keng Zäit
René Muller: N.E. Becker, 1842-1920	127	Pauline Schroeder: Och eng Offensiv
Josy Ourth: Eng bosseg Geschicht	131	Jos. Hurt: Theater IV: D'Spill an der Kiirch
Pauline Schroeder: Wéi de Räif komm as... / Eng Baach am Dall	134	P. Posing: A.a.n.g.s.c.h.t.
Raymond Schaack: En Naachen	135	Henri Rinnen: Theaternotizen
Milly Thill: Sankt Maximäin an déi Réimecher	139	Theatersaison
P.M. Ruden: Dat wäisst Fille bei der Präteler Bréck	140	Notizen
Josy Ourth: Am Dällchen	140	...: Aus dem Bicherbuttek
Roger Lugen: Fennet vir zwielef...	141	...: Neijooschkaarten 1992/93
Jeanine Theis-Kauth: Owes, wann et reent	142	Zeechnongen: Pe'l Schlechter / Roger Wohlfart



1940-1945: dréchen Zifferen, déi alles soen

Population 1939	Prisong a KZ	«Wehrmacht»	gefall	vermësst
296.776	3.963	vun 12.031	1.775	1.250
	† 791			† 3.025
Refraktären	Maquis an alliéiert Arméien	ëmgesidelt	politesch ofgesat, entlooss	
3.510	582	4.187	640	
	† 57	† 154		

Leit, déi d'Liewe verluer hun am zwete Weltkrich:

Zivilleit. Gestuerwe fir d'Hemecht	1.592
Zwangsrekrutéiert	3.150
Zwangsrekrutéiert Medercher	58
Auslännner am Land	437
aner Zivilleit	456
Judden (nët Lëtzebuerg)	2478
	8.171 % 2,8

Aus: Rappel, 5-6/1990, Livre des Camps
(Aloyse Raths/Gilbert Trausch)

STANDRECHT in LUXEMBURG

Nachdem auch in Luxemburg-Stadt Fälle von Streiks und Arbeitsverweigerung eingetreten sind, wird der zivile Ausnahmezustand für den Gesamtbereich des Chefs der Zivilverwaltung in Luxemburg verhängt. Die Zuständigkeit des Standgerichts wird entsprechend erweitert.

Todesurteile gegen Streikende werden sofort durch Erschiesen vollstreckt

Luxemburg, den 31. August 1942.

Der Chef der Zivilverwaltung in Luxemburg:
gez. Gustav SIMON

BEKANNTMACHUNG!

Das Standgericht hat wegen Gefährdung des deutschen Aufbauwerkes in Luxemburg durch aufrührerischen Streik im Kriege folgende Personen zum Tode verurteilt:

Michel Worre, Wilz
Leiter des Wirtschaftsamtes

Nikolaus Müller, Wilz
Stadtssekretär

Die Urteile wurden heute um 4.30 Uhr durch Erschissen vollstreckt.

Der Vorsitzer des Standgerichts.

BEKANNTMACHUNG!**DAS STANDGERICHT**

hat wegen Gefährdung des deutschen Aufbauwerkes in Luxemburg durch aufrührerischen Streik im Kriege folgende Personen zum Tode verurteilt:

KONS, Nikolaus Johann, Postunterinspektor, Luxemburg
MEIERS, Karl, Lehrer, Wilz
EWEN, Josef, Lehrer, Wilz
BRÜCK, Alfred, Lehrer, Wilz
LOMMEL, Cölestin, Lehrer, Wilz
WEETS, Alfons, Dreher, Differdingen
SCHNEIDER, Johann Peter, Werkzeugschlosser, Differdingen
TOUSSAINT, Ernst, Tieflofenerbeiter, Differdingen
BETZ, Nikolaus, Werkzeugschlosser, Kehler

Die Urteile wurden heute um 4.30 Uhr durch Erschiessen vollstreckt.

Der Vorsitzende des Standgerichts.

BEKANNTMACHUNG!**DAS STANDGERICHT**

hat wegen Gefährdung des deutschen Aufbauwerkes in Luxemburg durch aufrührerischen Streik und Sabotage im Kriege folgende Personen zum Tode verurteilt:

ZEIMES, Leo, Schriftsetzer, Itzig
MISCHO, Robert, Schlosser, Differdingen
ANGELSBERG, Renatus, Schlosser, Differdingen
SCHROEDER, Johann, Postbeamter, Luxemburg

Ferner wurden acht Angeklagte der Geheimen Staatspolizei überstellt.

Die Todesurteile wurden heute um 6 Uhr durch Erschiessen vollstreckt.

Der Vorsitzende des Standgerichts.

BEKANNTMACHUNG!**Das Standgericht**

hat wegen Gefährdung des deutschen Aufbauwerkes in Luxemburg durch aufrührerischen Streik und Sabotage im Kriege folgende Personen zum Tode verurteilt und die Einziehung des Vermögens angeordnet:

DAX, Michel, Eisenbahnarbeiter, Ettelbrück
SCHMIT, Alfons, Professor Dr. math., Echternach
THULL, Johann, Eisenbahnenstreicher, Ettelbrück
HEIDERSCHEID, Emil, Dachdecker, Diekirch

Ferner wurden elf Angeklagte der Geheimen Staatspolizei überstellt.

Die Todesurteile wurden heute um 6 Uhr durch Erschiessen vollstreckt.

Luxemburg, den 5. September 1942

Der Vorsitzender des Standgerichts.

BEKANNTMACHUNG!**Das STANDGERICHT**

hat wegen Gefährdung des deutschen Aufbauwerkes in Luxemburg durch aufrührerischen Streik und Sabotage im Kriege den

BIREN, Eugen, Walzendreher, Schifflingen zum Tode verurteilt und die Einziehung des Vermögens angeordnet.

Der Direktor und Betriebsführer **Mathias KOENER** aus Esch-Alzig wurde wegen Gefährdung des deutschen Aufbauwerkes in Luxemburg der Geheimen Staatspolizei überstellt und die Einziehung seines Vermögens angeordnet.

FISCHER, Johann Peter
Subdirektor-Standgericht
Luxemburg

Dr. HELDENSTEIN, Edmund
Subdirektor-Standgericht
Luxemburg

SCHMIT, Josef
Subdirektor-Standgericht
Luxemburg

WÜRTH, Marcellus
HDM-Standgericht
Luxemburg

und 15 weiteren Angeklagte wurden der Geheimen Staatspolizei überstellt.

Das Todesurteil wurde heute um 6 Uhr durch Erschiessen vollstreckt.

Luxemburg, den 9. September 1942

Der Vorsitzender des Standgerichts.

H. Rinnen

Hary Godefroid II

An engem Artikel an deem wuel am éischten iwwer den Hary Godefroid, séng Persoun a séng litteraresch Aarbechte Rieds gong (Jong-Hemecht, 2. Jg. No 8, 1927. S. 178-181.) heescht et, datt hie Freed a Spaass mat der Hemechtssprooch hätt, «déi apaart Professen a Schoulmeeschteren derfir hun, an déi d'Schreiwen nüt kënnte loossen». Et gët nach betount, datt hien duurch an duurch Schoulmeeschter wir, cng Behaaptung, déi een nüt kann ofstreiden, wann ec sái Gank am Liewen iwwerkuckt.

Et gouf ewell ugin, datt hie wollt hun, fir datt Familjen a Schoul Hand an Hand misste schaffen, méi wéi dat bis dohin de Fall wir. A fir do Reméid ze schafen, wéi och ewell ernimmt gin as, 1917 de Veräin «Haus a Schoul», 1922 d'Zäischréft «Ecole et famille» an 1923 d'«Ligue des chefs de famille» gegrünnt a Konferenzen hei am Land ewéi am Ausland gehalen huet.

Et gët och an der Jong-Hemecht (1927 S. 179) opgezielt, wat hic bis dunn erausgin hat a wat nach am Tirang léig, mat enger Zeen aus dem Theaterstéck: Nopeschkanner.

Mit hate festgehalen, datt hie vun 1910 bis 1918 am Schoulmeeschterverband wor. Hien hat do de Posten als Sekretär (ob déi Date stëmme konnte mer leider nöt kontrolléieren). Jiddefalls huet en an engem Bréif u sái Kolleg Nic. Pletschette vu Rëméléng vum 17.7.1916 geschriwwen, datt en déi Plaz géif opgin, well sái Virschlag «de se mettre en relation avec le «Vercin katholischer Lehrer und Lehrerinnen», fir aus dencn zwéi Verbänn, déi du — grad ewéi haut — bestanen hun, een eenzegen ze maachen, dce sech eleng ém d'Schoul an de Beruff vum Léierpersonal këmmere sollt. Sái Virschlag «manuels, présidence, congrès, journaux, situation financière, le tout résolu par une commission fédérale» gouf nüt ugecholl. «Le comité ayant rejeté cette proposition, j'ai naturellement dû donner ma démission comme secrétaire».

(Iwwer de «Lehrerverband», deen de 24.8. 1905 gegrënnt gouf, an de Mëssel, deen dec-mools wor sief op d'Buch vum Vic. Kalmes: «Über die Anfänge des Lehrersyndikalismus in Luxemburg» (S.N.E. 1983. e.a. S. 119) higewisen.

Iwwer de «Luxemburger Lehrerverband - Fédération des Institutcurs du Grand-Duché de Luxembourg» sief gesot, datt de Matthias Adam, (*19.11.1860 Lëtzebuerg-Gronn, †17.2. 1936 Mondorf) Oberprimärlehrer vu Péiteng éischte Präsident an Haaptredakter wor; Vize-Präsident N. Goedert, Caissier P. Broos, éischte Sekretär de Franz Clement, zwete Sekretär de P. Majerus vun Ténten, Mémbren Math. Wagner, Esch-Uelzecht a Jean Weber, Schiren. Si woren dc 15. Juni 1905 fir véier Jor gewielt gin. De 24. August 1905 gouf dat an enger aussergewicblecher Generalversammlung guttgeheescht. Hir Zäischréft krut den Numm «Luxemburger Lehrerzeitung» (éischt Nummer vum 1. Oktober 1905), déi d'«Luxemburger Lehrerblatt» (lescht Nummer 15. Oktober 1905. 4. Johrgang) ersat huet. — De Veräin wor grad gedeest, du gong de Buttek ewell un an 1909 gouf de «Katholischer Lehrer- und Lehrerinnenverein» gegrënnt, wou de Pol Noesen (*28.6.1891 Bus/Remich, †27.9.1960 Lëtzebuerg), Präsident a Redakter vun hirer Zäischréft «Der Schulfreund» wor. Dëst nëmmen, well am P.J. Müller: «Tatsachen aus der Geschichte des Luxemburger Landes» an a Gregor Spedener: «Die im Luxemburger Lande lebten und webten» aner Date genannt sin.)

Et sief derzou nach ernimmt, datt den H. Godefroid ém 1914 Sekretär vum Schoulmeeschtersgesank, der «Chorale des Instituteurs» wor. (Festgof S.100)

Loosse mer emol bei der Schoul bleiwen. Wéi 1912 an der Châmber dat neit Schoulgesetz gestëmmt wor, gouf en etleches am Schoulprogramm geännert. Nieft der Stonn Lëtze-

buergesch, dat deemoools an de Léierplang fir e puer Klasse mat eragcholl gouf, krut de Gesank och eppes méi Platz.

Als grousse Frénd vu Musck a Gesank wor dee jonge Schoulmeeschter natürlech fir méi Gesankunterrécht an der Schoul, huet mat doriwwer diskutíert a séng Menong an engem Opsaz «Enseignement du chant» duergeluegt, (dee wir a séngem «Nachlass»-Festgof S. 99) sou an dem Bäitrag vum Jos. Meyers: «H. Godefroid und die Musik», wou cen e sellechen doriwwer gewuer ka gin. Et heescht do, datt den Hary Godefroid sech dunn nach méi mam Volcksgesank ofgin hätt an e «critesche rant» driwwer geschriwwen huet. Iwwer de Volleksgesank huet hien 1925 zu Rodange geschwat, an aus deem Virtrag sin en etlech Auszich an der Jong Hemecht (No 1/1927. S. 12; No 2/1927 S. 34; No 3/1927. S. 59) ze liessen. Hien erzielt doran, wou a wéini um Duerf gesonge gin as: virun der Dir op engem Summerowend, vun de Kéijongen, an der Spannstuff. Am schlechte beschreift hien déi Zait an enger romantesch-nostalgescher Form.

Dat wat d'Leit gesongen hun, huet hie vu Kanddeén un intresséiert a scch Text a Weis opgeschriwwen. (II. S. 62). «All déi latengesch Kiirchelidder goufen och dobaussen um Feld gesongen (vun de Kéihürrten). Vill aner Lidder hu mer deemools nêt gewosst — well fir Schoullidder zc sangen — dat wor engem ze domm (II. S. 50)». Mat oder nieft dem Kolleg Mathias Thill (Jonglénster * 18.12.1880 † 30.6.1936 Lëtzeburg) huet hie Vollekslidder notíert a gesammelt, doci hien dem M. Thill zoukomme gelooss huet, fir s'an dat déckt Buch «Singendes Volk» (1937) mat eran ze huelen. Hien hat mam M. Thill iwwer d'Aart a Weis vum Buch diskutíert, mä, éier d'Buch eraus konnt kommen, as de M. Thill gestuerwen. En anere Kolleg, den Nic. Pletschette (* 15.2.1882 Stegen † 31.9.1961 Réméléng) huet dunn dat Wierk fäcrdeg gemaat an crausgin.

Am Virwuert schreift de M. Thill: «Im Jahre 1902 traf ich in Godbringen mit meinem Kollegen Hary Godefroid zusammen, der sein

Interesse besonders der musikalischen Seite des Volksliedes zugewandt hatte und eine große Anzahl von Melodien aus dem Kanton Clerf besaß (Einleitung S. 11). A Säit 14 heescht et dann: «An erster Stelle gedenke ich meines Freundes und Kollegen Herrn Heinrich Godefroid, der bei meinen Sammlungen Pate gestanden hat. Er ist ein vorzüglicher Kenner des Volksgesanges und gab mir für meine Arbeit guten Rat. Als langjährige Dorfnachbarn standen wir in regem Verkehr.»

Den Hary Godefroid wor nun nêt grad mat deem Buch zefritten, dat säi Kolleg Pletschette jo fir den Drock fäerdeg gemaacht hat an eng Korrespondenz téscht denen zwéin, Godefroid-Pletschette, weist äis wéi hafteg, datt hien doriwwer wor. Et huet e gefochst, well eng Parti Lidder vun him derbäi wiren, ouni datt hien iwwerhaapt ernimmt wir gin. (Et sin dér 29 dran, wou de Godefroid genannt as.) Hie schreift dem Kolleg Pletschette dann nach, datt d'Buch onvollständneg wir, onzouverlässeg, wat hien och der Foklor-Sektion geschriwwen hätt. (Bréif vum 28.1.1937). An engem anerc Bréif schreift en ongehalen, datt hic keng Rezensioun géif schreiwen, keng derfir a keng dergéint, obschongs hien sech fir d'éischt dosfir ausgesprach hätt... «vun de Melodic sin der 124 vu mir selwer notíert an dem Thill vermaacht gin... wat awer nêt vermerkt as... an aner geännert gin (Bréif vum 26.11.1937)... ech hun eng Melodiesammlung aus dem Eislek ronn 130... Ech hun 1899 zu Boxer d'Lidd (Christinchen) opgehol, gesonge vum Philipp Haag, ménge Bruder Leonard Godefroid säi Schwéierpapp, dat hätt missen derbäi stoen...» Hie wollt hun, datt en Errata oder Nodrag misst kommen. Dat Getick-tacks téschten denen zwéin huet en déckt Jor gedauert, an dach si se gutt Kollege bliwwen.

Et as keen Errata a keen Nodrag komm, mä an der Folkloresektion vum gr.herz. Institut läit en déckt Manuskrift Vollekslidder vum Math. Thill, dat duurch en anerc Kolleg dohinner koum, duurch de Léon Senninger.

Fir de Schweess brauchen d'Kanton-jeen an d'Schoulmeeschteren natürellech kee Nuesduch, well déi Zort schwéesst nüt: Dir kënnst hinnen en Dronk kache wéi Dir wéllt... (I. S. 35)

(Sou wäit ech weess, wollt de Godefroid Weisen no sénger Opfaassong korrigéieren — well den Thill se nüt richteg notéiert hätt. Hien huet sech e bëssen als e Brentano ugezin, dee jo mam Achim von Arnim déi däitsch Volleksslidder gesammelt an och esou halwer «restauréiert» huet.)

Et as aus deem eraus ze gesin, datt den H. Godefroid eng Léift fir d'Volleksslidd hat — «...ech hu vu Kanddeen u gär gesongen, Lidder vu méngem Monni geléiert...»

Et wonnert ee sech dofir glat nüt, datt hien émmer dofir agetrueden as, iwwerhaapt fir Musek a Gesank, a munncch kritesch Artikelen driwwer geschriwwen huet e.a. virum éische Weltkrich «Unsere Gesangvereine», iwwer de «Wilhelmus» (J.H. No 4, S. 103-106), «Lidder a Gesank» (Rundschau — Lux. Wort, 16.6.1936).

Et as klor, datt den II. Godefroid zu Rodange am Kiirchekouer wor. Hie wor och eng Zäit Dirigent vun der Rollénger «Cäcilia» am éische Weltkrich, dono, sou vun 1920 bis 1926 vun der «Eintracht» oder der «Concorde» vu Rodange Präsident an Dirigent, «Ech wor am Dirigéiere keen Äss», mengt e vu sech selwer (II. S. 41).

Iwwer d'Grënnong an d'Entwecklong vum Gesangveräin «Eintracht», dem Männer- a Kannerkouer, huet en 1924 an der Festbrochüre Rapport gemaacht.

Wéi ze soen all Kouer- a Musekdirigent as et nüt beim Dirigéiere bliwwen, hien huet och getext a komponéiert, souwuel weltlech wéi kiirchlech Lidder an cisen dräi Sproochen däitsch, franséisch a lëtzebuergesch. Se sin, sou de Jos. Meyers (1900-1964), gebürtig vu Rodange, dee selwer e grousse Museksfréind an Dirigent vum Lampertsbierger Kouer

wor, am Vollekstoun mat engem Aschlag an enger gewësser Vollekstmusek vun der noér romanëscher Kulturwelt. An der Festgof nennt de Jos. Meyers: «Noël (Enfant Jésus, divin sauveur — 1915); Krëschtlidd: Jesus-këndche kleng an arem; Soldat du Christ; O vierge titulaire», dat e lëtzebuergeschen Text kritt huet: «Zur Tréisterin vun de Bedréisten».

Der JEECiste Sektioun Ste Barbe vun Diddeléng huet en d'Lidd «Éiweg trëix a fir déi Äischener «Himmelsräich an Erdeland» getext a komponéiert; dann e Willibrordus-Lidd fir d'Willibrordusfeier 1939 geschriwwen a komponéiert, dat op enger Onofhängegekeetsfeier am Diddelenger Pensionnat opgeféiert gouf.

De Victor Neuens, deen eng Rei Artikelen iwwer «De religiéise Gedanken an eiser Dichtung» an der «Heimat und Mission», Zäitschrëft vun den Herz-Jesu-Patre vu Clairefontaine vir an nom Krich publizéiert huet an doran dem Harry Godefroid séng Wierker opzielt, gin och séng Graflidder genannt vun denen eent do ze liesen as. — Grad esou fënt een do Lidder an Usprooche fir Primize genannt wéi: Fir eng Neimass (1925), Weis unni Numm (am «Lidderschaz» vum Matternach), erweidert a polyphonesch harmoniéiert fir gemëschte Kouer a fir Männerkouer, Text a Musek vum Godefroid.

De V. Neuens zitéiert dann als Religiéises nach e «Caritassproch» op enger Hochzäit virgedroen; dann «E gudde Giärtner, zum ofscheid vum Här Paschtouer Gelhausen» (16.9.1934), «E Gebiet» (am Gedenkblat zur Feier vum 70. Joresdag Willy Goergen; «Trëi am Glaf» — Ballad); «Brautgesank» (Duett — Wieder aus dem Buch Ruth I. 17/17). An dc «Wakelterkieren II», stin: Soldats du Christ, Sankt Barbara, La tombe».

Loosse mer dann hei séng Iwwersetzung vun Gebieder, dem Vater unser, Gegrüßt seist du Maria, Glaube festiglich, Dëschgebieder, Psalmen, Dies irae ernimmen...

Déi schwéier an haart Aarbecht vun de Biergarbechter a Schmelzleit huet hien an de Lid-

der «Héiert de Klang, Den Erzmann, Les mineurs et les rouleurs de fond» geéiert.

Opbekannt Volleksweisen huet e Lëtzebuerger a franséisch Texter wéi «Héiert de Klang, Toutes les roses, De Wuechtposten» gemat. 1938 koumen zwec Lidderhefter (Dréckerei Fr. Faber, Miersch) an denen hie séng Éislecker Hemecht muskalesch liewe léisst, Titel: «Vun Héichten an hanken, aus dälten a sanken». — D'Muscl koum a sénge Lidder och nüt ze kuurz: «Belle Mosellane; O groussen Dionysos; O Moselland, O selig Land; Moselzauber».

Sou as déi kleng an déi grouss Hemecht a sénge Lidder nüt vergiess. Se séngt an: «Du hierrecht hemechtsland; Lëtzebuerg, du Stad voll Rouscn; Didlénger Hemechtslidd; Réidénger Hemechtslidd (dat lescht als Facsimilé an der Festgof 1951 S. 29). — Dér Chorale de Lamadelaine dédiéiert hien d'«Marche Magdalénicenne». De Siggy weess an «Dialektdichter an Onofhängegeket» (1939, S. 37) vum «oncmiddlechen Dialekt — an Toudichter Godefroid», vu véier patriotische Lidder: «Treiz zum Land», «Fredeg frei»: «O du hierzept Hemechtsland»

Den H. Godefroid wor frou, datt den N. Biwer sénger Lidder an de «Gaudeamus» opgeholl huet (2. Oplo / 1929. Anhang): D'Musck (Volksweise, Text Godefroid); Pour la clôture des classes; Fredeg frei; Primiz (Begeschtert Festgedanken.)

Et sief op d'«Festgof 1961» higewisen, wou séng Lidder a Kompositiounen (S. 36 a 37) opgezielt sin, dái iwregens och a sénge Publikatiounen opgezielt sin. Kompetente Leide bleift et iwwerlooss séng musekalesch Aarbechten z'analyséieren, hei soll et duergon dér e puer opgezielt ze hun.

Et heescht vun him, datt e ganz grëndlech a genee, souwuel an der Schreibweis wéi musekalesch, wor. — Ec Beispill sief hei ernimmt aus deem ee gesait wéi wäit hien och a séngem Fuerschen engem Vollekslidd nogaangen as, dat an enger Etüd, sou kann een et nennen, déi am «Luxemburger Wort», den 10. Mee 1938, an der Rubrik «Der literarische Teil»

mam Titel: «Musek, danz a gesang» steet. Hie geet doran der Spur no vum Lidd «Quadrille» am «Singendes Volk» vum Mathias Thill (No 206, S. 449/450), dat, no e puer lëtzebuergeschen Ufanksversen, franséisch zersongener huet, déi hien no laangem Sichen ricteg rekonstruéicre konnt.

Et as e Lidd, dat de M. Thill opgeschriwwen an d'Madame Besch-Oberweis vun Hesper him de 14.5.1934 gesongen a gedanzt hat. Well et alt e Fuerscher vu Vollekslidder interesséiere kënnt, welle mer hei den Text bréngen:

*E Fréind vun enger Schäppchen
as d'Lidderfrau bekannt,
vum héijen Zolwerknäppchen
bis an de Muselstrand.*

*Do bléien d'Bloumen iwerall,
a Schnéi läit op der Gaass,
an d'Lidderfrau an déi bleift hei
a spiltt op hirer Baass:*

*Très jolie,
peu polie,
possédant ma gramago (?),
l'un plus foele (?)
faut en goele (?)
tel était ma damago (?)*

(Notiz: Der französische Text ist unverständlich.)

Hien huet eraufond, datt et e Lidd wir aus der Oprett «La Fille de Madame Angot» (1872), an dräi Akte, Wiederer vum Clairville Miraudin a Victor Koming, Musck vum Charles Lecocq (Paris 1832-1918). De franséischen Text as do:

Très jolie / pas polie / possédant un gros magot / pas begueule / forte en gueule / telle était Madame Angot... E freet: Wouhier ouwer de Vers: «L'un plus foele» hierstaamt, dat wir schwéier festzestellen. As d'Wuert «foele» vleicht aus der zwéiter stroph eriverghol gelaf. Déi huet nämlech: «Folle et gracie / elle brave / Italion, tempête et fagot...»

Wat dem Harry Godefroid niest dem Gesank an der Musek uewe loug wor eis Sprooch an (iwwerhaapt) d'Litteratur. Et as schwéier ze soen, wat fir enger Disziplin hien d'Prioritéit

wollt gin. Wollt hien n t duurch d i dr i jidderengem alles esou mondsgeriecht maachen ew i m iglech? Et kann ee soen, hien hat sech dora verbass, als Mensch, als Schoulmeeschter. Vu Kandc n un hun d i dr i Saachen an him geschafft.

Dohecm, w i hie mat s engen Elteren nach an der Belsch am Kuelebass ng — zu L ck, schrift en (I. 65) — gewunnert huet, gous L tzebuergesch geschw t. S nger Mamm hir Sprooch, d i vun  aspeler, s engem Papp s eng vu L llgen, worn him n t friem, grad ew i dat wallounesch aus deer G igend vun Tilleur, wou en an d'Schoul gaangen as: si weisen sech all a s engen Artiklen iwwer d'Sprooch.

«Vu lezeburgeschen elteren am Wallo'nesche gebuer, hun ech doh m als kand zwe'n dialecte gele'hert: e'sleker an z ant-veither — als bo'f ob der str ss bei de camer de wallo'nesch, an der scho'l fransc'sch. Dat m eng mam mech schon h udeitsch gele'hert huet schreiwen a li sen, e'h ech an d'scho'l si g ang, w ll cch emol n t matrechnen. Spe derhin hun ech mir nach englesch an italic'nesch gelesen. (An: National w rter. E «w rtvolle» bei'drag. Spr ch an dichtong. — Jong-Hemecht. Hcft 6. Juli 1936. Jg. 10. S. 180)

Ee Wuert n mmen hei zu s enger Sprooch. Do as hien am S nn vun deer Z it, an dem Siggy wuel zc L if, datt dat Stater d'«Landessprooch» wir, wann cen do c.a. «ons, nur, schon, gicr» f nt; den C.M. Spoo hat dat 1896 och ewell esou gesin a virgeschloen.

Deen Anktem ( ifer) fir Sprooch an Hemecht musst c bal an d'«Nationalunio'n» dreiwen.

W ini datt e nu Kontakt mam Siggy (Dr. Lucien Koenig) a s enger «Nationalunio'n» kritt huet as n t op d'Jor genee festzle n, D'Nationalunio'n huet de Siggy jo 1910 gegr nnt (doriwwer an: Jong-Hemecht — 1927 «De' jongletzeburger oder nationalistesch Dichterscho'l» an d'«Nationalinstiut»). Jiddefalls wor de Godefroid an denen  isichte Joren do derb i, wou en och  erdeg mat geschafft huet. Hie schreift s engem Kol-

leg Nic. Pletschette de 14.1.1929 an engem Br if: «Ech muss der n mlech soen, dass dee Schoulmeeschter, deen an der «Natioun» 1917 (Z tschr ft) esou kr fteg fir d'L tzebuergesch an de Volleksschoulen agetratt as — ech selwer wor». Dann nach:

«Ech bun dat (L tzebuergesch) n mlech verlaaingt fir d'ganzt Schoulwiesen: Prim r, Oberprim r, Ows- a Mettelschoulen». (Lucien Koenig: Auf dem Wege zu einer Grammatik der Luxemburger Mundart 1. 1928 S. 63).

No engem Br if vum L on Senninger as den 1.8.1919 d'Grupp vun de Jongl tzebuerger Dialektdichet no engem Jor er em beience komm, dee bis dohin den offiziellen Numm «Dicks-Lentz-Club» hat a sech vun dunn un «nationalistescht Institut» nennt a wollt eng Grammatik an eng Schreibweis schafen: «Die ausw rtigen Mitglieder der Arbeitsgemeinschaft wurden von diesen Beschlissen ver ndigt und nahmen lebhaften Anteil an den neuen Bestrebungen, ganz besonders Herr Godefroid, Lehrer in Rodingen, Pr sident des Vereines Haus a Schoub. Herr Godefroid hatte sich von jeher mit dem Rechtschreibungsproblem befa st; es war ihm also ein leichtes dem National Institut tolle Winke und Fingerzeige geben zu k nnen. Dies tat er denn auch in nachstehendem Schreiben» (ibd. S. 63).

An deem Br if, op fransc'sch, datiert vum 27.8.1919, m cht de Godefroid dann eng R tsch Virschl i fir eng Schreibweis. D'Schreibweis vum L tzebuergesch wor fir hien dat «N idegst vun der Welt», k nnt ee soen, well hien huet sech do derhannert gespaant w i e Besiessenen.  mmer an  mmer er em dru gefeilt a ge nnert an 1936 am Verlag Meyer & Huber vu Peit ng eng Brosch r mat der «Leceburer Schreibweis», 14 S iten erausgin, an an der Jong-Hemecht (12. an 13. Jg. 1938-1939) eng R tsch Artiklen doriwwer bruecht.

An der Festgof (1961. S. 45 bis 54) kann een, dee sech derfir intressiert, s eng Viirschl i noliesen, wou als «Bemirkong» steet: «D'opstellung vun de regele fousst ob de stu-

dien vu verschide wierker iwer sprôch a schreft.»

An der zweter Scric «Vum Schlapp op d'Schlappen» schreift hien am: «Egeleetwurt zur zwêter serie. — Beim liese vu méng skizze kann all mënsch feststellen, dat méng schreibweis vun ancre bekannten orthopraphen ofwei'cht. Dât huet mir verschide critiken agedron; trotzdem ech bleiwen derbei? nach me'h: ech verlängen eso'guer fir méng schreibweis allgemeng gëltgkeet — natürlech némén eso'weit ewe' mei' wurtschaz a méng au'ssprôch der Iccebürger koine entsprièchen...»

Iwwer d'Schreibweis kënnt an der «Natio'n» vum 13.8.1920 dann en Artikel vum Dr. Ernest Platz, Lëtzebuerg, Privatdozent zu Freiburg/Schwäiz mat sénge Propositionen op déi den Harry Godefroid als eischte ripostéiert (Natio'n 20.8.1920). Séng Menong wor grondverschidde vum Platz sénger.

Datt nüt jiddercen dermat averstanc wor, dat beweist nach e Bréif vun engem Abonnént op «De Fuendel», deen d'Nummer duerwéinst erëmschéckt. (Jong-Hemecht, 1939, S.265).

Et worn dér awer och derfir wéi et am «Iux. Wort» (Jong-Hemecht 1939, S. 125) an engem Artikel heescht (Die Sprache der Heimat im Jubeljahr 1939 — wuel vum Pierre Grégoire) «Es gibt zwei Möglichkeiten zu einer offiziellen Schreibweise zu gelangen; entweder wir anerkennen und stilisieren die traditionsgeheilige Schreibart mit all ihren Mängeln und Unzulänglichkeiten oder wir gehen radikal vor und lassen eine wohdlurchdachte und vollständig neue, doch alle verpflichtende Orthographie zusammenstellen. Und hier möchten wir nachdrücklich darauf hinweisen, daß die Vorarbeiten zu dieser Neuordnung bereits geleistet worden sind. Herr Harry Godefroid aus Rodingen hat in dieser Hinsicht eine bewundernswerte Tat vollbracht, die unserer Ansicht nach die Grundlage für das Endgültige darstellen muß. Über gewisse Einzelheiten und Besonderheiten könnten sich gegebenenfalls die Vertreter der Regierung einig werden. Jedenfalls sehen und begrüßen wir

in dieser auf den ersten Augenblick überraschenden Orthographie die bestdurchdachte seit je. — Um die Abgewogenheit und ruhige Schönheit ihres Druckbildes zu beweisen, hat der «Freundeskrcis» beschlossen sie in einer großen luxemburgischen Anthologie der Heimatdichter seit 1839, deren Vorarbeiten bereits abgeschlossen sind und die im Laufe dieses Jahres erscheinen wird, zur Anwendung zu bringen. Die Anthologie verfolgt also den doppelten Zweck: die Entwicklung der luxemburgischen Dichtung — mit Ausnahme der Theaterliteratur, die in einem Sonderband behandelt werden soll — seit 1839 aufzuzeigen und für die Einheitlichkeit oder rasche Vereinheitlichung der Schreibweise zu werben.»

Loosse mer hei direkt festhalen, datt den Harry Godefroid déi Anthologie an der Aarbecht hat, déi awer nüt gedréckt gin as; se gët an der Festgof 1961 (S.36) als Manuskript zitiert.

D'Schreibweis wor also *eentvu* séngen Uleies, hien huet se fir gutt an iwwerluegt ugesin a se an enger Konferenz verdedegt. (Jong-Hemecht, Jg. 12, No 1, S. 7 an 8). Mä sái gudde Wellen a séng laang Aktivitéit dermat huet keng Unerkennong fond, well wéi 1940 eng Kommissioun eng Schreibweis fir d'Lëtzebuergesch festzeleén hat, déi vum Minister Nic. Margue genannt gouf, wor den Harry Godefroid nüt derbäi.

Deemoools wore genannt gin: Jean Feltes, Ernest Ludovicy, Josy Meyers, Hélène Palgen, den Drécker a Stadgembengerot Dr. C. Kasel; vun den Dichter de Léon Berchem, Franz Binsfeld, Max Goergen, Josy Imdahl, Lucien Koenig (de Siggy) an de Jhempi Welter (dcn Théricte); Präsident war de J. Feltes. Et léichen du zwéi Projet-en do, ee vum Franz Binsfeld an ee vum Pol Jost. (Jong-Hemecht 1940, No 1/2 S. 22). An der Jong-Hemecht No 3/4 1940, S. 62 heescht et dann: «Am meisten beachtet und beanstandet wird an der Kommission selbst der Umstand, daß die Veteranen der Luxemburger Rechtschreibung biseite geschoben sind. Namen wie Nic Welter, Isidor Comes, Batty Weber,

Godefroid u.a.m. sucht man vergcbcns...». Den Harry Godefroid hat awer n t n mme *s ng* Menong iwver d'L tzebuerger Schrifweis, hien hat och eppcs un deer frans ischer an d itscher auszesetzen.

Et duerf ee bchaapten, hien hat e s nnerleche Spaass drun. «Ech hu m ng ege frans isch a m ng egen d itsch schrifweis» schreift hien dem Kolleg Nic. Pletschette de 16.11.1937 an e fiirt virun «wat l it mir un de Best mmunge vum Hitler a vun de frans ischen Akademiker. Si k nne mir de Bockel eroflafen...» De Pletschette m cht en op eng Kritik an de Cahiers Luxembourggeois opmierksam an de Godefroid  ntwert: «Ech son him scho bescheid iwver d'graphie, n t eleng iwer d i lecebursesch, ma och iwer d i frans isch an d i d itsch. Well — wann s du et n t solls w ssen — ech hun ewell och m ng ege frans isch a meng egen dcitsch schrifweis...»

Hien expliz iert dat dann och (III. S. 40/41), c if doduerch e s llechen Z it spueren.

Dem Godefroid *s ng* Schrifweis fir d'L tzebuergesch wor guer n t esou ze verwerfen. Et si ganz gutt Iddi n dran, *hie schreift alles kleng*, ausbehalcn Egennimm, de Sazufank asw. An esouguer si verschidde Ponkten derun an deer Schrifweis, d i mer haut hun; — en Dauereschued, datt fir den Dictionnaire dat n t ugeholl gouf, fir och alles kleng ze schreiwen an domat engem Koup M sslechketen aus de F iss ze goen, M sslechketen, d i den Harry Godefroid als Schoulmeeschter deemools an der Schoul musst feststellen (haut och nach!), wann d'Kanner sech mat deem groussen a klenge Schreiwen am D itsche mussen er emschloen.

Ouni elo m i op *s ng* Schrifweis anzegoen — en huet st its dru verbessert — sief jhust ernimmt, datt hien d'Apostrophen ofgeschaافت a virgeschloen huet amplaz e', o', ei, o  ze schreiwen; «*mir hun de laut  ,deen d i D itsch mat   bezeichnete guer n t*» (*Br if un den N. Pletschette 28.9.1936*).» (Den « » as jo och aus dem L tzebuerger Dixion r verschwunden.) An engem anere Br if un den Nic. Pletschette vum 16.12.1938 schreift hien, datt

hien zjor den «Hiob» iwwersat a *s ng* eischt Schrifweis opgin h tt, sou den iwwerm iseg Gebr ach vu grousse Buschtawen; hien as g int den   fir den e, -  fir  -, Apostrophe beim i an u, dat «as onn ideg a l cherlech»; entz nt sech iwver d'Kritik...» leit... d i am fong n ischt mat schrifweis ze din hun... d i n t verqu ssen, datt *ech* dat alles erausfond hun...»

Souvill doriwwer. En anerc Ponkt fir deen en sech an d'Str ng geh it huet as dee vun der «Ber icherung» vun eiser Sprooch. Hie mengt, datt d'Iwwerhuele vu friemen Ausdr ck a Riedensaarten n mmen an cenzele F ll eng Ber icherung vun «onsem Sproochgutt wir». An: *D'Dichteren a Schriftsteller hun d'Sprooch ze ber ichern, n t d'Leit, d i bis haut an deem S nn n ischt gelescht hun*. An Artiklen am «Volksblatt» (1934) huet e *s ng* Menong doriwwer gesot. (Br if un den N. Pletschette 6.12.1935). Hie g t wuel zuo, datt mir misste friem Ausdr ck gebrauchen; fir «forchette» k nnte mer *ciessgafel*, *deschgafel* oder *gafel* oder *greef* soen...»

Dosir as en nun och n t mam Dicks averstanen, dee *s nger* Z it jo dem Lentz geschriwwen hat, datt den Zolwerkapp kee Parnass wir. Wann hien haut nach do wir, da br icht e sech keng Suergen iwver d'«Ber icherung» zc maachen, «se f nt vun Dag zu Dag statt»; et sief am dagdcegleche Gespr ich; et sief am Radio — iwver deen hien sech deemools ewell g iergert huet. — A wann hien dat cr ischt g if liesen, wat an der Chamber geschwat g t - d'Politiker hat en esouw isou um Napp — da g if e s cher d'H nn iwwerm Kapp zesummeschloen. — Hie wollt d'Sprooch ber ichern an eng Kultursprooch draus man. W i d'«Nationalunio'n, Nationalinstitut» — hie wor 1926 Eierember (Jong-Hemecht No 2. 1927. S. 23) — oder och nach d'«Akademie» souzesoen  nnergaangen as, d i de Siggy dirig iert huet, as 1936 d'H MECHTSSPR CH gegr nnt wor.

An engem Br if un de Kolleg Nic. Pletschette schreift hien (16.12.1937), datt si n mmen zu dr i waren, d i den 31.7.1936 beienee komm sin, fir en Opruff opzesetzen; «dat woren de

Braun, de Wies an ech». Et sollt dann dono an enger Versammlong de Programm opgestallt gin. Dee Veräin «Hémechtssprôch» as offiziell den 30.4.1937 gegrënnt gin, Datum op deem d'Statuten am Memorial publizéiert sin. Den Hary Godefroid stet do de 24. an der Rei vun de Grënner als pensionnierte Schoulmeeschter vu Rodange, an as am éischte Comité. Nieft him sin et nach: Adolf Berens, Nicolaus Wampach, Leo Berchem, Lucien Koenig, Johann Peter Braun a Ferdinand Wirtgen. — An der Veräinschronik vun «D'Hémechtssprôch, Vereinsgof 1939», gët erzielt wéi et dozou komm as.

«Den éischten Ustouss ...as ausgaang vun etleche begeeschterte Frënn vun onser schéiner Hemechtssprooch (A. Berens, J.P. Braun, H. Godefroid, Nic. Pletschette, Léon Senninger) no der feierlecher Inauguratiounssëtzung vun der sproochwëssenschaftlecher Sektion vum Groussherz. Institut zou Lëtzebuerg, den 21. Heemount 1936. Nodeem se där Sëtzong bâigewunnt haten, waren se nämlech cestëmmeg der Usiicht, datt nieft deer geléierter Kürperschaافت, där hir Missioun an der Sammlung, Fixcicrong a philologescher Erfuerschong vun onsem geschwate Wuurtschaz, an engem Wuurt der Zesummestellung vum geplangte lëtzebuer-geschen Dixonár aus deem, wat schréftlech iwwerliwwert as wéi och, wat am Monn vum Vollek fortbesteet, nach eng méi literaresch Instanz noutwenneg wir, déi sech mat der lie-weger Sprooch selwer a Ried a Schréft osgéif, d.h. fir d'Unerkennong, d'Verbredong, den Ausbau, d'Versetzerong, Beräicherong a.e.f. vun onser Hemechtssprooch ze suer-gen, hir déi Plaz am Häerz vun der Natioun an am öffentleche Liewen ze verschafen.» — Am éischte Comité, et heescht «Vereinsrot», dee gewielt gouf, wor den A. Berens, Präsident; den Hary Godefroid, Vize-Präsident; den Nic. Wampach, Sekretär; de Leon Ber-chem, Caissier an dräi Membren: Lucien Koenig, J.P. Braun a Ferd. Wirtgen. Zitécire mer nach aus deem Artikel vum A. B(erens): «t versteet sech vum selwen, datt d'Lëtzebuergesch och d'Sprooch vun onser Gesell-

schaft as, souwuel fir de schréftleche Verkéier vun de Membren énnerenaner an déi offiziell Schriftsteller vum Veräin, wéi och fir all Drocksachen a Publikatiounen, déi vun hinnen ausgin, souwält nüt wichteg Grënn deem entgéint sin. Den Ausbau, d'Beräicherong, an d'Verfeincrung, vir allem d'Purhett vum Lëtzebuergeschen, an engem Wuurt, d'Ausbildong vu Schrift-, Literatur- a Kultursprooch soll bestänneg d'Suerg vun onsem Veräin sin.»

De Veräin as houfreg op déi zwou Feiere vun 1937, déi eng fir den C.M. Spoo (Jorhonnertfeier (*1837, †1914) an déi aner fir dem Willy Goergen séng 70 Jor. Fir déi béid Feieren huet den Hary Godefroid zwou Publikatiounen opgesat an denen zwéin hire Verdéngscht betount an als Dichter vun der Lëtzebuerger Sprooch op en héien Troun setzt.

Der Festgof zur Jorhonnertfeier vum C.M. Spoo gët hien den Titel: «Um Parnassos; eng heroïd», mat enger Dédicace «Dem undenke vum hemechtsgetrice Leceburger sproch-meschter, dichter, schreiwer a riedner C.M. Spoo», an him séng Opwaart am Olymp mécht. Fir de Willy Goegern huet en: «Lider-klank an Hemechtsdank» verfaasst. (Al-lebéid e Sonnerrock aus dem Luxemburger Wort 1937).

Sou, wéi an der «Hémechtssprôch» geschafft gouf, dat as dem Godefroid nüt gaangen. E bedauert, datt et kee Fortgang op dene Ponkte géif, déi (him no) uewe leie missten. Doriwwer schreift en nees dem Kolleg N. Pletschette (16.12.1937): ech hun en onverzei-leche Feler gemat, datt ech 1936 de Präsidentenposten nüt ugeholl hun ... dann hätt de Veräin an der Aarbecht an deelweis am Drock: Schrifweis, Lexicologie, Syntax, Stil, Dichtong an Dictionnaire...; fir 1939 hätt hie virgesin: Schrifweis, Lexicologie, Gedich-ter, Christophorus...

Et heescht dann nach «Mettlerweil (1937) huet den neie Veräin «Hémechtssprôch» sech der Schrifweis ugeholl. Och d'Schafong vun engem ncien Handdictionnaire, deen iwarens scho ferrem an der Aarbecht as, gouf vir-

gesin: Lëtzebuergesch — däitsch — franséisch op neie Grondloen. Dobäi gin däreg Froen ewéi Schreifweis, Koinè, Beräicherong asv. *«impliciter»* geléist.»...

Et wor do vill geplant! Nun, de Veräin hat dach extra schéin Enveloppen a schéine Schreifpabeier, wou enner enger allegorescher Fraefigur (wuel d'Fra Dichtung oder d'Lëtzebuerger Sprooch, déi sech op e Wope stääpt an zwou aner cng Kroun driwwer halen) Spréch stin ewéi: «Liest a stodéiert vu wirklechen dichteren all wierk vu bedeitong. H. Godefroid.»

An engem anere Bréif vum 27.2.1940 schreift en: «ob ech am veräin hemechtsproch bleiwen hängt of vum ergiefnes aus e puer demarchen, dc' ech nach ze machen hun...». An der Versammlong vum 25.1.1940 wiron d'Féirer (Berens, Binsfeld, Zanen) nüt wèles eppes esou unzgräifen nom Art. 2 vun de Statuten. — Den 10. Mee 1940 wor et souweisou mat der «Hémechtssprôch» criwwer!

Et duerf hei nüt vergiess gin, datt 1924 d'«Luxemburgische Sprachgesellschaft (Gesellschaft für Sprach- und Dialektforschung» gegrënnt gouf, aus deer 1935/36 déi véicrt Sektion vum Institut gr-duc., Section de Linguistique, de Folklore et de Toponymie» gouf.

Déi Sproochgesellschaft hat d'Missioun d'Viraarbechte fir en ncien Dixionär ze maachen. Et wir dach bal nüt ze verstoe gewiescht, wann den Harry Godefroid do nüt matgemaacht hätt. (Hie gët am Jorbuch 1925

...mir hu keng êndeiteg bestemmt koine... (Aus aler an ncier Zäit — S.8.)

(Misst een nüt emol dorunner denken, fir déi ee fir allemol festzeelen, elo wou Lëtzebuergesch eis Nationalsprooch as, wou en neien Dictionnaire ausgeschafft gët? Wir dat nüt wichteg, fir no 1993? All Duerfdialekt an Eieren, mä soll een nüt festzeelen oder probéiere festzeelen, wat dann déi Koinè as. (d'Red.)

genannt, as awer 1929 nüt méi derbäi.) Et si vun do aus Froëbci an d'Land geschéckt gin, fir esouwuel d'Wuert cwéi de Laut z'erfaassen. D'Äntwerte sin awer nüt eragcreent, mä de Godefroid huet gäntwert. Et waren och deemools verschidde Sektionen geschafte gin, eng dervu fir Lëtzebuerger Litteratur a Sprooch an deer de Godefroid, nieft dem Comes, Berens, Imdahl, Koenig, Neuens, Stein, Thill, Wampach a Weber waren.

Et weess een, datt den Harry Godefroid iwwerall mat ugespaant gouf, — nüt eleng fir déi éischt Rodanger Braderie z'organiséieren, wou en als Merci eng Füllfieder geschenkt krut, «en echte Pelikan» (III. S. 41). — en huet souguer dene Réidénger Revuë (1924/25) geschriwwen. —

Hie wor am Organisationscomité vun der Harmonie Municipale de Rodange (1881-1936. — 2 — 9 — août 1936), an d'Broschür wuel ganz vun him zesummegesat gouf. Ziticiere mer:

«Ecole et famille qui entre 1917 et 1924 organisa maintes représentations théâtrales et qui avec le concours de la chorale «La Concorde», un groupe d'écoliers choisis et surtout avec le concours de 25 jeunes dames, exécutaires des chansons mixtes et d'une belle envergure fêta en 1919 la «Fête de la Délivrance». A cette occasion une cantate de ma façon instrumentée par M. Trausch fut exécutée sur la place du marché avec le concours de l'Harmonie Municipale de la Concorde, des 25 dames précitées et d'un grand nombre d'écoliers.» (p. 14)

Fir d'Broschür fir d'Aweiung vum neie Stadhaus zu Péiteng, de 15. Mee 1938, zesummenzesetzen («als literat und ehrenlehrer») wor hier de Mann aus deer mer dee Bäitrag vun him «D'lëceburgesch an der gemeng Peiteng» nenne wölle.

Hien huet, wéi et schéngt, d'Festkantat geschriwwen, déi de Pol Albrecht a Musek gesat huet. — Et as esouguer en Artikel vun him dran iwwer: Wirtschaftliche Hebung der Gemeinden. Die Gemeinde Petingen, Notizen iwwer Péiteng. —

Hic bréngt doran d'Wenkersätz, d.h. et si 40 Sätz, déi den däitsche Sproochfuerscher Georg Wenker (*Düsseldorf 1832, †1911, deen den däitsche Sproochatlas ugefaang huet) opgesat huet, fir de Laut vun engem Wuert ueter dem däitsche Sproochgebitt feststellen zu können. (z.B. Leute; fir aïs: Leit, Lëtt, Leckt, Léckt) Den H. Godefroid setzt do fir déi Sätz déi Péiténger, déi Réidénger, déi Rollénger Lautong an, nieft der Koiné-form, déi hie vu sech aus fir richteg Koiné-ugesait an als «allgemeng lecebürger landsprôch» bezeechent. — A sollt haut een nêt mat deer Koiné-form averstane sin, da sin déi Lokalsproochen, no der Sprooch vu Leit vun do opgeschriwwen, dach elo e Sproochdokument, dat säi Wäert huet an den Ënnerscheid vun deemoos an denen dräi Uertschafte festhält.

Um sproochleche Gebitt soll och nach heiernimmt gin, datt vun him am «Bulletin linguistique et ethnologique» (fasc. I. 1953) e Gespräch vun ale Rodanger bruccht gët, déi nach welsch konnten: «Gabrielle et Melchior faillant un brin d'causette asenne». «Dët Gespräch as eng Prouf vum ale «Patois lorrain», esou wéi e bis wäit eraf an d' 19. Jorhonnert zu Rodange geschwatt gouf. De Melchior Pierre Delhez huet sech mat der Gabrielle Barthel-Desorbay ënnernhalen; hien huet d'Gespräch selwer opgesat. Den Harry Godefroid huet et (géint 1923) niddergeschriwwen.» (Notiz vum Jos. Meyers) (Et wor virdrun an der Festbroschür vum Gesangverän «La Concorde» 1924 ewell publiziéiert gin.)

Et as ewell ernimmt, datt den Harry Godefroid en «oncrmiddleche» Schreiwer war. Et goufen eng Parti Saachen opgezielt. De Lucien Koenig, de Siggy vu Lëtzebuerg, hält hie fir e gudden Epiker; de Fernand Hoffmann (Mundartdichtung, Band II. S. 143) mengt, datt hic kee Lyriker am eigentleche Senn wir. (Den Harry mengt et iwgens och nêt vu sech selwer!) Dat bescht wat en hanneulooss hätt wir a «Wakclerkieren» an a «Sangen a Laachen». Et sin apaart kleng «Verschnurren, Verse voll humoriger Lebens-

weisheit, Lieder im Volkston und Sagen mit balladenhaftem Einschlag.... Er besitzt eine große Leichtigkeit im Reimen, was ihn nicht selten zu icrem Reimklingel verleitete. Wo Godefroid höher hinaus wollte, wie beispielsweise in der Übersetzung des «Dies irae» griff er meistens daneben.» An deem Band kann een «De Méccejann» (S. 143), «Den Hauscierer» (S. 146), «Notär a Steekläpper», «Jéngsterdag», «D'lceburger» (S. 617) lesen. Zitiert gët de Godefroid dann esou grad ënner der Rubrik «Religiöse luxemburgische Mundartdichtung» (S. 226) a bei der «Jugendliteratur», a seng Aarbecht iwwer d'Schreifweis genannt.

An der Jong-Hemecht (9. Jg. 1934/35 S. 38), wou vum «Schlapp op d'Schlappen» eng Bespriechung steet (vum ---n.) liest een: «Godefroid ist, wie man sagt, so ein richtiger «Schauss», ein Alleswisscr, ein Tausend-künstler, ein Dichter, der an den «Konterbossegkeiten», den Widersprüchen und Unge-reimtheiten des Lebens sein Gaudium hat ... Ein Original, dieser Harry!»

Mä hie wor nêt émmer dee «Schaus», wéi hien sech dacks a sénger Gedichter gët, hic wor e Mann, deen d'Liewen och vun deer ganz eeschter (a religiéiscr) Sait gesinn a beschriwwen huet, wéi e.a. «Das Erbgut der Ahnen». Dat weist sech dach och an «Haus a Schoul», un der «Ligue des chefs de famille».

Säin éischt Bichelchen «Musek mat Butek», Humoristesches Deklamatiounen, as an der Bibliothéik vun der Lëtzebuerg Nationalunioun, 1923, Band 13. (Drock Worré-Mertens, Lëtzebuerg), 40 Säiten, erauskomm. Doranner sin en etlech humoristesches Deklamatiounen, déi virdrun ewell op eenzel Blie-der beim Linden & Hansen, Lëtzebuerg gedréckt wore gin, an der Serie «Lëtzebuerger Allerlee».

«Dat elei ass e Boch fir ê lâchen ze din», schrift den Dr. Lucien Koenig, Präsident vum Lëtzebuerg Nationalinstitut. An den Autor Godefroid setzt virop: «Alle Paschtóier, Koschteren, Uergelésten, Kouersänger a Ballegtriederen a Fréndschaff zouerkannt».

Am «Virwûrt» weist den Hary da séng Schaussegkcet, déi hei och fir aner Virwieder soll gellen: (Schreibweis vun haut) «Eng Sammlong ewéi déi elei, bräicht eigentlech kee Virwuert: well awer déi meescht Sammlongan eent hun, schreiwen ech deer elei och cent, fir dass se hire Schwëstere wéinegstens an deem Artikel e wéineg glächt.

Ween déi Sammlong elei keeft, dee soll s'och liesen, awer beileiben nüt ewech líinen. All Mënsch kann sech se ganz gutt selwer kafen. Ech hätt nämlech gier, wa vill Exemplare verkaaft géifen. Éischtens, fir d'Käschten ze dekken; an zwetens, fir Suë genuch eranzeckrénien, dass ech nach eng ancr kann drécke loossen. Dass dës Sammlong nüt déi éischt an déi lescht ka sin, gcsäis d'éréischt an, wann s de se ganz gelies hues. Déi Leit, déi an déser virkommen, sin nüt eleng op der Welt.

De Präis as och nüt héich, dräi Frang. Dat as d'Geld fir dräi Humpen, fir e Kaarli Branntewäin. Ech sin nüt houfreg op méng Sammlong; awer ech mengen, si wär émmerzou e Kaarli wäert. Nach eppes! Méng Sammlong as geschriwwen op lëtzebuergesch. Nun as bekannt, dass ons Leit déi franséisch Wieder alleguer gutt verstin, wann s'och keent richteg schwätzec kënnen. Déi houdäitsch Ausdréck verstin se scho manner; lëtzebuergesch awer bal guer nüt. Dofir hun ech um Schloss vun der Sammlong e Vokabulaire bâigefleckt, wou déi meescht schwéier lëtzebuergesch Wieder erklärt sin. Ech denken, domat engem d'cif gefillte Bediersnes entgéint ze kommen.»

Jhust e puer Wuert aus deem «Dictionnaire»: *Ellesonndeg*, ma fête, celle de vous aut' est quinze jours plus tard;

Drépsschlag eng Plaz wou den Edem stoegeet, wann en op séngcm Stack midd sätzes as;

Duxall, déi eenzeg Plaz an der Kirech, wou ee ka jäizen an haulen, unnéi datt de Schwäizer ce stéiert;

Framënsch, eppes, wat ee kann huelen, unnéi e Protekoll ze kréien;

Ech hu mer c Reimdictioonnaire — wéi den Dicks — ugcluegt, 40.000 Wieder.... dën awer kritt kën aneren dichter vu mir gcléint a wann et méi beste frend wär (I.S.52)

Chance, eppes, wat c Schoulmeeschter muss hun, fir en Examé mat Auszeichnung ze maachen;

Péiteng, en Duerf, d'Lcit kënnen nüt derfir; *Stëmmen*, eppes, wat een émmer anescht hätt misse maachen;

Talent, eng ofgeruffe Mënz; haut gëllen d'Zwanzegefrangstécker;

Politik eng Véikräntkt; befällt Päerd, Icselen, Ochsen, Kaalwer an anert Rëndvéi; Gåns a Pëlle kréien se rar; al Klucke schon éischter; triet némme periodesch op, meeschters all 3 Jor...

Bam, eppes wat c Maire gesat kritt, fir hannezo d'Leit drop ze joen;

Fra, eppes, wat de Péiter nüt op den Hänn kann droen, well et ze déck as, a wat de Pol nüt un d'Hierz kann drécken, well et ze däreg as...

An deem Heft sin dann och déi (bekannt) schausseg Grafschréfte wéi:

Vum Uergelist

Hei läit de Frinn, den Uergelist;
e war verréckt wéi all Artist,
wann hien um Sonndeg d'Mass gespillt;
d'Regeschtern huet en opgerass
da gung um Kouer der Daiwel lass;
en huct geroost mat Fouss an Hand
de Balleg kóum nüt no mam Wand;
am Himmel huet déi Päif e Lach;
do spilt en héichstens d'Tuesent nach.

Vum Dirigent

Hei läit deen, deen de Kouer geleet,
an d'Konschte beim Gesank gemeet
Den Toun huet hien heinidde gin;
do uewe kann e frau scho sin,
wann hie bei engem Engelslidd
alt d'Blieder auszedele kritt.

Vun engem Bretzert

Hei läit een an der Këscht vun Holz,
dee wor sou opgeblose stolz,
dass kcc Bekannte ka verroden,
wéi deen elei era konnt goen.—
An an dem klenge Lach dobannen
fir sech och Platz genuch ze fannen.

Vun engem Dokter

Hei läit een énnert dësem Steen,
déi meesch, déi leien hei duurch hien.
Wat hien dc Kranke virgeschriwwen
huet hinnen d'Liewespéng verdriwwen:
nun huet c selwer och séng Britt;
an 't as him nur säi Recht geschitt; hic
schléift nun och den éiw'ge Schlof,
well wéi ee sëndegt, as och d'Strof.

Vu mir selwer

Wa jéngster Dag d'Lcit operstin,
an dann hir Schrästen hei gesin,
da kréien ech der ganz gewëss
vu muencher engem al op d'Schnëss,
sou dass ech kromm a wond geschlon,
nët mat op d'lescht Geriicht ka gon:
an da muss dat vläicht fir e Krommen
zou gudder Lescht op d'Plaz nach
kommen.

Nieft dc schaussege Spréch an dene (laange)
Gedichter iwwer «Den alen Här vun Türrpen,
Eng Stonn Choral, Dc musekaleschen Här,
Um Ducksall, E gudde Sänger, De Méckejann,
Eng Andacht zou Rolleng, De Schoulbouf mat dc verwurelte Gedanken (Prosa),
Ons Lëtzebuerguer Wäiner», sief «De Ballegtrieder» ernimmt an deem hien, mat all
Begrëffer, déi mat Wand a Loft ze din hun,
jongléiert.

Ft as wuel richteg, wann de Fern. Hoffmann
vu «Reimgeklingel» schreift an datt den Harry
Godefroid cng Liichtegkeet hat fir ze «reimen». Hien hat sech jo e Reimditionnaire vu
40.000 Wieder gemaacht!

«An der Wirkstad vun de Jongletzeburger
Dichter». II. Deel (S. 120-128), Anthologic,
déi de Siggy (Dr. Lucien Koenig) 1927 eraus-
gouf, as bal dat sclwecht wéi am Band

«Musek mat Butek», wou e puer Gedichter
bäigesat goufen.

Ft huet bis 1930 gedauert, éicr nées eng
Publikatioun koum: «D'Wakelterkieren,
lider, gedichter, declamatio'nen». Et sin dräi
Bännercher déi bcim Worré-Mertens
gedréckt si gin. De Band I as «Fir déi kleng»
(50 S.); Band 2 «Fir déi jong» (55 S.); Band 3
«Fir déi al» (56 S.)

Déi dräi Bännercher sin dem «Siggy vu Lëtze-
buerg, onsem veréierte President a Frend-
schaft zo'erkannt» an denen Feschtes mat
Ironeschem, mol däitsch, franséisch a lëtze-
buergesch, ofwiesselt, wou ewell Publizéier-
tes an Auszich aus engem eugeneticschem
Roman «Das Erbgut der Ahnen», «Die Sänge
der Ungeborenen», Religiéises (Texter vu
Lidder — déi ewell ernimmt si gin énner de
Lidder) e.a. d'Bergalidd, De Réidénger Gno-
debur, Fabelen a Scércher, Geschichten, Ro-
manzen, Landwuel, Léift, Theater (Auszuch
aus: Nopeschkanner) opgeholl sin. An
engem laange Gedicht, an der drëtter Serie
«D'Fra Dichtung as krank», gin d'Litteraten
opgezielt mat deem, wat se geschriwwen hun,
wouraus ee gesi kann wéi den Harry Gode-
froid an der lëtzebuergerscher Litteraturwelt
Bescheid wousst.

Vum Harry Godefroid fent een, wéi och ewell
gesot, Artiklen an Zitungen, an Zäitschrif-
ten. Wéi d'Luxemburger Volksblatt (vum
Leo Müller, Haaptmann, féischt Nummer de
27.5.1933) — dee bis dohin Redakter am Lux.

Hary Godefroid gehört zu den Luxem-
burger Sprachforschern und Dichter,
die am meisten zur Popularisierung
unserer heimatlichen Literatur beige-
tragen haben. ...

Mit seinen Veröffentlichungen: Musek
mat Butek — Wakelterkieren — Vum
Schlapp op d'Schlappen — hat sich
Godefroid mit in die erste Reihe unse-
rer Mundartdichtung gestellt.
(Luxgb. Zeitung 28.3.1936)

Wort wor) erauskoum, huet den H. Godefroid munnech Artikle fir déi Zeitung geschriwwen, déi dann als Separatdrock erschéngé sin, wéi «Vum Schlapp op d'Schlappen». An denen dräi Bännercher «Vum Schlapp op d'Schlappen», déi hie sénger Fra zouerkennt, beschrcift hien all dat Dagdeeglecht, déi kleng Saachen aus séngem Liewen, cmol eescht, emol spaasseg-ironesch, mat Bemierkungen iwver dat Ronderém.

Hei as nees c Bewáis gin ewéi hien eis Sprooch kannt huet, déi engem Frénd vum Létzebuergesche Freed mécht. Dernieft as esouvill Folkloristesches a Soziologeschés mat dra gewieft a festgehalen, datt esouwuel Sproochintesséierter wéi Folkloristen (am gudde Sënn vum Wuert) dora münches schäffé kennen.

Et deet engem leed doraus nêt kenne ganz Auszich hei zc bréngen.

An deer Publikatioun «Aus aler an neier Zäit» (84 S.) déi als Editiounsror 1935 huet, d'Virwuert awer dc «4. lenz 1937» datíciert as, huct hien dem «Jules Kieffer, dem treie frénd vun der Hémechtssprooch, a verchrong zo'erkannt». Loosse mer soen, wat dran as: Carel de Gro'ssen a Berga vu Réideng (eng legend); De schalüssengen dokter (eng spaasseg Geschicht); Ons schrifweis, al a nei virschlc'; Berei'cherong vun der Lezeburger sprooch, nei virschlc'; E literaresche bréif un e lezeburger dichter; Musellidder: Moselzauber, La belle Mosellane; Zänt-Keidel; Erbei, op d'Musel!

Do heescht et c.a. Sait 11: «Ons schrifweis muss häptsächlech opgebaut gin ob de lies an de schrifgéscht vum dei'tschen a vum fransé'schen...» (Hie nennt déi zwou Sproochen op enger aner Platz: Germaine a Françoise). Dann nach: «*Mir kënne keng absolutége wéer aschlón; mirmussen ons un de liés- a schrifgéscht vun de culturspróchen hälén.* Gröndlech a wei'tgrei'feg reforme könne mir némme mat oder noh dén anere culturvölker durechfe'hren...»

Eng vun de leschte Publikatiounen as «Vun heichten an hanken aus dälten a sanken. En

albom Eísleker Lider», (Heft 1, 2, 1938. Faber, Miersch) wor séngem Éislek zouerkannt. Partituren an Eenzelstéimme vun en etlech Lidder konnt ee sech bestellen, Präis 1,50 Frang!!!

Als lescht as déi zweet «erweidert oblò vu Musek mat Butek» an dräi Scrië geplangt gewiescht vun deer némmen eng 1939 beim Worré-Mertens erauskoum. (56 S.)

Et wor ewell hei ernimmt gin, datt fir 1939, d'Jorhonnertfeier vun der Onofhängegkeet, eng Anthologie geplangt a vill Viraarbecht gemaacht wor gin. Si sollt den Titel: «Roußen, lilien a vioulen aus de lecebürger dichtergärden» krícen an «Dem gesamte lecebürger volek dohèm an dobaussen zoüberkannt an ugebuoden» gin. An engem Artikel am Luxemburger Wort vum 17.10.1939 énner «Der literarische Teil» schreift hic wat e mat deem Buch, deer Anthologie, wéles hat, déi vum decmolege Redakter Pierre Grégoire énnerstézt gouf.

«Fir ménger Sammlong deen Téitel ze gin, hat ech dräi Ursachen. Eischtens, wollt ech mat rout, wäiss a blo den Hemechtscharakter dervu betounen: zwetens, wollt ech undeten, datt nêt all Dichtongen draus vu gläichem groussc Wärt a gläichaarter Bedeutung sin: an dréttens endlech, wollt ech drop hiweisen, datt keng Brennesselen, keng Göftplanzen a keng Fräsccheinblumen derbei sin.

Ech hu méng Strauss och nêt némmen op vereenzelte Gewane gepléckt, ma zirnlech an allen Haaptgaarde vun der Létzebuerger Literatur...

Mäi Buch as awer keng Litteraturgeschicht, ma némmen eng Illustratioun derzou — an et soll alle Lieser e getreit Bild vun der Létzebuerger Dichtong vermittelten. Natürlech ower

Als «Candidat à l'Immortalité» man ech et och esou! Well ech sin och en ege-pánzer aus Genieland — och mir schmaacht némmen dat gutt, wat ech selwer iessen (I. S. 53)

nëmmen esou wäit, wéi Lyrik, Didaktik an Epik a Fro kommen, D'Dramatik, also den Theater, hun ech ausgeschloss. Duerzou hat ech verschidden Ursachen... Ech hun och keng «Rieden» (Priedegten, Usproochen, Festrieden, Grafrieden, akademesch Rieden asv.) opgeholl an och keng litteraresch Aarbechten — well déi Saache gehéieren och nöt an d'Gebitt vun der Dichtong...

Beim Sennere sin ech am allgemeine ganz streng virgaang. Als Kritiker sin ech — wei déi meest Lieser wëssen — «féng e rauwe Brudder», wéi de Rodange seet, a sin amstand deen zäertlechen Dichterpappen och ganz leis erausgefüizt Kanner mat bloe Blessen a roudc Schréien erém heemzeschécken...

Mat den Ufroen hat ech wuel e schéinen Erfolg — ower dach kee ganzen. Ech hun deen iwregens och nöt crwaart...»

Hien hat en Zirkulär un all déi geschéckt, déi e kannt huet a free am Enn vum Artikel: «Wie ka mer Opschloss gin iwwer déi Froen elei! Wie wor den Niky vum Zolwerkapp — dc Josy vun der Wolz? Wie ka mer Gedichter liwwere vum J.M. Kasel, geeschtleche Professer, St. Francis, Wisconsin USA, gestuerwen 1936? — vum J.N. Moes (Jan van Wyler, Latour Jéhan), ower Dichtungen déi sécher vun him sin - vum Philipp Knaff, gestuerwen a Clausen 6.12.1889, d'Geschicht vum Létzebuerger Kolléisch — vum Edmond Lentz — Thédy Printz — Emile Diderich — Charel Leyder - Charel Zcimet?»

Et sollt eng Anthologie, e Gedichtband gin, dee leider nöt ganz fäcrdeg gouf, s'as awer als Manuskript an der Festgof 1961 genannt. - Wat wor dërtëschent kormm, de Krich eleng?

En Artikel, «d'lecebürgesch an America» am Lux Wort vum 4.11.1937 énnér «Kleines Feuilleton», deen hien ewell zwec Jor do leien hat (Bréif un den Nic. Pletschette vum 16.11.1937) kann een ewell als Viraarbecht fir d'«Rousen, Lilien a Vioulen» ugesin, an deem d'Létzebuerger Dichter aus Amerika opgezielt a virgestallt gin.

Nieft deem wat hei als Broschüren opgezielt gouf, misst een nach méi no séngen Artiklen

an Zeitungen, Zäitschriften a Festbroschüre sichen. Hien huet jo an der Kannerzäitschrift «Morgenglocken» en etlech Jor säint bai gin. Am «Fuendel» (Unabhängige Monatsblätter zur Förderung und Erneuerung des nationalen Geisteslebens), déi den E. Platz erausgin huet, huet hien sech iwwer «Den Aarmutt vun eiser litterarescher Kritik» ausgelooss a schreift; «1) Si as häifig nöt objektiv; 2) Si as oft nöt selbstänneg; 3) Si as dack iwwerflächlech; 4) Si as meestens nöt oprichteg; 5) Si as munncch mol nöt fräimiddeg; 6) Si as dack selfsiichteg; 7) Si as hefeg parteilech; 8) Si as muench mol gehässig; 9) Si as mueschtendeels eesäiteg (Zitéiert no: Jong-Hemecht 1939 S. 265).

Munncches vum H. Godefroid as an der «Jong-Hemecht» (1926-1940) publizierte gin, aus deer och vill iwwer a vun him fond gouf; ouni d'Jong-Hemecht wir dëschen Artikel als Erënnerung un den Harry Godefroid nöt gutt esou méiglech gewiescht.

Un den Harry Godefroid hun déi Réidénger den 13. Juni 1992 samschdes an enger Mass geduecht, Blumme bei séngem Monument niddergluegt. Domat hien si gewisen, datt den Harry Godefroid nach nöt do vergiess as, wou en csou laang gelieft a gewuddert huet, undeen si awer och ewell 1951 crënnert haten, him 1961 d'Monument zu Nidder-Réideng gesat hun, hien, als Mënsch, séng litteraresch a musekalesch Aarbechten 1961, an der Festgof beschriwwen as.

Nach emol! Et deet engem ganz leed, datt et nöt méiglech wor méi an Zeitungen an Zäitschriften nosichen ze kënnnen, fir esou vill wéi méiglech sénger Aarbechten erémzefannen.

A woufir sollt nöt och emol dru geduecht gin sénger Bichelcher an d'Schrcifweis vun haut émzeschreiwen an nei erauszegin? Hätt hien dat nöt verdéngt? Dat wir dann den Noruff, deen am Krich nöt geschriwwen gouf an deer een eréischt 1949 an de «Vierteljahresblätter» (No 29-30, S. 93) vun der Sproochesektion vun engem Kolleg vun him, dem Franz Binsfeld, dee mat him an der «Hemechtssprooch» wor, opgesat, erschénge as. (Do steet, wéi

och soss op Plazen, Lenningen amplaz. Lullingen).

«Le 11 juin 1942, cinq jours après le décès de Willy Goergen mourut, accablé et aigri par l'occupation nazie, un autre grand ami et zélateur de la langue luxembourgeoise, Henri Godefroid. Travailleur infatigable, il s'est essayé à la fois aux formes les plus variées de la poésie; il cultivait de front l'établissement de la grammaire, la lexicologie, la critique.

...Sa vie durant, Henri Godefroid a milité pour le relèvement et l'épuration de la langue luxembourgeoise, aux fins de lui assurer les qualités de langue littéraire. Faut-il relever que par surcroît il possédait à fond les langues française et allemande et que, dans ses livres, poèmes luxembourgeois, poèmes français et allemands alternent d'une façon agréable et surprenante.

Ce souci de la langue du pays, toujours mis en vedette nous le rencontrons tout au long de son oeuvre... ce n'est pas trop dire qu'il est un des promoteurs les plus marquants du relèvement et de la conservation du parler indigène original. Ses nombreux essais, publiés au hasard des revues, font paraître un esprit critique avisé, une foi obstinée à l'avenir de la langue, et nous lui savons gré de toutes ces recherches de haute qualité.

Sa poésie, d'un lyrisme contenu, se distingue par la pureté voulue du vocabulaire, la simplicité et la netteté du rythme et cette douce harmonie qui donne une âme au paysage. Il est vrai qu'il n'aborde pas les grands problèmes tragiques, mais, adonné au culte du folklore et de la tradition, il se plaît surtout à dépeindre la destinée des humbles. Ce qui nous frappe surtout, c'est cette connaissance tendre et attentive du peuple.

La tournure de son esprit, hostile aux cénacles, était foncièrement individuelle et originale. On trouve chez lui de petits chefs-d'œuvre d'observation humaine, des histoires de petites gens, des tableaux de la vie de chaque jour, brossés d'une main alerte à bien des points de vue. Aussi fait-il montrer d'une prédisposition marquée pour la ballade et le couplet romantique avec des versets et des répétitions captivantes. Il donne des poésies variées, spirituelles et satiriques, épiques ou lyriques...

Il a développé un sarcasme acerbe – ce à quoi son style sobre et concis se prête à merveille de mordantes épithèses...

* * *

Et gouf sech laang opgehale beim Gesank, bei der Schreibweis, vlächt fir munchereen ze laang, mä well bei äis vill méi iwwer den «Ortograf» gestritten a gelidde gët, wéi iwwer d'Sprooch selwer, gouf gemengt deer Saach méi Plaz ze loossen. Dat Litterarescht hätt missen am Fong méi ze Wuert kommen, dat sief engem méi Geléierten iwwerlooss.

Et gong och alt emol «quiesch duurch de Speisgaart», mä dofir stäipc mir äis op dem Harry Godefroid séng Wieder am Virwuer «vum Schlapp op d'Schlappen», wou hien dat selwecht gemengt huet.

Ais as et drëm gaangen un e Mann ze erënneren, dee viru 50 Jor gestuerwen as; dee säi Bescht gin huet fir séng Sprooch a säi klengt Land. Mir sin him vill Respekt an e grousse Merci schölleg → iwwer d'Graf eraus... Mir sollen hien nät an de Vergiess komme loossen...

* * *

P.S. Vlaicht nach e Wunsch, wann der wëllt e Rot, un déi Réidénger-Rodanger. Si hate jo nach esou e Mann do, och e Schoulnreeschter, an nees en Éislécker, deem d'Lëtzebuer gescht grad esou uewe loug, gutt Gedichter, souguer, e Roman (Doheem — 1948) geschriwwen huet: de Ferd Gremling (* Holz 18.10.1901, † Lëtzebuerg 9.9.1970), deem zu Réidéng vun 1935 u bis no 1961 gelieft huet. Sollten se deem nät och emol zer Eier komme loossen?

* * *

Fir dësen Erinnerungsartikel gouf profitéiert vun:

Festgos zur Gedenkfeier vum Harry Godefroid, Réidéng, den 22.-24. September 1961. Deckel: René Collette. III. Jacques Dollar, René Steffen-münsberg, Pol Collette. Weber Léon: Harry Godefroid als Lehrer und sein Werk. Ir.K.: Harry Godefroid als Mensch: Weber Léon: Mein Lehrer und Erzieher, Harry Godefroid. Meyers, Jos.: Harry Godefroid und die Musik.

Lucien Koenig (Siggy vu Lëtzebuerg): Auf dem Wege zu einer Grammatik der Luxemburger Mundart. I. Teil. National Verlag 1928.
Lucien Koenig: D'letzeburger Dialektdichter an d'letzeburger Onofhängegkeet, 1939.

Lucien Koenig: An der Wirkstad vun de Jongletzeburger Dichter, 1927.

Hoffmann, Fernand: Geschichte der Luxemburger Mundartdichtung. II. 1967.

Molitor, Michel: Der Luxemburger Lehrer in schriftstellerischer Betätigung von 1815-1930. Verlag des Luxemburger Lehrerverbandes. 1931. S. 118.

Victor Neuens: De religieise Gedanken an eiser Dichtung. Hary Godefroid an: Heimat und Mission. 1939. S. 15-21.

Jong-Hemecht (1926-1940). (wou mer ganz vill erausfond hun)

Breíwe vum H. Godefroid u säi Kolleg Nic. Pletschette.

Déi réimesch Zifferen am Text I. II. III. gëlle fir d'Serie «Vum Schlapp op d'Schlappen».

E Merci dem Här Claude Meintz vun den National Archive fir seng fréndlech Hëllef.

Fir d'*Bibliographie* gët op déi an der «Geschichte der Luxemburger Mundartdichtung» Band II. 1967 (S. 965/6) vum Fernand Hoffmann higewisen, déi de Carlo Hury opgesat huet, an deer d'Publikatiounen vum Godefroid nëmmen opgefieriert sin, déi et an der Nationalbibliothéik gët.

An der «Festgof 1961 (S. 34-37)» stin niest de Publikatiounen och d'Manuskripter an d'Musekstecker. (Allecid nüt komplett.)

Wéinst der Plaz kenne mer déi söllechen Donnénen aus der Jong-Hemecht hei nüt bréngen, wou hie genannt, rezonséiert gët oder publiziéiert huet.

Grad wéi désen Erënnerungsbaïtrag souwält an der Dréckerei färddeg wor, si mer gewuer gin, datt an de Nationalen Archiven e sölleche vum Hary Godefroid sengen Artikelen a soss Saachen depoñiert sin, déi hien hannerlooss huet.

Hary Godefroid

Summernuecht

(um Tëtelbierg)
(Sonnett)


All Stiere blénken
 Um Himmelssall —
 Beim Waasserfall
 Schon Niwle sénken.

Vill Luuchte wénken
 Am weiden Dall —
 Mat luesem Schall
 Nach Lidder klénken.

”T as Schlofeszäit —
 D’Natur déi läit
 A stéllem Fridden; —
 Eleng verspéit
 Um Trausch donidden
 E Poufank schléit! —

Antoinette Delperdange-Kaber

Den ale Barn as Zeien,



Pe'l Schlechter

Vum klenge wäissen Haus
mam Daach aus purem Stréi
der Kummer hannaus
wou d'Hiewann wäermt grad d'Wéi.
De Papp hält d'Mamm mam Kennchen
voll Léift a séngem Aarm
Kuckt op dee klenge Männchen
an sou hält hien se waarm.
Versélwert Fénstre vun Äisblummen
déi glénnernen am Käerzeschäin
an zauberen eneg zesummen
Gléckfaarwen op de Schräin.
Eleng a frou geet d'Hiewann heem
gesat an d'Welt den lerwen.

Een duussen Teppich iwver Leem
d'Schnéiflacke flässig wieren.
Mä an deem grad erbléite Gaart
verwielte déi léifste Rous...
de jonke Papp hält onerwaart
säi Kand eleng um Schouss.

Verflu sin d'Joren no deem Wanter
de Papp kuckt op ee staarke Mann
d'elektrescht Lücht verdreift lo d'Lanter
mam Jong as d'Léift rém operstan.
Dono kritt d'Haus ee läen Daach
an d'Enkelkanner spullen
zefridden éinne bei der Baach
d'Freed kann de Pätter fillen.

De Bengel an der midder Hand
kuckt hien erop op d'Eech
gespillt, geklotert do als Kand
ém d'Häerz gét et him weech.
Si hun déi selwecht Joren
munch Kricher duerch gehal
getrotzt, gebruet an de Geforen
't wor batter, haart a kal.

An d'Vulle sangen am Eechelaf
mam Wand vun aler Zäit
vun haarder Aarbecht, Léift a Glaf
an nét vun Haass a Sträit.

Mëtt vum Summer

Hell stéet a wäiss
déi Wollek do
a ganz eleng

Hell séngt a souert
d'See am Duerf —

D'Klack zrässt de
Schmuelbeschfillécksbou
an d'Blieder dauschen
hu keng Rou —

war dat ewell émmer
sou?

(August 1992)

Summergléck

Wéi Waasser leeft
duurch Summerwisen —
Wéi Wand op bloe Koppe geet —

Wéi Sonn sech an den Éie wéit —
Wéi Wollek zitt a Färe wäit,

Esou laacht e Summerwonner mir,
esou laacht e Summergléck
an déngen Aë mir —
(August 1992)

GjpR.

René Kartheiser

D'Fro

Um Mound,
— esou gët behaapt —
as näisch;
kee Bam,
keen Déier,
nëmmme Stëbs
a Steng.
Elo stell dir vir,
du gäs ém e Fiels,
a wat gesäis de do ?
Eng Schlaang,
deer d'Gëftegkeet
am Gesiicht geschriwwen stät.
Vun Angscht wibbeln dir
d'Knéien.
An elo stellt sech d'Fro :
As et besser,
de Mound as dout,
duurch an duurch,
o d e r
as et besser
et gët Liewen do,
gëftegt,
gefëierlecht,
Liewen;
ma trotzdeem
L I E W E N .

Léon Blasen

Eng kleng Causerie iwwert d'Musek

25. Anniversaire vun der Rollénger (Lamadclaine) Musck, den 31. Mee 1992 — Festried gehale vum Léon Blasen (ëm halwer véier, am Proufsall vun der Musck)

Virun enger Zäit sin ech gefrot gin, fir iech haut de Mëttetg eppes Klenges iwwert d'Musek z'erzielen. Dat huet mer Freed gemaach, an ech hun et och gär ugholl. Mä wësst der, dat as guer nüt esou einfach, well iwwert dat Thema kënnt ee stonnelaang schwätzen. Dat Schwéierst as èmmer, fir een Ufank ze fannen. Ech duecht dunn, fank einfach mat deem Wuert «Musek» un. Ech hun dunn e bësschen doriwver nogelies, an ech hun du fond, datt d'Wuert «Musek» vun deem griichesche Begräff «Musikè» hir-kënnt. Déi al Griichen hu gesot, datt d'Musek ec Geschenk wär, dat d'Musen dem Mensch gemaach hätten. Wéini den Aus-drock «Musck» entstan as, weess ec bis haut nach nüt. Zur Zäit vum Homer sëngen Epen, vun der «Ilias» an der «Odyssee» (dat war am 8. Joërhonnert viru Christus), huet dee Begräff op jiddefalls nach nüt bestan. Hien as erësicht vill méi spéit opkomm: et war an der hellenistescher Period vun der griichescher Musek, dat war esou am 4. Joërhonnert no Christus.

Wéi den Noutendrock (S. 118) am 15. Joërhonnert opkoum, dunn as et dat Wuert Musck vun haut op muer souzesoen an der ganzer Welt gin an et gët zénterhier och bal an alle Länner gebraucht. D'Wuert Musck as ee vun denc weinegen Ausdréck, deen haut souzesoen an alle Sproochen dee selwechten as. Déi éischt Silb *Mus* op jiddfer Fall. Munnech Länner betounen d'Wuert op där éischter Silb, wéi z.B. hei bei äis: *Musek*, an England «*music*», an Italien «*musica*». Aner Länner betounen et op där zweter Silb, wéi z.B. d'Transousen: «*musique*» oder déi Däitsch: «*Musik*».

Ech wëll iech clo keng Lektioun iwwert d'Musek halen, mä ech géif awer drun

crënnener, datt een, dee sech fir d'Musek c bësschen interesséiert, wësse soll, datt et, vum Ufank un, datt d'Musek bestect, bis op haut ongefëier eng Dose verschidde Peri-oden oder Epoche gouf, (et kënnt een och soen, cng Bäckesch-Dosen) dat wären 13 Epochen, mee fäert elo nüt datt dat eng See-che vun der rouder Geess gët, neen, déi Zäit vu ronn 3000 Joér, huclen ech a knapp 6 Minuten erduerch.*

Et as *ugaang* mat där sougenannter «Antike»: dat war viru Christus bis an d'éischt Joërhonnert no Christus. Déi Zäit hu fir d'éischt d'Griichen an duerno d'Krëschtentum d'Musek dominéiert. Da kënnt de *Mëttelalter*, an deem jo de Poopst Gregor dee Groussen d'*Gregorianik* agefouert huet, dat as de Kär vun der kathoulescher Kiirchemusek. Nicwent där geeschtlecher Musek hun awer och am Mëttelalter d'*Minnesänger* an d'*Troubadouren* cng grouss Roll gespillt. Et kënnt dann d'Period vun der *Polyphonie*, der *Méistëmmegkeet* an der Musek an déi vum *Kontrapunkt*. Hei si mcr am 13. Joërhonnert. D'14. an d'15. Joërhonnert bréngen äis dann déi *flåmesch-burgundesch* Period; et as cng Zäit, wou souwuel déi geeschtlech as wéi och di weltlech Musek ganz staark gefleegt gët. Den Englänner John Dunstable war dëser Zäit awer scho viraus gaang. Dës flåmesch-burgundesch Period huet bis déis am 16. Joërhonnert cragereecht. Hei däcrf een nüt ze vergiessen, datt, wéi mer et scho virdrun uge-deit hun, géint 1500 den *Noutendrock* agefouert gouf. D'*Pianospill* huet duerfir och an der 2. Halschent vum 16. Joërhonnert ee groussen Opschwonk kritt.

Déi 5. Period an der Geschicht vun der Musek as déi vun där *réimescher Schoul*. Dat

Museksnoute vu fréier an haut



1-4 mittelalterliche Noten f:

- 1 Neumen f [11. Jh.]
- 2 u. 3 Choralnotationen f [12. u. 13. Jh.]:
- 2 die Hufnagelnotenschrift
- 3 die Quadratnotenschrift (Vierecknotenschrift);
- 4 die Mensurennotenschrift [14. u. 15. Jh.];

5-9 die Musiknote (Note):

- 5 der Notenkopf
- 6 der Notenhals
- 7 das Notenfähnchen
- 8 der Notenbalken
- 9 der Verlängerungspunkt;

10-13 die Notenschlüssel m:

- 10 der Violinschlüssel (G-Schlüssel)
- 11 der Baßschlüssel (F-Schlüssel)
- 12 der Altschlüssel (C-Schlüssel), für Bratsche /
- 13 der Tenorschlüssel, für Violoncello n;

14-21 die Notenwerte m:

- 14 die Doppelganze (früh. Brevis)
- 15 die ganze Note (früh. Semibrevis)
- 16 die halbe Note (früh. Minima)
- 17 die Viertelnote (früh. Semiminima)
- 18 die Achtelnote (früh. Fusa)
- 19 die Sechzehntelnote (früh. Semifusa)
- 20 die Zweitaktnote
- 21 die Vierundsechzigstelnote;

22-29 die Pausenzeichen n (Pausen f):

- 22 die Pause für Doppelganze f
- 23 die ganze Pause
- 24 die halbe Pause
- 25 die Viertelpause
- 26 die Achtelpause
- 27 die Sechzehntelpause
- 28 die Zweitaktpause
- 29 die Vierundsechzigstelpause;

30-44 der Takt (die Taktart)

- 30 der Zweiachteltakt
- 31 der Zweivierletakt

Aus: Bilder-Duden

war am 16. Joërhonnert, wéi Italien den Toun an der Musck ugin huet mat Leit wéi de Palestrina an den Orlando di Lasso. Duerno kënnt d'Reformatiounsätz. Dës Kéier gët Däitschland den Toun un. Erënneren mer némmen un d'«Leipziger Thomaskantorat», und d'Dresdner «Kreuzkantorat», un de Michael Praetorius, den Heinrich Schütz an un den Heinrich Scheidemann. Mä och den Englänner Henry Purcell, den Italiener Frescobaldi a virun allem den Däitschen Dietrich Buxtehude sin d'Meeschter vum 17. Joërhonnert.

Da kënnt d'Zäit vun der Oper an dem musikaleschen Drama.

Den Italiener Claudio Monteverdi, d'Fransouse Jean-Baptiste Lully, François Couperin a Jean-Philippe Rameau sin d'Begrënner vun der Oper. Et as och déi Zäit, wou dëc jonge Shakespeare séng éischt Stécker schreift. Déi 8. Period an der Entwécklung vun der Musek kann een d'Epoch *Bach-Händel* nennen. Den Italicner Corelli hat dës Epoch scho virbereet. Op dem Gebitt vun der Oprer waren et am 18. Joërhonnert den Italiener Pergolci an déi Däitsch Adam Hiller a Christoph Willibald Gluck, déi hei ee Stéck weider koumen. Da kënnt d'Zäitalter vun der *Symphonie* mat dem Haydn un der Spätzt. Dës Period gët och dacks d'*Klassik* an der Musck genannt, well jo an dëser Zäit och d'Haaptwierker vum Mozart a Beethoven entstane sin.

Duerno as et un der *Revolutionen* an un der *Romantik*. An der Revolutionszäit spilt de Beethoven och eng Roll mat sénger «Eroica». Nimm wéi de Cherubini, de Méhul an de Spontini mussen awer och genannt gin. Wat elo d'*Romantik* ugect, do heescht et allgmeng, de Carl Maria von Weben wär de *Chef vun der Romantik* gewiescht. De Carl Loewe mat sénge Balladen an de Franz Schubert mat sénge Lidder trieden hei och ervir. Zu Wien, wou dem Schubert an dem Beethoven hire Geeschtn nach nêt vergiess as, maachen de Josef Lan-

ner an de Johann Strauss aus der *Valse* ec klengt Wonnerwierk.

Déi 11. Period vun der Museksgeschicht mat hire verschiddene Stréimonge fällt an d'19. Joërhonnert. Iwwert de Beethoven, de Weben, de Berlioz an de Liszt eraus as et d'Joërhonnert vum Richard Wagner, vum Anton Bruckner, Johannes Brahms a Robert Schumann. Awer et as och d'Joërhonnert vun de Russen Mussorgsky, Tschaikowsky a Glinka. Och de Gustav Mahler hëlt hei eng bedéitend Platz an. Loosse mer awer och de Bizet, den Debussy an de Ravel net vergissen.

«*Die Moderne*» soen déi Däitsch fir déi 12. Period an der Museksgeschicht. D'Haaptvertriecer sin hei de Verdi, de Richard Wagner, de Puccini, den Hans Pfitzner, de Max Reger, dee franscische «Group des Six», de Paul Hindemith, de Frank Martin, de Kurt Weill, de Messiaen, de Joliver, de Petrassi, den Tippett, de Britten, de Rolf Liebermann an nach vill aner.

Als lescht Period kënnt een déi vun der «zäitgenössischer Musek» oder nach besser gesot, vun där «*Neier Musek*» nennen. Et sin déi Komponisten, déi an eiser Zäit liewen oder gelieft hun, also vum Ufank vum 20. Joërhonnert, an zemol déi vun 1920 u bis haut. Dat si Leit wéi den Hans Werner Henze, den Bernd Alois Zimmermann, de Karlheinz Stockhausen, de Luigi Nono, de Pierre Boulez, de Luigi Dallapiccola, de Gottfried von Einem oder den Henri Pousseur, fir dér némmen e puer vun denen éischte Meeschteren aus dëser Epoch ze nennen. Si schreiwen an engem Stil, deem dëser Zäit ugepasst as.

Domat hätte mer d'Entwécklung vun der Musek am Laf vun de Joërhonnerten an enger Kuurzaassung ofgeschloss. Mir hun als hei awer och némme mat där *eischter Musek* beschäftegt, mat der «E-Musik», wéi d'Preise soen. Et géif als an dëser Causerie ze wäit feieren, wa mer och nach géifen op d'Gebitt vun der «Unterhaltungsmusik»

agoen an op all déi Streimongen, déi mat hir zesummenhänken.

Mä eng Fro misste mer äis awer nach stollen an zwar déi hei: Wéi stong et mat der Musek *hei zu Lëtzebuerg* am Laf vun de Joérhonneren? Mir hun aus der *Réimerzäit* e puer Dokumenter, sou z.B. cc Mosaik vun Nennig, op deem eng hydraulesch Uergel, also eng «Waasscruergel» mat hirem Organist z'er kennen as odcr ee Medaillon aus dem Mosaik vu Monnus, op deem den Euterp an d'Agnis mat zwou Flütten durgestallt sin. Da's as awer och alles, wat mer iwwer dat musikalescht Liewen aus denen éischte Joérhonnerte vun eiser Zäitgeschicht kennen. Fe musikaleschen Text aus déser Zäit war nüt ze fannen. Wa mer et och nüt mat Dokumenter beweise kennen, dann huet Lëtzebuerg bestëmmt awer och déi gregorianesch Epoch materliert, an déi vun der Polyphonie, der Mästëmmegkeet an der Musek. Et hecscht èmmer, an der Zäit vum Karel de Groussen hätt d'Polyphonie sech an eise Géigenden entwéckelt, mat dem Guillaume de Machault, deen cc gudde Compagnon a méi spéit esouguer och dem Jang de Blannen sain Hauspoet war, huet d'musikalescht Liewen hei zu Lëtzebuerg cc groussen Opschwonk kritt. Et war déi Zäit vun de Volleksslidder an déi vun den Troubadouren. Och dem Jang de Blannen sain Jong, de Wenzel deen Éischten, huet d'Dichter an d'Musécker um Haff empfaang. Ènnert de Burgunder an ènnert den Habsburger, dat war am 15. a 16. Joérhonnert, sin d'Komponiste vu Léck an aus dem Hainaut a ganz Europa mat hirer Musek opgefall.

De Kontrapunkt, d'Harmonie an de Rhythmus hun hiren Héchstponkt an der Vokalmusik (dat heescht: an de Massen, de Motetten an de Liddere) vum 16. Joérhonnert erliest. Och an de Mysteriespiller, déi aus de Géigende vu Metz an Tréier op Lëtzebuerg koumen, gouf et Musck, déi aus dem liturgesche Gesank crausgeholl gi war. Dat selwecht kann ee vum Jesuitentheater aus dem 17. an 18. Joérhonnert soen. Well mer awer keng genee Donncën iwwer

d'Musek vun de Mysteriespiller an iwvert déi vum Jesuitentheater hun, welle mer dës Period iwwersprangen a gläich an d'19. Joérhonnert goen. Et war déi Zäit, wou déi éischte ausländesch Theatergruppen hei zu Lëtzebuerg Operen opgefouert hun. 1829 gouf dem Rossini sain «Barbier de Séville» an 1830 dem Carl Maria von Weber sain «Freischütz» an der Stad gespilt. An dem selwechte Joér huet eng «Philharmonie», déi just virdrun zu Lëtzebuerg gegrënnt gouf, d'Ouverture zu dem Weber séngem «Robin des Bois», eng Symphonie vum Beethoven an d'Ouvertüren zu dem Auber séngem «Muette de Portici» an dem Rossini séngem «Wilhelm Tell» opgefouert.

Et wär och hei de Moment, fir eisen éischte bekannte Lëtzebuerger Vollekssänger, de «Blannen Theis», alias Mathias Schou vu Gréiwemaacher z'ernimmen, deen déi Zäit séng bekannt Liddcher uechtert d'Land gesongen a gespilt huet, an deen 1824 zu Eech am Alter vu 77 Joér gestuerwen as.

Am 19. Joérhonnert huelen d'Garnisounsmusécken vun eisen Okkupanten eng grouss Platz am Lëtzebuerger Musckslicewen an. Et ware Militärmusécken déi zu dene preiscschen a brandenburgesche Regimenter a méi spéit, vun 1864 un, zu de Regimenter vum Rhain gehéiert hun. An der éischter Halschecht vum 19. Joérhonnert sin zwéi grouss Pianisten hei zu Lëtzebuerg opgetratt: 1845 de Franz Liszt an 1846 de Sigismund Thalberg. De Franz Liszt gouf och nach eng Kéier am Joér 1886 op Lëtzebuerg invitíert. Hien huet deemoos am «Casino» an der Ènneschtgaass gespilt, an et war sain leschten öffentlechen Oprétt, well zéng Deg duerno as en zu Bayreuth gestuerwen.

Ee wichtegen Zäitponkt an der Entwécklong vun der Musck hei am Land war d'Joér 1821, wéi den Henri-Joseph Cornély an der Stad Lëtzebuerg eng «Privat-Museksschoul» gegrënnt huet. Dës Schoul gouf am Laf vun de Joëre vun de Gemengenautoritéite vun der Stad Lëtzebuerg encouragéiert an och subventionéiert. 1845 huet d'Schoul den

Numm «Ecole de Musique Municipale» kritt. Den Antoine Zinnen war vun 1857 bis 1882 Direkter vun der Stad-lëtzebuerger Museksschoul, déi ec Virgänger vun deem heitege Lëtzebuerger Conservatoire war, deen 1906 gegrënnt gouf.

Mä loosse mer nach eng Kéier zréckgräifsen. Vun 1845-1850 sin no an no an der Normalschoul, an dem Kolléisch an och an de Primärschoule Musekscourën agefouert gin. D'Grënnong vum Cäcilienveräin vun der Kathedral fällt och an dës Zäit. 1848 as déi bedäitend «Gym» entstan, déi niewent hirem Turnen sech méi èm d'Kultur gekëmmert huet a speziell èm den Theater an de Gcsank. Den Dicks an de Méchel Lentz waren och Memberc vun der «Gym». Dësem Veräin hu mcr et ze verdanken, datt de 25. Februar 1855 dem Dicks säi «Scholdschäin» fir d'éischt opgefouert gouf. Duerno koumen «De Koséng», «D'Mumm Séis», «D'Kiirmesgäschts» an «De Ramplassang». All dës Koméidistécker vum Dicks goufe mat groussem Erfolleg vun der «Gym» am ale Cercle op der «Plëss d'Arem» opgefouert. Lëtzebuerg hat nun endlech op ee Schlag séng ege Lidder. Nenne mer der e puer vun dene bekannten: «Dee freie geet, sief gutt gckleet», «Gëf mer eng Bees fir mat op d'Rees», «Et wor emol e Kanonéier», «Du brauchs mir näischt ze schwieren», «Ech sin e groussen Hcxeméeschter», «D'Pierle vum Da», «T si vill schći Rousen an der Stad», «D'Fëscher an d'Jeér» a vill aner.

1863 as déi grouss Pianistin Clara Wieck, d'Wifra vum Komponist Robert Schumann, hei zu Lëtzebuerg opgetratt. Et war dat selwecht Joér, wéi den «Allgemeiner Luxemburger Musikverein», de Virléfer vun eiser heiteger «Union Grand-Duc Adolphe» gegrënnt gouf, (d'«U.G.D.A.» huet hiren Numm awer eréischt 1891 kritt). Mat dësem Veräin as d'Museksliwelen hei am Land du richtege ugaang. Eis éischt an och déi bekannt Komponisten niewent dem Dicks an dem Lentz waren den Antoine Zinnen, de Laurent Menager, den Théodore Decker, de J.A. Müller, de J.P. Beicht (genannt

de Fiss), de Fernand Mertens, de Pol Albrecht, den Dominique Heckmes, den Alfred Kowalsky, de Louis Beicht, a méi no an eiser Zäit d'Lou Koster, den Emile Boeres, de Louis Petit, den Albert Thorn, dc Jules Krüger, den Henri Pensis, de J.P. Schmit, de René Mertzig, dc Josy Meisch den Edmond Cigrand, de J.P. Kemmer, fir der nëmmen en etlech ze nennen, déi haut nüt méi énner als sin.

Mir kennen hei nüt ufänken, all eis liweg Komponisten opzeielen déi symphonesch Musck, Kammermusik an och aussergeweinlech gutt Musek fir eis Harmonie-Orchesteran eis Fanfare schreiwen, mä si all suergen derfir, datt d'Musikszen hei zu Lëtzebuerg liweg bleift. Ernimme mer och nach eise Radiosorchester, dann eis Militärmusck, eis Conservatoiren an déi selleche Museksschoulen uechtert d'Land, déi jo all zesummen ec gutt Stéck vun eisem Kulturliewe vun haut ausmaachen. Mir schléissen awer och eis weltlech a kiirchlech Gesangveräiner, eis Mandolineveräiner an all déi aner Ensembles déi Musek maachen, hei mat an.

Well mer haut jo awer een Anniversaire vun engcr Lëtzebuerger Blosmusek feicren, wëlle mer nach e puer extra Wieder iwwert eis Museksgesellschaften hei am Land soen. Et heescht èmmer, eng Uertschaft ouni Musek wär eng doudieg Uertschaft. Do as cisses drun, eng Musck bréngt Licwen an d'Uertschaft. Si muss bei all gutt Geleënhheet derbäi sin an där gët et der vill am Laf vum Joér.

An hei géif ech icch elo gären ee Gedicht vum *Kréimesch Pir* virliesen, deen a sénge jonke Joëren och an der Käercher Musck war.

EIS MUSEK

*Vir de Fändel, dann de Vorstand, d'Zugposau-
nen an d'Trombonnen
Dann d'Trompetten an den Alto, d'Flütt, de
Jummdeckel an d'Trommen*

D'Bügelen an d'Baritonen, d'Klarinett, de
Saxophon
Hannendrun, fir zouzedréien, Tuba, Bass a
Sousaphon
D'Musek as dach dat schéinst op der Welt
Et as näischl wat äis nach besser gefällt
A wa si tuten a spille duurch d'Gaass
Dann huet all Mënsch séng Freed a säi Spaass
Wann da schmettert esou hell eng Trompett
An et duddelt derbei d'Klarinett
A wann dann hannen nach duddert de Bass
Da ruffen d'Leit: Vive eis Musek as lass!
'T gët kee Fest an't gët keng Feier, stéits sin si
déi eischt um Dill
Spille lëschteg, spille fredeg, spiller och alt mat
Gefill
A ganz heemlech, am Vertrauen: Es as och alt
scho geschitt
Datt no etlech Humpe Béier een dee richtigen
Toun nët kritt
D'Musek as dach dat schéinst op der Welt etc.
etc.

Pir Kremer

Mat de Musécken si mir hei zu Lëtzbuerg jo
awer gutt gestallt. Wann ech mech richteg
erënneren, hu mir ronn 160 Blosmusécken
am Land. Wannd do emol eng Uertschaft keng
Musck huet, dann as am Nopeschduerf awer
bal èmmer eng. Déi vúier eelst Musécken hei
aus dem Land sin: déi Wélzcr (1794), déi vun
Esch-Sauer (1815), déi Gréiwemaacher (1834)
an déi Fielser (1836). Déi mëesch vun eise
Musécke goufc vun 1900-1913 gegrennt. Dat
waren dceemoos 51 Stéck an 13 Joér.

Wann ee bedenkt, datt mer haut ronn 160
Musécken am Land hun an nach méi Gesank-
veräiner, (déi weltlech an déi kürchlech
zesummen sollen der eng Stécker 300 sin) da
kann een doraus schléissen, datt d'Lëtz-
buerg frou mat der Musek an dem Gesank
sin. De *Kréimesch Pir* huet ee Gedicht
geschriwwen, deem en dën Titel gin huet:

WA MIR D'MUSEK AN DE GESANK NËT HÄTTEN

Wa mer d'Musek an de Gesank nët hätten,
wéi kéim een dann érrnert d'Leit eraus?

Et séiz ee bestänneg doheem an dem Haus,
et géif ee virun der Télekësch hucken,
an all Dag preisesche Kabes kucken.
Mir hätten eist Mondsteck némme fir ze jàissen,
fir d'Zopp ze blosen a fir ze späizen.
Mit hätte wiirklech nët vill ze redetten,
Wa mir d'Musek an de Gesank nët hätten.
D'Freed un de Fester déi géng fleten,
wa mir nët, bei all Geleënheten,
sange géitwen dem Land säi Luef,
mat engem Tuscb, op eis Stad, op eist d'Duerf.
No der Prouf, no dem Concert gët an aller Rou
e Pättche geholl. Dat gehéiert derzou.
Mir wieren zimlech verdësslech Kadetten,
wa mir d'Musek an de Gesank nët hätten.
D'ganz Welt as voller Hiten a Schlager.
All Museksbox huet der honnert op Lager.
D'Konservemusek as nët dat wat et bringt,
ma e flott Stéck gespilt, e Lidd wat ee séngt,
zesummen am Kour mat Frénn am Gesank,
dat gët deen echten, dee richtege Klank.
Wat wire mer wa mer d'Dicksoperetten,
an eis Lëtzbuerg Musek nët hätten?

Déi Leit, déi guer keng Musek hun,
wéi si se dach esou arem drun.
Wie mat de Frénn ka Musek maachen,
deen huet Chance an dee ka laachen,
well d'Musek as eng Quell vu Freed,
d'Musek bedeut Gesellegekeet.
Et géng als ganz vill Spaass laanscht d'Nues,
mir géiwe Granzkapp lues a lues,
an eist ganzt Kulturliewe géng an d'Getten,
wa mer d'Musek an de Gesank nët hätten.

Pir Kremer

D'Musck as jo awer och eng Sprooch, déi
jiddferee versteet, ouni datt se brauch geléiert
ze gin. Et kann een och soen, datt se
d'Sprooch vun der Scil wär. Si as duerfir och
eng Gcfillssaach. D'Musek kënnst direkt aus
dem Häerz a schwätzt och nees direkt mat
dem Häerz. D'Musek as iwewall do, wou
mënschlech Liewen as. Huelt némmen dem
Mënsch séng Stëmm, si as dat schéinst an
natürléchst Instrument wat et gët.

Ganz, enk zesumme mat der Musek hänkt
den Danz. Hie kann ouni Musek nët bestoën.

A wouhir kënnt den Danz? Mä vun der mënschlecher Bewegong. Huelt némmen d'Këndchen an der Wéi. Wann dat Musek héicrt, kuckt dann emol den Ausdrock vu séngen Aën, d'Bewegong vu séngen Ärcim a séngen Hänn. Heiandsdo esouguer d'Bewegong vu séngem Mond, deen onartikuléiert Téin vu sech gët. As dat kee Bcwäis, datt d'Këndchen dës Musek ewell erliest. Duefir hun d'Musécker zu allen Zäiten och ganz sécher hir «Wiegenlieder», hir «Berceusen», mir géife soen hir «Schlofliddercher» geschriwwen, well dës Liddercher, wann se vun der Mamm gesongt gin, well ee musikaleschen Effet op dëci kleng Kanner maachen.

Mir kommen elo op een anere Sujet: op de *Rapportëschent der Musek an der Dichtkonscht* an deen tëschent der Musek an der Molerei. Wann een elo géif d'Litteratur a virun allem d'Dichtkonscht énnersichen, da géif ee fanne, datt et vum Altertum u bis op haut émmer Dichter gouf, déi d'Musek mat an hir Wierker erabczun hun. Mir nennen der e puer, déi äis grad afalen, den E.T.A. Hoffmann, de Shakespeare, den Thomas Mann, de Strindberg, de Grillparzer, den Hermann Hesse.

Sou as et och an der Molerei. Et gët kaum ee Moler, deen nüt ee musikalesche Sujet duergestallt hätt, dat esouwuel an der antiker wéi och nach haut an där moderner a meeschteens abstrakter Konscht. Sou wëssc mer z.B. wéi d'Musekinstrumenter oder d'Musekgruppen am Laf vun der Zäit ausgesin hun. Fir äis ee Bild vun dene fréicre Musécker a Komponisten ze maachen, hu mer cenzeg an eleng de Portréien ze verdanken, déi d'Moler am Laf vun der Zäit vun hinne festgehal hun. (Deemools huet jo nach keng Photographic bestan). Mä och aner musikalesch Sujeten sin äis duerch d'Molerei erhale bliwwen. Mir denken do z.B. un dem Raphael séng Fresken, un dem Vermeer, dem Watteau, dem Daumier oder dem Dufy hir Tabloën, déi musikalesch Sujete behandelen.

An elo mol eppes ganz aneschteres, en etlech kuriéis Sätz, sougenannt *Aphorismen*, déi

iwwert d'Musek geschriwwen goufen: Dat leïfst Instrument vun dene meeschte Musécker as d'Champagner Flütt. (Kuckt se mol op enger Rezeptioun, émmer sti se do mat enger Flütt an der Hand). — All Fra as esou musikalesch, datt se an hirem Stot déi éischt Gei spille wëllt.

Eppes iwwert déi *modern Musek*. Den Darius Milhaud seet: «D'Komponiste sollten némme Musek schreiwen, an där ee *wonne* kann». — De Pablo Casals mengt: «D'Zäitgenössesch Musek as eng Wüst mat e puer erausgespauten Dattelkären heiandsdo». De Leonard Bernstein schreift: «Mir liewen an enger schrecklecher Period vun der Museksgeschicht: Den Ofstand téschent de Komponisten an dem Publikum as esou grouss, datt ee géng mengen, et léig ee ganzen Ozean der téschent». An clo e puer allgemeng Aussoen: D'Musck as déi cenzeg Weltsprooch, déi nüt brauch iwwersat ze gin. - D'Musck as d'Sténographie vum Gefill (dat huet den Tolstoi gesot). — D'Musek as de Schlüssel vun de Fraen hirem Häcrz. - Den E.T.A. Hoffmann schreift: «Wou d'Sprooch ophält, do fankt d'Musek un». — De Kleist betruecht d'Musek als d'Wuerzel vun allen anere Konschtaarten. — De Konfuzius mengt: «Wéllt der wëssen, op ee Land gutt regéiert as, an ob gutt Leit dra wunnen, da lauschtet séng Musek». - Vum Jean-Paul wësse mer: «D'Musek as énnert allen anere Konschtaarten, déi reng mënschlechst an och déi populärst». — De Carl Maria von Weber schreift: «Die Musik erweckt unmittelbar nur Gefühle». — De Wilhelm Busch seet: «Musik wird oft nicht schön empfunden, weil sie stets mit Geräusch verbunden». Ech weess do och nach een anere Sprooch: «Musik wird oft nicht schön empfunden, ist sic an falschen Text gebunden». Dat as wouer; heiandsdo huet een esou eng schéi Melodie, déi duerch ee blöden Textverhondst gët. Mir hun awer och dat émgedréint: ee *scheinen* Text kann duerch eng eefälleg Melodie ganz verduerwe gin.

Et gët awer eng Parti Gedichter, déi ouni vertount brauchen ze gin, ewell duerch hiren Text cleng musikalesch wîrken. Ech erën-

nere mech do un dem Dctlev von Liliencron säi Gedicht «*Die Musik kommt*». Lauschtert, dann huelt der gläich an uecht, datt dësen Text keng Musek brauch:

DIE MUSIK KOMMT

*Klingling, bumbum und tschingdada,
Zieht im Triumpf der Perserschah?
Und um die Ecke brausend bricht's
Wie Tubaton des Weltgerichts,
Voran der Schellenträger...*

De Kréimesch Pir huet och ce flott Gedicht iwwert eis Militärmusek geschriwwen:

EIS MILITÄRMUSEK

*Mir schwäremen nüt fir Mitailletten,
Vill léiwer hu mir Klarinetten.
Mir tausche gär e Kanonéier
Em géint e gudden Trommelschléier.
A fir en etlech Trompettisten
Kritt dir all eis Infanteristen.
Gewierer würrken ongemittlech,
Museksstrémenter si méi friddlech
Mir schwäremen nüt fir Militär
Ma eis Militärmusek, déi hu mer gär.
Wa si durech eis Stroosse kommen
Mat Zinglalbum, Trara an Trommen,
Wa si dabei ewéi kloërrosen
Flott Lëtzebuerger Weise blosen,
Kënnst alles gläich erbäigerannt
An da si se de Stolz vum Land.
An hirer Galauniform
Do gefale s'äis enorm.
Mir schwäremen nüt fir Militär
Ma eis Militärmusek, déi hu mer gär.
Sou wéi se d'Bäich viru sech droën
Do géife Preiss vun binne soën:
«Dat do dat kann et dach nüt gin,
Dat këinne keng Zaldote sin».
Ma jhusl dat, wat déi Zort do stéiert,
Das as et wat äis imponéiert.
Mir sin nüt aus op dat Martialescht,
Mir si méi fir dat Musikalescht.
Mir schwäremen nüt fir Militär
Ma eis Militärmusek, déi hu mer gär.
Si halen nüt ganz vill vum Drill,
An d'Garde-Relève as schon zevill.*

*Nach hei an do geet d'Saach an d'Rei,
Absëns wéinst der Touristerei.*

*Ma wann s'e Galaconcert gin
Mierkt een dass et Professere sin,
Dobausse gin se sech harmonesch,
Dobanne man se dat symphonesch.
Bei jidder Opröttt hun s'am Nu
An iwwerall e Succès fou
Mir schwäremen nüt fir Militär
Ma eis Militärmusek, déi hu mer gär.*

*Um Nationale Feierdag
Do maache si eleng d'ganz Saach.
Si schmäisse ganz eleng de Laden
Beim Zapestreech an de Paraden.
Den Exercice as zwar eng Plo,
An hei an do platscht och een no,
Ma duerfir spille si am Takt
An d'Sonnerié ganz exakt.
An duerop kënnt et schléisslech un,
'T as duefir jo, wou mir se hun.
Mir schwäremen nüt fir Militär
Ma eis Militärmusek, déi hu mer gär.*

An hei as nach ee ganzt klengt musikalisch Gedicht vum *Pir Kréimer*

«WALZ» LENTE

*'Tsollt Cantonniersbal sin
'T as näischt draus gin
Se hu keen Orchester fond
Die lues genuch spille konnt*

De Sepp Thill a säi Frënd de Max Duchscher (dee jo och President vun der U.G.D.A. war) hun zesummen ec Band Gedichter eraus gin, deem se den Titel «Gesabbelt Wierker» gin hun. An dësem Buch hun ech ec Gedicht vum Sepp Thill fond, dat ganz gutt an eisc Programm vun haut de Mëttetg era passt. Et heescht:

DUERFMUESEK

*Et läit anzwousch en Dierfchen,
Tësch Esch an Aasselbur
Duer wor ech eemol sonndes
Als Landtourist gefuer.
Et wor op engem schéinen
A waarme Summerdag
All Stroosse wore propper,*

All Mëschte glat gemaacht:
 Op eemol schaalt et feireg
 Vu Giewelen an Heck,
 Mat Schneddredeng a Bumla,
 Koum d'Musek ëm den Eck.
 An d'Jonge koume blosen,
 Zou sechs an enger Rei,
 Mat schéin Admiroolskapen
 A sonkelneit Gezei.
 Grad virun engem groussen
 An deftge Bauernhaus,
 Do halen sòp a paken
 Hiert Noutenheft eraus.
 Fir d'éischti e pas redoublé
 En Tusch an drop eng Walz
 An duerno eng Mazurka,
 Déi kléngt sou douce wéi Schmalz
 Mä náischti huet sech geréiert
 Op Fénsteren an Dir,
 Dat Haus blouf roueg leien,
 Kee Mënsch, dee koum ervir.
 Mäi Virwëtz wor gestéppelt,
 Ech wénken engem Kand,
 Et koum och gläich ganz héiflech,
 Säi Käppi an der Hand.
 «Pardon!», sot ech, «entschélleg,
 «Kanns Du mer so fir wat,
 «Zu wat fir enger Éier
 «As bei déi Serenad?» –
 «l'as fir de Burgermeeschter,
 «Märr feiern haut säin Dag,
 «Do krätt bie jidder Joër,
 Dat Musekfest gemaach.» –
 «As dann de Burgermeeschter
 «Esou e domme Schaus?
 «Fir wat bleift alles roueg
 «A kënnt en nét eraus?» –
 «Dat geet nél», sot de Jong mer,
 A setzt séng Kap op d'Bomm,
 «Hien as och bei der Musek,
 «Hie schléit do déi déck Tromm!»

A fir ofzeschléissen, wöllt ech awer och nach ce Gedicht vum Auguste Liesch virdron. Et gët jo deen Ausdruck «Musek mat Butek»**
 Dat kënnt een och vun dem Liesch séngem Gedicht «Am Consil» soen. Et gouf scho viru 65 Joër geschriwwen. Et war déi Zäit,

wéi de Medercheslycée um Lampertsbierg gebaut gouf, e wor am Hierscht 1926 fäerdeg a wou deemools och belsch Enterpræncure matgemaacht hun. Et war och déi Zäit, wéi mcr an der Stad keng Lëtzebuerger Kandidate fond hun, fir d'Professeschi-Plazen am Conservatoire ze besetzen. An deemools gouf et dunn och «Musek mat Butek»** an enger Sëtzong vum Stater Conseil communal, wéi et ëm d'Astelle vun enger Joffer als Professesch am Conservatoire gong.

AM CONSEIL

...
 Dat Geschnëss an dat Gebraddels
 Onverstand a schlechte Glaf,
 een dee bierelt wéi en Déier
 an deen ancre stelli sech daf.
 Op all Äntwert siwe Froen,
 an eng Frechheet bei all Fro,
 an en Toun, et kéim keng Wäschfm
 a keng Virkesch méi no.
 «T si, seet een, nees Schwéngereien
 am Conservatoire geschitt,
 an ech fro fir wat datt d'Joffer
 Dennewald déi Plaz nét kritt?
 Wéi en héiert datt déi Joffer
 den Examen nét bestaang,
 laacht en: «S' as nét wéi déi aner
 virdru béis déi Häre gaang.»
 «O, ech fleten, rifft säin Noper,
 op d'Examen, nondikass!
 «T soll dem Schäfferot genügen
 datt ee Lëtzebuerger as.
 Jo, Här Meyer, dir kënnt laachen
 zielt esou e Kand dann náischti? –
 An säi Papp a séng Geschwëster,
 an eng Grénnesch Mamm déi kräischti?
 D'Hemecht geet ons iwwer alles,
 spille ka jo jidder Lomp;
 d'Plazen sin do fir ons Kanner
 Mä bei eis as Belgen Tromp...

* Für dës Opstellung zesummenzesetzen, hun ech an dem Hans Schnoor séngem Buch «Oper, Operette, Konzert» (Bertelsmann-Lesering, 9. Auflage, Gütersloh, 1957) nogeschloen.

** E Bichelche vum Harry Godefroid heescht: Musek mat Butek. Humoristesch Deklamatiounen. 1923.

Dem Paulus séng Bréiwer un d'Korinther

cf. «Eis Sprooch» Nr 34 an 35.

Eng Iwwersetzung vum Paulus sénge Bréiwer un d'Korinther, iwwersetzt vum Dieter Zimmer.

Jidde Mataarbechter as Gott verantwortlech
3,11 Kee Mënsch kann en anere Fong leët wéi
deen, dee geluegt gin as, an deen as de Jesus
Christus. — 12 Wann een op dësem Fong mat
Gold, Sélwer, Edelsteng, Holz, Hä oder Stréi
baut, — 13 da gët d'Wierk vu jiddercengem
offenbar. Den Dag vum Gericht bréngt et un
d'Licht. Et gët námlech mat Feier offenbar
an d'Teier bréngt d'Prouf, wéi d'Wierk vu jid
derengem beschaf as. — 14 Wann d'Wicrk
vun engem, dat en op de Fong gebaut huet,
bestoët bleift, da kritt en e Loun dofir. — 15
Wann awer d'Wierk vun engem verbrennt, da
verlécirt hie säi Loun. Hie selwer gët wucl
gerett, awer esou wéi duurch d'Feier.

16 Wësst dir nüt, dass dir den Tempel Gottes
sid an dass de Geescht Gottes an icch wunn?
— 17 Wann een den Tempel Gottes verdierft,
da verdierft Gott hien och! Den Tempel Got
tes as námlech helleg, an dee sid dir!

18 Kee Mënsch soll sech sclwer iwwer
d'Ouer haen! Wann an ärer Mëtt ee méngt,
mom Standard vun dëser Welt verstänneg ze
sin, da soll hien en Topert gin, esou dass c ver
stänneg gët. — 19 D'Wäisheet vun dëser Welt
as námlech Dommheet bei Gott. Et stect
geschriwwen: *Hic fánkt d'Verstänneg an
hierer Hannerwennegkeet.*^a — 20 Weider stect
geschriwwen: Den Här kennt d'Gedanke
vun de Verstännegen. Hie weess, dass se
náischt wäärt sin.^b — 21 Aus dësem Grond
soll sech kee mat engem Mënsch bretzen. Et

gehéiert icch námlech alles: — 22 et sief de
Paulus, den Appolos oder de Kephas,^c et sief
d'Welt, d'Liewen oder den Doud, et sief dat,
wat elo as oder dat, wat nach kënnt. Alles
gehéiert icch, — 23 dir awer gehéiert Chri
stus, a Christus gehéiert Gott.

^a 11: Apç. 4, 11-12; Eph. 2,20; 1. Petr. 2,4-6 ³ 13; 1. Kor. 4,5; 2. Thes. 1,7-8 ⁹
15; Jud. 23 ² 16; 1. Kor. 6,19; 2. Kor. 6,16; Eph. 2,21-22 ² 18; 1. Kor. 4,10;
Off. 3,17-18 ² 19; Hiob 5,13; Réim. 1, 22; 1. Kor. 1,20 ² 20; Ps. 94,11 ² 22;
Réim. 8,38; 1. Kor. 1,12 ² 1. Kor. 11,3

Eleng Gott verantwortlech

4,1 Jidderee soll cis fir dëst halen: fir Dénger
vu Christus a fir Verwalter vun de Geheim
nësser Gottes. — 2 Elo verlaangt ee vun de
Verwalter nüt méi wéi datt sc trci fond gin. —
3 Mir mécht et nüt vill aus, vun iech oder vun
engem mënschleche Geriicht gréicht ze gin.
Och rüchten ech mech selwer nüt. — 4 Ech si
mir náischt bewosst, awer domat sin ech nüt
gerecht gesprach. Den Här as et awer, dee
mech riicht. — 5 Aus dësem Grond sollt dir
nüt virun der Zäit riichten. Waart, bis den
Här kënnt. Dec bréngt un d'Licht, wat am
Donkele verstoppt as a mécht d'Truechte vun
den Härzer offenbar. Da kritt jidderee vu
Gott dee Luef, deen hie verdéngt.

^a 1: 1. Kor. 3,5; Kol. 1,25-26; Tit. 1,7; 1. Petr. 4,10 ² 2: T.uk. 12,42 ² 3; 1. Kor.
9,3 ² 9; Réim. 2,6; 1. Kor. 3,8

^a 19 Hiob 5,13

^b 20 Psalm 94, 11

^c 22 Dat as en aneren Numm fir de Petrus

René Muller

N.E. Becker, 1842-1920 E Wormer Dichter an Amerika

Dat as den Titel vun engem Buch, dat am Jor 1887 an der Rei vun de Wuermeldénger Muselbicher krauskoum. Wéi den Titel scho seet, geet et hei am Buch virun allem ém den Néckel Becker, deem sain 150. Gebuurtstag am August as.

Den Néckel Becker koum den 23. August 1842 zu Wuermcr op d' Welt. Säi Papp wor och en Néckel Becker, gebueren zu Wuermcr de 16. frimaire am Jor VIII vun der Republik (5. Dezember 1799) a séng Mamm d'Marie Demuth, gebueren zu Wuermcr den 11. nivôse XII (2. Januar 1804). Op d' Welt koum en am Haus, dat dcemoools énnert der Nummer 195 am Kadaster agedroc wor, haut as et d'Haus Nummer 3 an der «Burgaass».

De klenge Bouf huet iewel némme séng Kannerzäit hei un der Musel verbruccht, well schon am Jor 1854 as e mat sénger Famill ausgewandert, wéi esou vill Lcit ém déi Zäit. D'Famill Becker huet sech zu Fredonia am Stat Wisconsin néier gelooss. Si hun do e Bauerebetrieb gegrünnt an se sin do wunne bliwwen.

De Papp Néckel Becker as de 15. November 1879 gestuerwen an d'Mamm den 18. Juni 1900. Si leien allebbéid um Niklos-Kiirfch zu Dacada begruewen.

Den Néckel Becker huet sech do iwwer de 26. Juli 1864 mat der Odile Schauer bestued. Si wor gebiirtcg vu Tauberrettersheim a Franken an se wor am Jor 1847 ausgewandert. Déi zwee krutte 7 Kanner. D'Madame Becker-Schauer as den 21. Juli 1909 gestuerwen an hire Mann de 7. Juni 1920.

No désc puer Wieder iwwert d'Liewe loosst mer elo iewel op den Dichter Néckel Becker zréckkommen. Hie gët niest dem Néckel

Gonner, dem Batty Nau an dem Batty Merkels als ee vun dene bedeitendste Schrifsteller genannt, déi an hirer Hcmchttssprooch geschriwwen hun. Leider si séng Gedichter nict gesammelt gin, ma se sin uechterall an den Zeidonge vun deemoools verspreet, besonnesch an der *«Luxemburger Gazette»*, déi vum Néckel Gonner gedréckt gouf. En etlech dervu koumen och nach an de *«Prairieblumen»* an anerer um Enn vum *«Lexikon der eigenümlichen Benennungen vieler Bewohner der nördlichen Teile von Ozaukee County»*.

An déser Opzielong huet de «Beckesch Klos» eng ganz Rëtsch Landsleit opgezielt, déi mat him heian der Géigend gewunnt hun. D'Leit si genannt mat hirem Familjennumm an och mat dem Numm deen se kritt haten an énnert deem se bekannt waren. Dëse «Lexikon» koum am Jor 1908 eraus.

De «Beckesch Klos», wéi den Néckel Becker am Krees vun den Auswanderer genannt gouf, hat am Laf vun de Joren déi énnerschiddechst Beruffer. Fir d'éischt wor e Bauer op sénger Farm zu Town Fredonia am Stat Wisconsin.

Dono fanne mer hien als Schoulmeeschter, als Schreiwer, als Notär, als Uergelsspiller, als Friddensriichter an esouguer als Députéierte vum Stat Wisconsin, also en dichtegc Mann, deen et zu eppes bruecht huet.

Allcs an allem iewel as en émmer e ganz bescheidene Mann bliwwen an dat fanne mer och an sénge Gedichter erém. E bescheidene Mann, deen séng Hemecht vu fréier nict vergiess huet an ower stolz op séng nei Hemecht as. A sénge reliéise Gedichter spürt een eraus, datt dc «Beckesch Klos» déif kathoulesch as.

Aner Gedichter huet en aus de Soë vun den Indianerstämm aus der Géigend iwwerholl. Humorvoll kann en och gin an ironesch a verschiddentlech huet en sech och un Naturlidder gin.

Ma loosst mer de «Beckesch Klos» selwer zu Wuert komme loossen. An de «*Prairieblumen*» bréngt en säi Gedicht «Zur Erënnerong»:

Zur Erënnerong

Den ale Usidler an Town 12 & 13 zum neie Jor.

Erbäi nun, dir Jongen, 't as Owend a Wanter,
Dee klor nüt gesait méi, dee komm mat der Lanter;
Mir wëllen emol plaudere vun alecher Zäit,
Déi drësseg laang Joër nun hanner ons läit.
Mir wölle verzielen, wat mir hun errongan,
Wat mir ons geschafen, wat mir ons erzwongan.
Mir haten nüt vill, wéi mer koumen an d'Land,
Dach Kräften, déi hate mer, Fläiss a Verstand.

Mir hate keng Haiser, keng Ställ a keng Scheier,
Derbäi nach wor d'Vei an den Iessckascht dcicr,
Mir hate keng Bettstéit, keng Still a keen Dësch,
An d'Land, dat mer kaaft hun, wor alles am Bësch.

Mir goungen un d'Aarbecht ganz muddeg a kräfteg,
Beim Haen a Brenne wor alles beschäftegt,
't gouwen Haiser gebaut an och Fence gemaacht,
Gezeechent zum Noper mat Blessen e Pad.
Wat hu mer geplot ons mat Roden a Brennen,

Den Damp an den Aen, keng Haut un den Hännen,
't gouf sele geklot, et hat jidderee Loscht,
Erféllt wor mat Hoffnung em jidde séng Broscht.
A wéi mer en Haus, an e Stall an eng Scheier,
Mol haten, a Schoulen, a Kiirchen an aner Gebaier,
A Grompren a Brout, an och Fleesch op dem Dësch,
Wor d'Leed ons vergiess, an ons Hoffnung nees frësch.
Du krute mer Stroosser — wa schlecht soch nach worn —
Fir d'Früchten an d'Millen, an d'Miel heem ze fueren,
A blouf mol een halen am suppeche Mesch,
Dann hat en zum Trouscht dach eng Schlupp an der Fläsch.
Nun hu mer schéi Länner, schéin Haiser a Scheire,
Vläicht Geld op der Bank, a vläicht soss nach Pobeiren,
Mir hun iwwerstane vill Trubbel a Leed
An danken dem Härgott, datt haut et gutt geet.
Zwar muenchen aus onserer Mëtt as gestuerwen,
Vläicht hei an do een zu Grond gaang verduerwen,
Dach gët haut vu jiddem, dee bei ons nach riet,
Den Doudgen zur Rou e Vadronscr gebiet.

Den Evy Friedrich hat äis virun e puer Jor op en aner Gedicht vum «Beckesch Klos» opmiersam gemaach. Et stoung am Jor 1903 an «*Ons Heemecht*». Licst et emol a vergläicht et da mat der Geschicht «Wéi et dem Härgott an dem Péitrus a «Clomes» ergaangen as». Déi Geschicht steet an «Eis Sprooch», Nummer 10/1979/Säit 35. Hci clo dem «Beckesch Klos» séng Versioun mat dem Titel:

«Eng Seechen aus der Spannstuff» :

Zou aler Zäit, et as jo wuelbekannt,
Goung Onser Här mam Péitrus iwwer
Land,
D'ongleweg Mënschen ze beléieren,
Zum rechte Glawen ze bckéieren.An
engem Duerf, et wor schons owes
spéit,
Wa jiddereen, dee gär logéieren déit,
Sech denkt, et wir bal un der Zäit,
Datt een nom Logement sech èmgesäit.
Du klappe si bei engem Bauer un.
«E Bett an z'iesse», scct cn, «kënnt der
hun;
Ma duerfir musst der fréi opstoen
A mat an d'Scheier dreschc goen.
Méng Fra, déi kann iech z'iesse gin,
E Reschtjen Zopp wärd nach am
Bëffche sin».
Wéi si gesiedegt, gounge si an d'Rou
A schlofe gutt bis muerges halwer
zwou.
Hei kënnt de Bauer, seet, et wir nun
Zäit,
De groen Dag, dee wir schons nüt méi
wäit.
Den Här seet: «Pitt, mir bleiwen nach
am Bett.»
Hic wousst jo, datt hien si belugen hätt.
Wéi si nüt koume fir ze dreschen,
Kënnt d'Fra mat ongebrannnten Äschén
Gedubbert, schléit de Péitrus hol a blo
A rifft: «Nu kommt mir no!»
Si iewel bleiwe roueg leien,
Si wollten sech nüt vill geheien,
Well fir en aremscileg Bett,
Wuerfir een nach ze dreschen hätt,
A fir eng dënn a moér Zopp,
Do stéing jo kee ganz gär fréi op.
Op eemol héiere si e schnellt
Getréppel;
't wor d'Baueresfra mat hirem Knéppel.
«Pitt», seet den Här, «nu looss du mech
vir hin,
Soss kriss d'ës nach, du kriss zevill där
Schléi,

Well 't as eng uerg, dat hu mer scho
gesin;
Ech huelen d'Strech, mir don se jo nüt
wéi.»
D'Fra kënnt a jäizt: «Hei, sid dir nach
am Bett!
Dir Schléngle, waart, dir kritt allebéid
är Mooss;
Elo d'éinescht krut dee vir säi Fett,
Deen anerc kritt elo séng Zooss.»
Den aarme Péitrus gouf crém
gewéckelt,
De Knéppel as verfatzelt an zerstéckelt.
«Wann dir nüt op wëllt ston
An och nüt helfen dresche gon,
Dir liddreg Borschten do,
Dann huet dir duerfir dat clo!»
Sou seet si a si geet;
De Péitrus läit am Wéi a Leed.
Huet dat dem Här wuel leed gedoen?
Ech kann dat nüt fir sécher soen.
Kënnt ee vun iech dueruewen hin
A kritt déi zwein do ze gesin
Da kann hien si jo mëndlech froen.

Zum Schluss nach e puer Wuert, déi de Präsident vun der Aktioun Lëtzebuergesch-Eis Sprooch am Virwuert zum «Dichter an Amerika» deemools gebraucht huet:

«...mir hu mat dem Beckesch Klos a séngen
anere Kollegen nüt némmen e Bewäis vun
Unhänkerlchkleet un hir Ursprongs-
hemecht, déi een huet, wann ee wäit vun
dohecm fort as an nüt méi weess, op een nees
eng Kéier dohinner hannescht kënnt, mir
hun e Bewäis vun dem National-Stolz Lëtze-
buerg ze sin, dee sech an hiren Schreiwen
duurch hir Sprooch weist, déi Sprooch, déi se
matgeholl hun an op déi se esou houfreg
woren, nach laang dono. Si hu Lëtzebuerg
laang nüt vergiess do iwver, an haut sin der
nach vill vun denen, déi stolz op hiirt
Ursprongsland Lëtzebuerg sin. De Beckesch
Klos wor ec vun hinnen, deen de Fändel do
iwver héich gehalen huet. Éier séngem
Undenken...»

Vum Buch «N. E. Becker – 1842-1920 – E Wormer Dichter an Amerika» sin nach en etlech Exemplaren do.

Et kritt een et fir de Präis vun 300 Frang. Postscheck 81072-77 vun de Wormer Guiden & Scouten.



N. E. Becker (1842-1920)

Josy Ourth

Eng bosseg Geschicht

Zwéi frëschgebake Beruffstheaterspillerten, no enger Rëtsch vu Pätt, de Sippi an de Fripsi, Nimm, déi cen dem anere gouf, deemools zu Wien, am «Grinzing», an enger fredeger, aus-geloossener Stëmmong, wéi se allebcid hiren Exame mat Auszeechnong bestanen haten. - «Du, Sippi, à propos, weess de oder hues de schons dat Neits gelies?» — «Da looss kommen, Fripsi, ech si gespaant.» — «Wéi, nüt déi söllege Plakate gesinn, déi se dobaussen ueter d'ganz Stad gepecht hun?» — «A sou, du mengs sécher déi vun deem neie Veräin, de «Moralisten» hir, wéi se sech nennen.» — «Déi mat hirem berüümte Wonnerwässerchen,» — «hirem verfluchte Limosan,» — «Eng raffinéiert Band vu Lidderhanessen, déi weider näischt an der Kopp hun, wéi eise gudde Frënn, den aarme Wiirt, hiirt Liewcsauer ze man,» — «an ènnert dem Mäntelche vun Onschold a krëschtlecher Nächsteléift hiirt Gëft ze versprëtzten.» — «Dofir also déi Protestversammlung vun hiren Doudfeinden, de Wiirt, genee op deen Dag, an der sel-wechter Zäit wou déi vum neie Klibchen am Veräinshaus, vis-à-vis vun der Kirech, beienee kommen.» — «So mol Sippi, wir dat näischt fir als zwéin duuschtereg Kadetten a jonk Bürger?» — «Maja, du bei de Wirt an ech bei de Moralisten.» — «Eng wonnerbar Gelcënheet a Chanc, déi mir als frëschgebaken Acteuren nüt laanscht d'Nues dierfe goe loossen.» — «Sou as et....»

D'Wiirt a grousser Opreggong, fache mat de Fäisch op d'Dëscher, gestikuléire mat den Ärem, fluchen, di Kreesch, glousen, kachen, et geet èmmer méi haart an hëtzeg erof. — «Nennen als Bluttséffer, Halsofschneider, Gëftmëscher a Volleksverbriecher, - gebrauchen déi schänterlechst Wieder fir als, éier-lech, brav a geplot Bürger, bei eise Clientën onmëiglech ze man.» — «Dat schlëmmst,

dobaussc bei de Leit féiere se sech op wéi onschëlleg Lämmercher a maachen an engems Reklam mat hirem krëpëierte Limosan.»

— «Hätt der Däiwel se némme allegueren an der Panz.» — «D'Fro as déi elei, wat as do ze maachen, fir dene Pharisäer an Hypokriten ee fir allemol hir frech an dreckeg Schnësser ze stoppen?» - De Präsident: «Ee Moment, léif Kolleginnen a Kollegen, eng gutt No-richt, nämlech, e jonke Mensch, deen d'Schicksal als am leschte Moment geschéckt huet. E Schauspiller, dee viru kuurzem sain Exame mat Auszeechnong zu Wien bestanen huet. A Wiirklechkeet also e Kënschtler, deen amstann as, jidder Roll ze spiller an alle quokelege Situatiounen gewuess as, deen et facrdeg bréngt, an eisem Fall, sech hemelech an de Veräi vun där Sauband eranzeschmug-gelen, fir als matzedelen, wat se nüt alles vun Niddeträchtegeketen am Senn hun. Dir Dammen an Hären, hei steet en, eise Retter an der Nout» - De Sippi, stramm wéi en Zal-dot, an engem feierlechen Toun: «Mat Stolz a mat Éier, Loschta Plëséier, stéits zu Ärer Dispositioun». Klappen all begeeschert an d'Hänn, hiewen hir Humpen a sangen: «Béier, Lëtzebuerger Béier gët gedronk am ganze Land. Wuer ce kennit, do gët gesot, an den Häiser, vun all Stot, kee Gedrénks wir sou bekannt a beléift ewci de Lëtzebuerger Béier, well e schmaacht, ergäzt, erfrëscht an aus Sträit nces Fridde mécht...»

Zu gläicher Zäit d'Moralisten an hirem Lokal. Eng Klick vu komesche Gestalten a Gesiichter, déi am Gaang as, hir Spréchelcher opzesoen. Een nom aner wéi op Kom-mando.: «Wéi as dach d'häitegt Welt sou schlecht, sou niddeträchteg, ongerecht. - Wuer ee kuckt, no uewen ènnen, 't gesäßt ee weider näischt wéi Sennen. - Verdaamt sief all

dee Firlefanz, de Béier, d'Zigaretten an den Danz. - Der Télévisioun eise Fluch, och Kino, Disko stin an eisem Buch - sou wéi kuurz Räck a plakeg Been, dreckeg Biller, matcnen. - (zesummen) Mat Limosan, Gedold, Geschéck, gi mir erëm der Welt hiirt Gleck zeréck». De Präsident, ee mat engem groen, laange Baart a verstoppten, luussegen Aën: «D'Lektioun sëtzt, mir brauchen äis nët ze schummen, an clo nach eppcs, eisen neic Sckretär, e jonke Mann, een, dee fir Affekot stodéiert a sech fräiwëlleeg ugebueden huet, fir an dcr Wakanzzaït, sech gratis èm eis Schreiwereien ze këmmcren, an aner Wieder, e Student, intelligent, kapabel, gewëtz, kalifiziéiert, beschloë wéi keen zweten op dem Gebitt vunder Alkohologie, wéi der selwer elo héicrt.» — De Fripsi léiss de Bléck ronderém goen, durop mat enger Stëmm, wéi e Prof zu sénge Stodenten: «Veréiert Nolauschterer, an der Historia humanitatis steet klor an däitlech geschriwwen, datt et hautzedags op eisem ganzen Äerdräich iwwerhaapt kee Gebitt méi gët, dat d'Scientia nët mat enger Logica rigorosa a mat enger Certitudo mathematica bis an déi déifst an däischterst Déisten erfuerscht an eruerwert huet. Léif Limosadisten an-tinnen, wann ech bchaapten, datt d'Alkohologie kee Problem fir äis as, dann hu mer dat onse Frénn, den Amerikaner ze verdanken. Mir brauchen nämlech nëmmen dat nozeman, wat se déi aner Sait vum Pull viru Joërc färdeg bruecht haten. Eng Onmass vu Fräiwölleger haten sech gemellt, fir am alkoholiséierten Zoustand der Mënschheet déi frappantst Donnéen ze liwweren. Dat heesch, an eisem Fall, no der Theorie vun engem gewëssen Dokter Blédianus, klor ausgedréckt, e Subjectum observationis, also, eng Creatura softibus, un dår mer an aller Rou experimentéire können, fir gewuer ze gin, wat esou e Medium denkt a fillt a wéi et sech opfériert, wann et, riicht eraus gesot, kanounesat as, an dorfir...» — De Präsident, deen em an d'Ried fällt: «Froen ech Iech, léif Kollegcn a Mataarbechter a Grënner vun der Moralitas, wie wir berect der Wëssenschaft op déi Aart a Weis en

immensen Déngscht ze leeschten, en Affermutt, deen et verdéngt, mat gëlle Buschtawen an d'Geschicht vun der Moralitas vereiwegt ze gin» - 't as op eemol roueg gi wéi an enger Kirech. - «Natiirlech, de ganze Quantum, deen erfuedert as, op d'Käschte vum Veräin.» Allegueren, wéi aus engem Mond: «Ech, ech, ech,» strecken d'Ärem aus, een iwwer dem anere séng Schéller. Hire Chef, Meeschter a Produzent vun deem sougenannte «Wonnerwässerchen», mat der Bezeecchnong Limosan, geréiert a mat erstückter Stëmm: «Mäi schcinsten Dag, merci, villmools», fiert sech an engems iwwer d'Aën...

En etlech Méint méi spéit, éirewou am Land, eng fräi Plaz virun engem Bistro. Still an Déscher mat eidel Grieser, prett fir anzessenken. De Sippi an de Fripsi, allebéid dichteg am Gaang mam Wiirt a sénger Duechter, e liewegt, raffinéiert an duerchrivwont Dénegen, ze diedegen. - «Also nach eng Kéier, Här Patron,» sou de Sippi zu em, «wéi ofgemaacht, sou bal déi Klunnië sech weisen, direkt d'Glieser geféllt, wéi gesot, mat engem Zaubermettelchen dran, dat d'Zéngelche méi labber mécht. Wuel verstanen, alles op Uerder a Wonsch vun Ärem Wiirtsverband.» — «An du, Rouselchen, méng Mod,» de Fripsi zum Meedchen, «solls beweisen, datt déi schéin Zäit, déi ech mat dir verbreucht hun, fir datt s de enges Daags eng dichteg Schauspillerin gës, nët èmsoss gewiescht as.» — De Sippi scier: «Kuckt, kuckt dohannen, dat si se,» weist mam Finger op se. De Wiirt an enger Gellecht, lo kann et lass goen», reift sech d'Hänn, verschwënt huerteg zesumme mat dem Fripsi an dem Rousel. De Sippi däerbants mat ausgebreiten Ärem direkt sénge Gáscht entgéint. «Wéllkomm am prächtege Fierkelsdall, deen neie Mémber vun eisem Verein, der «Moralitas», sou wéi ech iech, a ménger Kalitéit als äré Sckretär, geschriwwen a versprach hun.» — «Bravo, bravo,» applodéieren s'allegueren. «Dir Herrschaften, huelt iech Plaz, wann ech glift,» weist op d'Still. - Wéi op Kommando, de Wiirt mat de Fläschen, eraus aus dem

Bistro, schitt eraus. De Sippi, houfreg. «Eise gudden, echten an honnertprozentegc Limosan, iwwerzeegt icch selwer», tippt mam Fan ger op d'Etikett, «an clo, leif Gäscht, hieft d'Glas, op d'Gesondheet vun eisem veréicte Besuch.» — Drénken allegueren an engem Zoch aus. No der zweter Tournée, c Gewibbels, Geréckels a Gefréckels op de Still, c Getcins a Gebraddels, Gegecks a Gelaachs. Allerguere wéi an enger Gellecht. — «Ech weess nüt wéi dat as, wat mat mir as lass? Wat ech nüt verstin, woufir ech vrou, sou lëschteg sin. Kénnnt laache sou an engem Stéck a spire liicht mech wéi eng Méck. Als géif ech schwiewe wéi c Vull, ganz héich mat méngem Stull.» — Éirewou Danzmusck aus enger Radioskëscht sténterlech kléngt. Gaangs drop, wéi aus dem Buedem geschoss, d'Rou sel, an engem bontfaarwegen, kuurzen a lëf tege Räckelchen, fléenk ewéi eng Dänzesch, deruerter danzt, leeft a spréngt a se op eemol racksteg virun en allegueren stoe bléift, zu en: «Danzen, sprangen, laachen, lëschteg sin, sangan, sech freén, genéissen, d'Liewen as schéin! Dofir, leif Leit, nüt laang gewaart an nüt gezéckt. Opstoën, allegueren, lo as et wou et gëlt. Dajce, dajee! E bësse méi dalli, dalli. Sou as et gutt. He mat dem aneren, oder cleng, Dréien, hépp, hépp, dajcc, méi séier. A la bonne heure. Virun, virun.» — An tatsäch lech, wat bis elo bei en allegueren, aus engem bestëmmte Grond, bannenzeg stomm, gebonnen a verstoppt loug, wéi Losecht, Wonsch, Begier a Liewcn, brécht wéi en hellt Donnerwieder aus c lass. Mënschen, déi op eemol sech gi wéi se a Wirklechkeet sin. Ouni Zwanck, Drock, Flicht an Hemmung, bis datt d'Rousel, säi Papp an de Sippi sech ewech gemaach hun an et aus der Musck këscht méri haart an nach méri haart kléngt. Do réischt gong et richteg lass. Mënschefigu ren, lieweg, ausgclossen, muttwölleg a kéng, déi, duurch Awirke vun engem bestëmmten, flësseggen Zaubermettelchen, sech wéi Nare bewegen, hin an hier hopsen, danzen a sprangen, Grimasse schneiden a wéi Gecke laa chen, zu gudder Lescht och nach wéi verréckt op Still an Dëscher fachen, Fláschen a Glic

scr, mat Kreesch a Gejáiz, ém sech jhummen, as wann se aus dem Häische wiren. — De Fripsi a Polizistenuniform, sténterlech virun e steet: «A wat heesch dat do? As dat nach dran? Ma sou eppes lieft nüt méi. Huet een do nach Wieder, matzen am hellen Do. Dat gét icch eng déier, loosst icch dat gesot sin.» — Wéi sti se do, d'Helde vun der «Moralitas», widderenee gedréckt wéi eng Häerd ver ängschtegt Schof, brénge vu Schreck keng Silb eraus a kucken dran as hätten se allegueren an d'Box gemaach. — De Fripsi mat stren ger Minn a schaarfén Toun: «Eng gelleg Schan, an decm härelechen, wonnerschéinen, romanteschen, historeschen a friddle chie Fierkelsdall sech wéi déi Well ze stellen,» zitt sain Notizbuch eraus, «da lauschtert gutt a spëtzt är Oucren, also, am Numm vun der Gercchtegkeit kloen ech icch allegueren un, wéi der do sid, op eng schanterlech a brutal Manéier, haut op dësen Dag, oupi Zécken...» — «Moment, Moment,» de Sippi kénnt gelaf, «Jooss déi Leit goen, se kénnen nüt derfir. Alles eng ofgemaacht Saach téschent mir, arcem Sekretär a méngem Frénd a Kolleg, Delegéierte vum Wirtsverband,» gi sech d'Hand, duerop cen nom aner an engem feierlechen Toun; Léif Leit, d'Geschicht as aus, Engle si mer alleguer keng, kier jidderee vru sénger Dir a loosst all Mënsch op séng Manéier glécklech gin, Respekt viru jiddren gem Matbürgjer, ob léunks oder riets, an dofir, leif Nolauschterer, drénk jidderen, wou, wéini a wat e wéllt, sief et Limosan, sief et Lët zebuerger Béier.»

— lessen an Drénken
hält Läif a Séil
zesummen —

Pauline Schroeder

Wéi de Räifkomm as...

Laanscht d'Waasser koum
de Räif eropgeschlach
an huet do an der Wiss
e schéine Gaart getraff.

Do slunge Bounen, Grompren
an Tomaten esou frësch,
déi voller Lieweskraaft
den neien Dag erwaart.

De Räif krécht béis erbäi
a bléist säi kalen Hauch
de Planze bis an d'Häerz –
et dung him mol nit leed.

An duerno blouf
vu jidder klenger Planz
en aarme Gräppche Mëscht –
den Dram vum neie Liewen
deen as am Räif vergaang.

Pauline Schroeder

Eng Baach am Dall

Et leeft eng ganz kleng Baach am Grond,
duurch Wisen a Gewan,
an alles wat do duuschtreng gët
zappt huerteg d'Nues an d'Waasser ran.

An d'Weiden, déi rondëmmer stin,
déi pëspre mateneen
wéi schéin et dach am Summer war,
lo ziddren se am kale Reen.

Huet och de leschte Wand am Hierscht
hir Blieder rafgerappt,
un hiren dënnen Äscht do sëtzt
schon iwerall en neie Knapp.

Dee wäerd sech spëtzen, wann et heescht,
dass et soll Fréijor gin,
da kënne mir mal neier Freed
vill schéi giel Miissercher gesin.

Da kluckst och nees déi Baach am Dall
a séngt hiirt heemlecht Lidd,
ech stin derbei a lauschtren no
a si mat der Natur am Fidd.

Raymond Schaack

En Naachen

Honnert Joërl an nach méi hun d'Dräi Eechelen roueg geschlof. Scho laang hu sc nöt méi gewosst, fir wat se egentlech dohi gesat gi waren. Wat sollt dat da wuel bedeiten: Fort Thüngen? Ganz déif an hirer Erënnerung huet et zwar nach hei ands do wéi e Militärrkommando geklongen. Ma dat war esou wäit ewech! Vill méi interessant ware fir si déi schick Eechelen op hirem Hutt, déi vun Zäit zu Zäit frësch vergold goufen. An deem Zesummenhank konnte si sech esouguer nach un eng Spiicht erënneren, déi matten am zwete Weltkrich passéiert war. Do hate jo nöt iwwer nuccht d'Eechelen dräi verschidde Faarwe kritt, an hu stolz a vermessan an engem patriotesche rout-wäiss-blo gelichtet. D'Dräi Eechele woussten och nach gutt, datt dést dem Gauleiter a sénge brongan. Henn nöt gefall hat, an datt et c puer Lëtzebuerger eng deier Wichs gi war, fir d'Eechelen nees am ale Gold erblénken ze loossen.

Nom Krich awer war näischt méi geschitt wat d'Dräi Eechelen an hirer Rou gestéiert hätt. Sonndes koumen alt emol e puer Dose Leit mat hire Kanner picknicken a spadscie- ren. E puer méi apaart Geeschter hun am Summer Pétanque hei gespillt...

Ma dunn as op eng Kéier der e Gewulls do uewen um Plateau lassgaang! En Héichhaus gouf gebaut, Stroosse goufe gezun. Et koumen deér Gebaier émmer méi. Aus der Strooss gouf eng Autobunn. Si hu vun engem «Kueb» geschwat, dee sollt gebaut gin. Gelungen! Bis elo waren d'Kueben nach émmer némmen aus den Eér gekroch, déi di Al an d'Näschter op d'Beem geluegt haten.

Ma esouguer csou eng konterbosseg Geschicht konnten d'Dräi Eechelen nöt aus hirer Rou bréngen, well direkt rondém si, as alles sain alen Tratsch weidergaangen bis... nu bis d'Regéierong op d'Iddi koum, fir jhust

énnert hirer Nues e Musée ze bauen. Wéi dës Saach sech bis erëngeschwat huet, sin nöt némmen d'Dräi Eechelen erwächt, ma am ganze Ländchen as der e Gejäiz ugaang, wéi een et bei dene verschlofene Lëtzebuerger némmen all honnert Joërl héiert. Op eng Kéier waren d'Dräi Eechelen «in». Jidder Mensch huet no hirer Gesondheet gefrot. Déi eng hun all hir Steng gezielt a numeréiert. Anerer hu mat engem décke Bagger no verluerene Steng gepuddelt, an hun der och wirklech nach e ganze Koup fond. Mat der Rou war et bis op Weideres emol eriwwer an d'Dräi Eechelen hu sech verzweiwelt gefrot, ob si se nach eng Kéier géingen erëmfannen.

Vun deem ganze Gedäisch wousste mir Gott-seidank nach näischt, wéi mer — mäi Brudder an ech — viru 35 Joërl, zesumme mam Professer Marcel Heuertz d'Dräi Eechele vu banne besicht hun.

Den Zipp — dat war dem Professer säi Spëtznumm, deen en iwwregens scho vu séngem Papp iwwerholl hat — war déi Zäit Direkter vum naturwissenschaftleche Musée. En huet ganz fir d'Wëssenschaft gelieft, an huet vill Verdéngschter ém d'Virgeschicht vun eisem Land, iwwert déi en e wäertvollt Buch geschriwwen huet. Donieft huet en sechawer och nach fir Botanik an Zoologie intereséiert. Deen Ament waren et d'Fliedermais, déi em et ugedin haten. Schon deemoools war et him opgefall, datt et deér esou nötzlecher Déieren émmer manner géif an e wollt kukken, wéi eng Zorten nach um Gebitt vun der Stad iwreg wiren. Hee wousst och, datt eng vun de wéinege Plaze, wou een nach Fliedermais fond huet, d'Kasematte wiren. Nët déi, wou déi Zäit schon d'Touristen hire Furri gedriwwen hun, ma déijéineg, wou joraus jora kee Mensch ze gesi war, déi énnert den Dräi Eechelen. Em dräi Ecke war den Zipp

nach Famill mat eis a well e wousst, datt mäi Brudder sech fir Naturwëssenschaافت an ech mech fir Geschicht interesseréiert hun, huet en eis enges Daags gefrot, ob mer zesumme mat him d'Tliedermais vun den Dräi Eechele wëlltc besiche goen.

Do war nüt laang zu zécken. Eng Expedition an ee vun den onbekanntesten Deler vun der aler Festung, an dobäi nach op der Sich nom Dracula sénge Koséngen, dat konnt ee sech nüt laanscht d'Nues goellossen.

Deen Donneschdeg Mëttag ware mer also prætt. Mer haten eis gutt waarm ugedin, well ennert dem Buedem as et kal, egal op d'Sonn schéngt oder nüt. Den Här Heuertz huet en décken, ale Schlëssel aus der Täsch gezun an huet d'Paart opgespaart, déi an den Dräi Eechelen hire Bauch féiert. Schon um Quietschen huet ee gehéiert, datt hei nüt oft een an an aus goung. Mer haten zwou Karbidsluuchte matbruecht. Déi goufen ugcfaang an d'Rees konnt lassgoen.

Ech si mer virkomm wéi de Begleder vum Professer Liddenbrock aus dem Jules Verne ségem Roman: *Voyage au Centre de la Terre*. Den Zipp hat wiirklech de richtge Kapp. Déck gro-wäiss Hoér an dee selwechte Baart, dee säi schankegt Gesiicht wonnerbar agrummthuet. Ausserdeem gouf et fir eis jo och némmen ee Wec: Dcen direkt an de Bauch vun der Äerd.

Éiert mer eis Rees ugetratt hun, huet den Zipp eis nach e puer Erklärungen iwwert d'Festung an iwwert d'Kasematte gin. E sot eis, datt dës hei an der Zäit emol an direkter Verbindung mat dene vum Bock gestan hätten. Datt also fréier e Gank bis op de Fong vum Uelzechtdall erofgaang wir, an ennert der Uelzechtdall erduerch bis an de Bock. Leider hat awer schon iwwer honnert Joér laang kee méi dee ganze System énnernal, an duerfir wire vill Gäng iirgendwou zesummegefall. Anerer wiren nach op, ma et wir liecsgéfierlech, fir sech dran ze woén, well kee méi wéisst wuer se géinge féieren a wéi baufällig och si wiren. Mir waren e wéineg enttäuscht well mer gemengt haten, mir kénnten zu

Fouss ennert dem Buedem dc Wee zréck bis an dc Musée goen. Nujee, esouguer wann dat nüt de Fall sollt sin, déi däischter 'Trap, déi virun eis gegaapst huet, war dach schon derzou ugedon, fir eis Fantasi unzukuerbeln. De Professer Heuertz goung vir mat sénger Luucht, mäi Brudder an ech koume mat ciscer hannendrun. D'Loft déi eis entgéint koum war wiirklech kal a virun allem och ficht. Automatesch hun ech de Kolli vu ménger Windjack erpogeschloen. D'Trap war a guddem Zoustand, ma e wéineg glétscheg. Laang war do scho kee méi erof gaang an allerlee Algen a Fließten haten sech kënnen drop festsetzen. Déi eenzel Träpplecke waren ausser Moosseen héich an nodeem mer der en etlech véierzeg erofgeknéchelt waren, hate mer et schon an de Been. Mer ware vrou, wéi elo e Gank koum, dee vill manner géi war. Hei sollte mer ufänken no de Fliedermais ze kucken. Den Zipp huet séng Lanter héich gehal, well déi Kärcle sech jo am léifste un de Plafang hänken. En hat eis och gesot, keng zevill brüsk Gesten ze maachen, fir d'Tliedermais nüt ze erféieren an am Fall, wou se nawell géingen erwächten an ufänken ém eis ze fléien, beileiwen nüt a Panik ze geroden. Déi Dicieren hu jo e wonnerbare Radar an di kengem Menschen eppes ze leeds.

Virsichteg si mer weidergaang, ma keng Fliedermaus war ze gesin. «Ech hat icch et jo gesot, et gët der émmer manner. Geschwenn as och hei keng méi iwreg. Et as en Dauerschued.» Den Zipp huet sénger Enttäuschung Loft gemaach. Mir goungé weider. De Gank huet ugefaang géi no énnenze goen. Eis Luuchten hu fantastesch Schieder op déi al Mauere gehäit, ma et war kee vun enger Fliedermaus derbäi.

Mer ware schon eng gutt Zäit gaang wéi sech den Haaptgank an dräi gedeelt huet. «Kommt, mer halen eis un den Haaptgank,» sot den Zipp. No en etlech honnert Meter awer koume mer op eng Plaz wou eng Rei Steng vum Verwöllef erofgfall waren. Si louchen um Buedem wéi eng Waréng. «Halt! elei gi mer nüt weider. Do kann all Ament de ganze Plafang gebonzelt kommen.» Mir gou-

gen zréck an hun dee rietse Gank gholl. Dcc war vill méi schmuel an och méi géi wéi den Haaptgank. Mer si scíer méi d'cif an dc Buedem komm. No ongefíeier 150 Meter koum dunn eppes ganz Oncrwaartes: Op der lénker Sait vum Gank war eng hélzen Dir an der Mauer. Mer waren allen dräi e bësse virwëtzeg. Den Zipp huet un der Klensch gefréckelt. D'Dir goung ouni Weideres op. Derhannert as eng Trap no éinne gaang. «Donnerwetzk! Dat do hat ech mer nët erwaart. Ech war iwregens nach ni an dësem Gank. Wat mengt der, Jongen? Solle mer emol kucken, wuer déi Trap hiffeert?» Mir ware begeeschtert. Elo koumc mer jo an en Deel vun de Kasematten déi esouguer den Zipp nët kannt huet!

D'Träpplecke ware ganz ongläich héich. Een hat zéng Zantimeter,deen derno der zwanzeg. Et huet ee misse verdäiwelt oppasse fir sech nët ze verträppelen. An dann och nach déi Luucht am Grapp, op déi een huet missen uechtgin. Dobäi wollt déi Trap keen Enn kréien. Mir hate scho faméisc Jhelli an de Been. Elo goufen d'Träpplecken och nach glëtscheg, Kredjéft! Bal wir ech un d'Bonzele komm. Ech krut mech nach jhust op mäi Brudder gestäipt, dcc viru mer goung.

Endlech hate mer d'Trap hannert eis. Nach émmer war keng Fliedermaus widder bai nach no. Ma vum Plafong houngé masseg kleng, wäiss Stalaktiten erof. D'Maucrén hu geglënnert wéi wa Salz drop gestreeet wier.


De Gank goung nach weider no énnen. Et gouf émmer méi fiicht. De Buedem aus Leem a Fiels war esou glëtscheg wéi wann e mat Schwaarzseef ageriwwé wir. Mer si réiglerecht weidergetürtelt. Allen dräi awer ware mer vum Entdeckerfeiwer gepaakt. Wéi wäit sollt dee Gank wuel nach weidergoen? Plazeweis stoungen elo Pill um Buedem. Et huet eis op de Kapp gedrépst. D'Loft gouf nach méi fiicht. Déi Fiichtegkeet an d'Keelt sin engem duerch Muerch a Schank gaang. Ech hu méngem Brudder alt emol d'Luucht gin, fir mer d'Hänn eng Kéier ze reiwen, well ech hat scho bal den Neclchen. Dunn as awer

eppes geschitt, wat mech dat alles vergiesse gedin huet. Op een Zock huet dem Professer Ieuertz séng Luucht sech am Niwwel verluer.

Mer waren um Énn vum Gank ukomm, an hun an c grousse Sall gekuckt dee sech vrun eis opgedin huet. Wéi mer eis méi genee émsinn hun, sollte mer eisen Aen nët trauen: Mir stoungen um Uwwer vun engem Waasser. Wéi breet war et? Eis schappig Luuchten hun eis et nët verroden. Dat konnt dach némmeen d'Uelzech sin, oder? Mer wousste jo awer allen dräi, datt déi néierens verschwënnnt an datt hirc ganze Laf ouni Geheimnes as. War dat hei en Aarm, dee bis elo vu kengem Geograph offiziell festgehale gi war? Den Zipp, als Wéssenschaftler war nach méi doruechter wéi mir zwéin. En huet de Kapp geréselt: «Déi do as nët schlecht. Wou soll dat Waasser wuel hirkommen? Et as keen Dëmpel, well et leeft. Fir wat huet da keen an der Beschreibung vun der Festung dervu geschriwwen? Am Koltze Jhempi sénge Bicher steet op alle Fall näisch dervun, an deen huet dach awer all cenzelne Steen vun der aler Festung opgezielt a numeréiert.»

Mer si wcider laanscht dc Floss gaang. «Éiere-wou muss e jo un d'Dageslicht kommen.» No 100 Meter koum déi nächst Iwwerra-schung. Um Uwwer, un engem décken Eise-rank, ware Seel festgemaach. Dat Seel huet en Nachen ugehal. An am Nachen — mir sin allen dräi zréckuetesch gaang — do loug e Skelett. Fatze vun enger Uniform hun d'Schanken nach e wéincg agewéckelt. D'Reschter vun engem Schacko souzen um Doudekapp, deen eis ugegrinst huet.

Nom éischte Schreck hu mer reajhériert «Kommt mer zéien den Naachen erbäi,» sot den Zipp. «Et géing mech intresséieren, wat fir eng Uniform dee Mann do dréit.» Mäi Brudder an ech hun d'Seel gepaakt, wat den Naachen ugehal huet. Ma dat war esou vermuuscht, datt, grad wéi mer nom Naache gräife wollten ,et zerrass as. Mat engem ver-zweifelte Geste huet den Zipp nach versicht den Naachen ze fänken. Et war nët méi dran.

*Pe'l Schlechter*

Lucs, ganz lues as en op d'Mëtt vum Floss zougesteiert, a grad esou lues as e mat séngem geheimnesolle Passajhéier aus dem Schäi vun eise Luuchte verschwonn.

Mir hun eis entgeschtert bekuckt, hun eis Luuchte méi héich gehal fir nach c leschte Bléck dervun anzefánken. D'Däischtert huet den Naache mat séngem onhcemleche Passajhéier opgefriess.

Elo hu mer eis haart iwwer eisc Pech opgereet. Mer waren nach um Gestikuléieren, do hu mer e Geräisch héieren ewéi wann de Wand sech géing hiewen. Hei énnert dem Buedem Wand? Dat gouf et dach nüt. Ma scho sin honnerte vu Flillécken iwvert eis gedanzt. En immense Schwaarm Fliedermais as eis mat schaarfem Gepiips ém d'Käpp geflun. All Ament huet ee gemengt e Flillek ze spiren. Geeschterhänn si mer iwwer d'Gesiicht gefuer. Ech war csou dorucghter, datt ech dem Zipp séng gutt Rotschléi vergiess hun, an ugsaang hun, ém mech ze schlóen. «Roueg, Jongen, verléiert d'Nerven nüt. Si din eis náisch!» A wiirklech, grad esou wéi se komm waren, sin d'Fliedermais och nees verschwonn. Wéi e Cortège vu Geeschter oder Däiwele si se dem Naachen nogeflun, dee mat séngem schankege Charon de Wee an d'Énnerwelt geholl hat, ouni eis sái Geheimnes ze verroden.

Jhust an deem Ament, wéi déi lescht Fliedermais fortgeschwieft as, huet méng Luucht

eng Kéier hell opgelücht an as gläich drop ausgaang. «Tüm Gotteswällen! De Karbid as um Enn. Jongen, hell ewech no uewen. Et heesch keng Minutt ze verléicren.» Hals iwwer Kapp si mer de Wee zréckgehetzt. All Ament hu mer gefaart, déi zweet Luucht géif de Geescht opgin. An dér knubbeleger Trap sin ech noch gefall. Mäi Knéi huet elle wéi gedin, ma cch hu kee Pipjeswiertche gesot a sin daper weidergehíppelt.

Endlech koume mer bei déi saméis Dir. Gutt fénnes Minuten drop ware mer bei der viischter Trap ukomm. Jhust an deem Ament geet dem Zipp séng Luucht aus. Op een Zock koum eng onhcemlech Panik iwwer mech. Ech hu gemengt, ech géif erstéckken. Et waren akuten Ufall vu Klaustrophobie. Ech hu gekäicht a wéi wéll ém mech geschloen. Millioune Kiloë lougen op ménger Broscht. Mäi Brudder huet mech missen déi lescht Träpplécken eropzéien. Jhust wéi ech gemengt hun, et wir mäi Lescht, hu mer éischt Unzeeche vum Dageslicht gesin. Ni hat ech mech esou driwwer gefreet.

Dem Zipp awer huet eis Entdeckung keng Rou gelooss. «Mar oder iwwerp kommen och crém. Ech muss wésse wat fir e Waasser dat do énnen as.» En as erémkomm, ma d'Geheimnis vum Waasser as en ni gewuer gin. Hannert der klenger hélzen Dir war iwwer Nuecht d'Gewellef zesummegefall. D'Trap fir an d'Déift war definitiv verschott.

Sankt Maximäin an déi Réimecher

Vum Däitschen an d'Lëtzebuergescht iwwersat an nei verschafft vum Milly Thill aus dem «*Sagenschatz des Luxemburger Landes*» gesammelt von Nikolaus Gredt

I Hautdësdaags fueren d'Lëtzebuerger gären an zimlech dacks op Tréier akafen, mä fréier si se häseg ze Fouss no Sankt Maximäin gepilgert, wa Leed se gedréckt a Krankheet sc geplot hun. Um Graf vum hellege Bëschof vun Tréier hu si gebiet a gehofft erhéiert ze gi vun hirem Misär.

De Bertholet, ee vun eisen celste Geschichtsschreiber am decmolegen Herzogtum Lëtzebuerg, erzielt eis, datt schons de Karl Martel, um Graf vum hellege Maximäin, vun enger schlëmmer Kränkt geheclt gouf an datt en doropshin, aus Dankbarkeet der Abtei Sankt Maximäin séng Gidder zu Kënzeg, Stesch a Weimeschkiirch vermat huet.

De Bertholet erzielt weider, datt zur Zäit vun cism eische Lëtzebuerger Grof Sigfrid e gewëssen Adalbert «Lehnsherr» vu Réimech war. Dee jonke Rüchter war kee Bongen. Hien huct déi Réimecher drangsaléiert a schikanéiert an hinnen ze soen d'Bluttënnert den Neel erausgesuckelt. Duerfir hun déi Réimecher hic gefaart wéi der Däiwel d'Wäiwaasscr.

Glécklecherweis war dem Adalbert séng Mamm eng ersierklech fromm Fra. Duerfir huet si hircm Jong un d'Häerz geluegt, déi Réimecher nüt esou haarthäerzeg, mä mci gerecht ze behandelen. Mä de Gaarzdäiwel vun Adalbert huet sénger Mamm hir gutt Rotschléi an dc Wand geschloen an hat kee Verstéesdemes fir séng énnerdéngeg Leit vu Réimech.

Enges Daags war d'Mooss voll bai cism Miseler Vollek. Esou hirer sechzeg Réimecher Maansleit hu sech op de Wee no Tréier gemat a sin un d'Graf vum hellege Maximäin gepilgert. Do hu si den hellege Bëschof em Hélfet gebiedelt. Eng ganz Nuecht hun si virun der Abtei verbruecht. Wéi mueres

d'Klouschterpaart opgong, sin zwielef vun dene beschten a frommste Männer an d'Kiirch eragaangen an hun de ganzen Dag an och nach déi Nuccht drop andächtcg beim Graf vum hellege Maximäin gebiet.

Um zweten Dag koum du muerges dem Adalbert séng Mamm och bai d'Graf bidden. Si war vun hirem Jong Adalbert begleet. Déi Réimecher sin erséiert, hun sech de laange Wec virun d'Altär niddergehäit an eng hallef Stonn laang laudenhaart zu decm groussen hellcgc Maximäin gebiet a gejéimert. Ëm Gottes Welle sollt hie sech hirer erbaarmen a se vun deem Plogeesch Adalbert erléisen.

Déi Nout an dat Leed vun dene Réimecher huet dem Adalbert séng Mamm bis an den Häerzfong crgraff. Wéi du hire stramme Jong séng énnerdéngeg Leit als Ligener veraffrontéiert an a voller Rosereu sái Schwäert erausgezun a geschwuer huet déi onverschimte Leit fatzeg ze bestrofen, fung d'Mamm un ze kräischen.

An heielei, op der Dot gouf den Adalbert bleech wéi eng Läich, huet op Hänn a Féiss geziddert wéi Espelaf a krut kee Wuert méi iwvert d'Lëpsen! Et huet firchterlech gerabbelt wéi sái Schwäert aus dem Rimm gesprongen an op de Buedem getrollt as. Den Adalbert stung do wéi verstengert. Ouni Zwiwel hat Sankt Maximäin déi Réimecher erhéiert an dec schlëmme Brudder vu «Lehnsherr» ferm bestrooft.

Den Adalbert huet misste nogin. Hie krut séng Gidder a séng Verwaltung zu Réimech ofgeholl. Déi Réimecher hun opgeotemt. Si koume sech es nüt zou iwvert dat gellecht Wonner vum hellege Maximäin. Mä si waren esou elle matgeholl vun de Strapazen op hirem Pilgergank a vun deér Aangscht, dene

laangen Nuechten an deem ville Bieden a Sankt Maximäin.

Duerfir koum de Pater Wenilon hinne mat enger gudder Fläsch Wäin zu Höllef. Am Numm vum hellege Maximäin huet hien dat sëffeg Miselerkräitche gescent a jiddcrengem vun dene Réimecher dervun ze drénke gin. Déi hällef erdiischtet Maansleit hu sech nüt laang fléiwe gelooss an e kräftege Schotz déi dréche Strass erofteschott.

A Jësseskanner, d'Fläsch gouf nüt eidel! War

dat nüt en zweet Wonner vum hellege Maximäin fir déi fromm Réimecher Pilger, déi sech elo nach méi verwonnert an iwwerglécklech op d'Heemrees gemat hun?

Ennerwec hu si nach vill deér säfteger Schlippercher aus deér gudder Fläsch gedronk an, o Wonner, o Wonner, si gouf nüt eidel. Am Géigendeel, si as voll bliwwen, esou wéi wa keen draus gedronk hätt...

Och d'Freed krut keen Enn wéi déi Réimecher erëm doheem ukomm sin.

P. M. Ruden

Dat wässt Fille bei der Präteler Bréck (Mëllerdall)

Zwéi Männer vu Konsdercf, de Schousterklos Pittchen an e Mann aus Téilchenhaus ware mateneen an d'Fiels op de Maart fir e Päerd ze kafcn.

Se hun awer keen Handel gemaacht, well kce Päerd do war, wat e gefall huet. Sc sin du iewer nach nüt gläich heem gaangen a se hu sech ameséiert an der Fiels bis et Nuecht war.

Um Wee fir heem, wéi se bis iwwer d'Grenz waren, elei kënnt op ecmol aus dem déckc Bësch, bis an de Wec, e schéint wässt Fillen. Et war grouss a schwéicr, 't hätt kënnen ugspaant gin. Et hat e sëlwer Zam un an et huet en iwwer de Bucdem geschleeft, as wéi wann et wéllt soen: Hei, pak mech un!

De Pittchen hat et fir d'éischt gesin an e sot: «Kuck, wat as elo», an e wollt d'Fille mam Zam huclen: du sot den aner: «pak et nüt un - looss et roueg - an der Nuecht léisst ecn all Gedéiesch goen!»

An d'Fille mam sëlwer Zam as schéi mat c viru gaangen, de ganze Wec, bis bei d'Duerf. Do hu s'et nüt méi gesin. Ower deen anerc Muergen haten d'Männer allebéid gro Hor.

(Aus: Jong-Hemecht, Heft 3. Jan.-Febr. 1936. 10.Jg.)

Josy Ourth

Am Dällchen

*Am Dällche spréngt äerdegg
duerch d'Wisen eng Quell,
hir Stëmmche kléngt monter,
wéi Kristall sou hell.
Si glénnert a fénkelt
vu Muttwéll all Dag
an danzt sou gewiirweg
laanscht d'Stecker bei d'Baach.*

*Si spiltt mat de Walen,
mam Villchen um Steen
a séngt e frout Liddchen,
't sief Sonn oder Reen.
De Pausank, séng Frächen,
mam zäertleche Bléck,
se dräme beim Waasser
vum éiwege Gléck.*

*O denks du mat Freden nach drun
wéi deemools ons Blécker sech hun
am sëlvrege Spigel begéint
an d'Aë vu Loscht hu geblénkt?
Zwee Häerzer do hu sech verstanen
a geschwuerten zesummenzehalen.*

Roger Lugen

Fënnef vir zwielef...

D'Déiere waren am Gréngewald beim Kircbierg op eng grouss international Konferenz zesummegruff gin, fir iwwer hir Problemer mat de Mënschen ze diskutéieren. Direkt an der Entrée vum Konferenzzentrum am Dall bei der Baach wor der c Gejadwers an c Geschnadders, datt een sain egent Wuert nüt verstan huet. Déi sech ewell laang nüt mci gesinn haten, hun sech mat vill Kaméidi begréisst, anerer hun sech virgestallt oder sin scch aus de Fciss gaang, déi eng hun dci aner gezeckt oder sech għasseg Wicrder un de Kapp gehäit: 't wor wéi op engem Maart mat vill Gedäisch a Gedeessems.

De Fiüsschen as mat enger Kap dorëmmer gclaf, op där d'Ziffer 25,9 stung. De Storch aus dem Elsass frot dc Pohunn, wat dat géif bedeiten, «Hien huet dem Adeler déi exclusiv Rechter op d'Télévisioun ofgegotzelt», sot deen, «dat wärd de Präis sin». «A sou», duecht de Storch, «da weccs ech elo, fir wat datt den Adeler sou granzeg drakuckt an hei-andsdo mat dc Flillecke schléit».

D'Iyän an de Schakal haten sech als Reporter aschrciwe gelooss, an si hun dat och däitlech gewisen: si waren hanner jidderengem hier fir zouzegräfen, wann een c Batz ging falloossen.

Den Af souz mam Micro uewen um Hals vun der Giraff, wou en alles iwwersin huet.

«Ma do sczt du nawell nüt asegg», huet den Zebra geruff. «Maach du dc Geck mat déngem almoudesch gesträiste Kostüm», äntwert den Af. «Du schéngs ewell laang keen neie mci kritt ze hun!»

Den Eléfant, deem sái Rüssel bestänneg gelaf as, hat e bçise Schnapp erwëscht, ma wéi de President him en Zeeche gin huet, huet en eng Kéier ganz freeschléch getrottert, datt alles erféiert as; an du wor et roueg!

De Léiw huet d'Konferenz presidéiert; dofir hat hien sech ganz feierlech gekleet: hie stung

virun hinnen alleguer an séngem roude, patriotesche Kostüm, de Schwanz an d'Lucht an d'Patten no vir gestreckt. Sái Wonsch war et, datt jiddereen zu Wuert kéim, fir séng Menong ze soen a Propositionen ze maachen, fir datt de Mënsch emol endlech vun der Déierewelt Notiz sollt huelen... Si sollten all fräi vun der Long op d'Zong schwätzen, ongefíer nom Motto: «Wann et mir no ging, dann...»

An du gung et lass. De Léiw hat all Méi fir Uerdnong ze schafen, datt kee vum aneren iwerdubbett gouf. Jiddereen hat eppes um Häerz, jiddree wousst eppes ze soen, wat de Mënsch verbrach sollt hun, a jiddereen hat natürlech de beschte Reméid ze proposéieren.

Wann et dem Léiw ze vill gouf, da krut den Eléfant erém en Zeechen,

«Wann et no mir ging», sot de Wuerm, «dann dierften d'Mënschen hir Gaart nüt mci gruewen, well dat as fir äis aner liewesgefíerlech!»

«Du aarme Wiirmchen», huet d'Spréif geäntwert — a schon hat se sech e gepléckt.

D'Fesch haten d'Forell als Delegierte geschéckt; si huet dem President e Memorandum iwwerrechtf, an deem stung, datt d'Fesch sech dat nüt mci ginge gefale loossen, wat mat hirem Waasser ueter d'Welt geschitt! «Ging et äis no, da missten all déi Réier, déi de Knascht an d'Waasser bréngen, zougestoppt gin, an da missten d'Mënschen un hirem egenen Dreck erstécken». Dat wor däitlech.

En etlech Déieren hu «Bravo» geruff, an de Storch huet mat séngem Schniewel geklabbert a gesot: «Dat do as mcinger wärrech eng gutt Iddi. Wann et äis Vullen no ging, da missen déi héich Réier och zougestoppt gin, da géif d'Loft erém propper, a mir kénnten oot-

men. Soulaang wéi dat nét geschitt, komme mir Storchen nét méi an Europa!

D'Wullmaus hat sech ganz lénks placéiert an huet bestänneg gemault: «Wat as dat do e Gedcessems, dat as ganz iwwerflésseg, mir si staark genuch, fir d'ganz Mënschheet kleng ze kréien...»

«Ganz richteg», koum eng Stëmm aus dem Buedem.

Eng Int, déi derniewent stung, wor erféiert, an d'Wullmaus sot: «Dat as mäi Komerod, de Genosse Maulef. Mir zwéi schaffcn am Däischtcren...»

«An den Dreck, deen s'op eis Felder gehcien: as dat dann näisch?» huet dun den Ebcs geruff, deen an der waarmen Sonn op engem Steen e bësse getompt hat. «It as een Dreck an e Gestank, datt engem d'Dronkenellen ausgin. T kënnt een déi ganz Band ermëlzen!»

An esou gung et hin an hier mat de gudden a manner gudden Iddiën, a wann et dcem Kongress no gaange wir, da wiren d'Mënschen all mateneen erschloen, erstéckt, erbass an eroff gin.

* * *

De Péitrus wor am Gaang déi international Neigketen ze lauschteren, an du huet en alles vun der Konferenz matkritt. «Dat do as jo hirmiddeg», duecht hien. «Wat heesch hei <Wann et mir no ging?> Déi do bréngé jo doch näisch färdeg! Ech weess c'ppes Bcesseres.» An hiен as stracks bei den Herrgott gelaf, fir deem séng Iddi ze soen.

«D'Mënschheet as drop an drun, fir d'Welt futti ze maachen. Wir et nét am beschten, mer gëif en Sintflut op se lassloosser? Domat gëif déi Dreckspitteren ersaufen, an d'Welt gëif frësch gebotzt». Hien hat eng Aier, datt eiser Här de Kapp gerëselt huet.

«Mái léiwe Péitrus, woors du dann nét och mol c Mënsch? Hues du dann nét och mol Dreck gemaach aleie gelooss? A wat gings de soen, wann ech dofir eng Sintflut op dech lassgelooss hätt? Ech hun dem Mënsch säi fräie Wëll gelooss, ech huelen him en nét ewech, och wann et mer wéi deet, wat e mat ménger schéiner Welt mécht.»

«Ech wor wuel e Mënsch, ower zu ménger Zäit as nach kee chemeschen Dreck fabrizéiert gin. An si fänken un erauszfannen, wéi den Universum fonktionniert, an si halen sech all fir kleng Hergotten! An dat wat se färdegbrengé as, datt se sech den Aascht ofseen, wou se drop sätzen. Wann et mir no ging, da...»

«...da gëif d'ganz Welt éinner Waasser gesat! A wat hätte mer dovun? Maach lues, Péitrus, ech sin nach émmer den Här. Ech gi wuel zou, datt se do énnen ze wäit gin, a wann et mir no ging...»

De Péitrus huet eiser Här vun énnen erop gekuckt a gehouscht.

«Ech weess», huet deen du gesot an op d'Himmelsauer gekuckt «It as fënnec vir zwielef. Wa se sech bis zwielef Auer nüt gebessert hun, abee, da geet do énnen d'Iuucht aus!»

Jeanine Theis-Kauth

Owes, wann et reent

Laanscht eng zerbaschte Mauer
schlaufen ech. Den Owend fällt.
Eng onduerchsichteg Schauer
spaant e Rido flucht a kal
tëscht mir an enger eidler Welt.

An 't as mer alles haut egal!

Vum Wantergring, vu sénge Blieder,
déi, wéi en däischtre Daach aus Lieder,
sech iwer d'Vullenäschter leen,
suddelt de Reen,
suddelt de Reen
haut a mar. Wie weess wéi laang?
Ech si gefaang
tëscht Reen a Steng.
Verdaamt eleng.

Rita Wennmacher

Knupfreed

I

E Park. Nët wéi en am Buch steet, ma een, iwwer dee sech all Stad esou vill frcë gëng, datt s'en op décke, blénkege Pabeier mat ville faarwege Fotoë grouss craus bréngen, a sech zolidd domat bretze géif. Hektare Wues, Beem bis an den Himmel. Tréppelwéer wéi rout Tapién, Blummegärtercher, dräi Weiere mat Fësch dran an Inten a Schwunnen drop, Sänti fir déi ganz Kleng an eng Sportswiss fir d'Rolzbouwen, déi jo esou gär Foussball spiller, an et hei och däerfen. Speitsdëns clo wecess jiddfereen, datt dee Park do nét am Létzbuurger Ländche leic kann.

Poppelcher, déi vun hire Mammië spadséiere geféiert gin, kleng Kanner, déi vun hire Pappië Velofuere geléiert gin, Touristen, déi Minigolf spiller, ganz al Bomiën, déi op de Bänke sätzen a sech dee ganzen Trublement a Rou ukucken, fir dobäi iwwer de Senn vun hirem Liewen nozedenken, an zwéi Binneren, déi sech zwar émmer crém virgholl haten, ganz brav ze sin an et muenchmol och waren...

Hannert denen dräi Weiere läit eng schéi, grouss Schwämm, mat verschidde Bassinën. Do goufen déi zwéi Krappeg vun hiren Elterc schwamme geléiert, nach éiere se an déi grouss Schoul koumen.

En Dag am Juli. Gliddeg wéi am Bakuewen, eng glaskloer Loft. Et gouf am klengen Bassin fläisseg trainéiert, dem Gast war et awer nüt oszegewinnen, no all zwetc Strapp crém crof dauchen ze goen. Nu je, esou hat en alt Freed um Waasser a vrun allem keng Angscht. Däischter Wollécke sin opgezun, ma éier ee gemierkt huet, wat lass war, huet et cwell ugefaang ze donneren. A bis déi dausend Leit sech an dene fofzeg Kabinnen dréche Kleider ugedoen haten, huet et riicht era gereent.

Eis véier haten et nüt wäit bis heem. Queesch duerch de Park hu se misse goen a laanscht déi héich Beem, ronderëm déi et gebléutzt a gedonnert huet. Déi Kleng hate keng Angscht, hinnen hat et onheemleche Spaass gemaacht, am Schloreen mat zwéi Féiss vun engem Pull an deen ancren ze sprangen. Di al Bomiën hu sech énner d'Beem gedréckt, well se gemengt hun, do alt e bësse vum Reen verschount ze bleiwen, ma et hat däermoosse geplätscht, datt d'Waasser cropgesprézt as, datt de Bomiën hir Been bis erop iwwer d'Knéc naass goufen. Op de Kapp an op hir schankeg Schélleren huet et duerch d'Laf vun de Beem gerceent a se goufen och nach zappa-naass vun uewen. D'Keelt schlächt an esou Fäll séier ém d'Répper. A wat hate se du



gewiedert, wéi se di zwéi Kleng gesouchen, eppes maachen, wat si hirer Liefdag ni gewot hätten, an hire Kanner a Kannskanner émmer streng verbueden haten. An hei hun d'Elteren déi Krapperten och nach gewärde gelooss!

— Hun déi sc nach all? Dat do kann ee jo nüt veräntweren! Déi arcem Kanner kréie jo eng Longenentzündung! Wat en Onverstand!

D'Mamm huet gemaacht, wéi wa se näischt héiere géif an duecht bei sech:

— Sou laang se a Bewegung bleiwen, gët et hinnen nüt kal.

Doheem koumen d'Kanner énner eng waarm Douche an d'Kleder mat de Schwammböxen an d'Wäschmaschin. E Schnapp? A wou denkt der hin!

II

De Knuppert, dcen de Luc an engem Pull fond an heemlech an d'Täsch gestach hat, gouf och ofgedréchent an emol vun alle Säiten inspiziert. Et war c famoust Stéck, bal esou grouss wéi e Kanneraarm, awer en hat keng Schnouer méi. E war duerch an duerch naass. Deglaang huet de Luc probéiert en ze dréchenen, awer well en en émmer nees huet misse verstoppfen, as nüt vill draus gin. A well d'Mammien et esou u sech hun, all Dag d' Better ze maachen, an och drénner ze botzen, as dat gutt Stéck nun emol fond gin. Owes gouf et dunn en Donnerwieder, awer nüt deer ganz schroör cent, well d'Elteren och nach e bësse lausbouweg waren. Wochelaang gouf dunn dat gutt Stéck «offiziell» gedréchent: Niewent der Kachmaschin, an der Sonn, mam Föhn, wéi och émmer. E war steenhaart gin.

Enges owes dann, war en «zeideg». D'Béiwercher waren zénter e puer Dcg scho brav wéi Scheweicher, an hir Elteren hu sech heemlech och op dat gefreet, wat elo kënnt. De Knuppert gouf an e puer Pabeiersnueschnappecher gewéckelt an an dem Papp séng déif Mantelstäsch gestach. De Luc huet de Briquet zc droë kritt, an du sin sc alle véier an de

Park verschwonn. Et war scho spéit, se hu kee mci begéint. De wäisse Päckelche gouf op d'Wiss geluegt, mam Briquet de Pabcier ugefaang, an du si se alle véier hanner dem éischten, décke Barn an Deckung gaang. Et huet eng Éiwegkeet gedauert, awer näischt as geschitt. Déi zwou Niesercher wolltc schon crém hanner dem Barn crausluussen, awer de Papp hat huerteg séng Bouwe beim Schlagwittche geholl a nees hannerwands gezun.

E firchterleche Knalert zerrässt d'Loft. Eng Explosiouen mécht nüt mci Kaméidi. Vun alle Säiten donnert et nach no. Déi véier Verbriecher hate sech d'Oueren zougehal, dosir konnte se d'Fénstere vun den Haiser déisait dem Park och nüt rabbelen héieren. D'Inte sin an d'héi Luucht a fort geflun an hun opgelegt geschnaddert. An du gouf et onheemlech roueg.

D'ënnes Minutte méi spéit daucht een cische Police-Auto op. Déi Häre gesin awer nëmmen eng harmlos Famill mat zwee klenge Kanner friddlech heemtrëppelen.



— Jo, mir hun de Knuppert och héieren.

— Nee, mir hu kee gesin.

Schlecht Kannerpsychologe sid dir, dir
IIären, dir huet de Kanner hir blénkeg Guk-
kelcher an hir rout Bäckelcher iwwersin!
D'Kanner waren eng ganz Woch laang brav.

III

Wéi se bis fräigeschwomme warcn, hun de Luc an de Gast däcrfen eleng am Park spinnen.
Dat hat deen immensen Avantage, datt d'Elteren nüt méi alles gewuer goufen. Ech menge mat dem Avantage awer och, datt d'Elteren sech nüt méi hu missen iwwer esou villes iergeren.

Di dräi Weiere sin duerch eng kleng Baach verbonnen. Op deer Bächelche kann een sech stonnelaang ameséieren, sou flott kleng Schéffelcher schwammen ze loossen. Wann dann awer zevill Waasser an de Weieren as, da leeft et ze séier erof, an da muss ec sech tommeclen, fir sái Schéffelche mat Zait erémzeféischen. Dogéint hélleft awer e Wier. Do kann een och stonnelaang mat Steng a Graspitsch dru bauen, ouni datt et langweileg as. An da gét dat e kléngé Séi, oder och méi e groussen, oder iwwer Nuecht och eng Iwwerschwemmung, an de Sportsterrain steet énner Waasser. An da gét den ancren Dag de Schöllege gesicht an nüt fond, an da wonnert d'Mammisech, datt hire Gasti zwou ganzer Woche laang esou e brave Jong as.

IV

Op engem vu sénge Sträifzich duerch «d'Brousse» ronderém d'Weieren hat de Gast eng verstoppt Kiirb fond. En huet dat gutt Stéck vun alle Säiten énnersicht a richteg kombiníiert: Domat léisst sech eppes op oder zou dréien. Du goung en op d'Sich; D'Kiirb huet op d'Schrauf vun der Schléis gepasst, a se huet sech ganz liicht dréinc geleooss...

All Joér, de leschte Sonndeg am August feiert de Kanéngerchersclub sái grousst Weierfest.

Mat Präisser fir déi schéinst Déiercher a mat engem Concert. D'Brauerei bréngt Déscher a

Bänken, Humpen, Klenschen a Fässer Béier, d'Fraë bake Kuch an de Metzler künnt Wirschtercher an Thüringer grillen. Invitéiert gét all Joërs de Schéffmodellbauerclub. Déi bréngen hir neist Créatioune mat, an eng extra Hrlabnes, fir se däerfen op dem ieweschte Weier schwammen ze loessen. Deglaang gét um Fest virbereet, a wann et nüt grad reent, huet et och émmer vill Succès.

Ee Joér, et war deer ganz dréchener eent, war den Niveau vum Schéffelchersweier samschades uerg niddereg. Déi éischt Stire sin a Fale geluegt gin: Et hätt ec geméngt, e wär dach nach géschter méi héich gewiescht. Vlaicht awer hätt ec sech och némme gëiirt.

Deen ancren Dag, et war e Wieder wéi gemoolt, stoungen déi zwéi Veräiner vrun enger Katastroph: et war kee Waaser méi am Weier! Kee Fatz méi. Déi mat de Schéffelcher hun, rose wéi eng Spann, hir Saachen agepaakt, d'Dire vun den Autoën (vill méi wéi soss!) zougeklaakt a sech ewechgemaacht. D'Musek huet gespillt, fir awer alt e bësse Stëmmung ze maachen, ma nach méi falsch wéi soss. Déi Kleng goufe mat Kuch getréisch; muench ee Stéck huet salzeg geschmaacht, vun dene ville Tréinen, dci drop gebonzelt sin. Ém dräi Auer war des Kéier schon alles eriwwer.

Méindes stoung et grouss an der Zeidong: «Frevel im Park» an «Spezialwerkzeug zum Betätigen der Schleuse vermisst» an csou weider.

Owes sot de Papp zu sénger Fra:

— Et gét awer Leit, denen as näischt helleg.

D'Tra äntwert:

— Wou kann een némmen de Leit dee bësse Spaass esou verdierwen!

Kuerz éier de Klees-che koum, huet d'Mamm, enges gudde Muergen, wéi de Luc an de Gast an der Schoul waren, an de Spillsaache geraumt a vill ale Krepéng gelantert. Énner denen alc Saache war och esou eng droleg Kiirb.

D'Mamm huet de Kapp geréselt:

— Nee, wat se awer nüt alles versuergen!

Danielle Hoffelt

Schueberfouer

wéi an engem Dram
-- cauchemar
oder Wönschdram?

Leit, vill Leit.

Leit, déi ech soss
nach ni
gesin hat.

Leit, déi ech mir
och ni
hätt kënne virstellen.

An e beemol
matten an dene ville Leit
fillen ech mech
eleng
ausgeschloss
eng aner Zort Liewen

wat fir e Liewen?

Dir Dammen an dir Hären
hei as all Lous e Gewonn
an dat grousst Lous
as och nach derbäi
elo oder ni...

E Monsterpetzi
gét viru mir
duerch d'Leit geschleefi
– op engem Ouer as scho
Schlagsahn.

De Petzi bleift stoen
ech gi weider
Elo geet e wäisse Rack
mat bloë Ponkten
viru mir
an ech gi hal dronken
vun denen décke Ponkten
op deem brede Réck.

Ah... Cela vous plaît bien
n'est-ce pas???

Gejäir, hysteresch Kreesch
kommen a mäi lénkst Ouer
gedubbdert.

Ech dréinen de Kapp
e Véierelstour
a gesi ronn 50 Leit
déi sech duerch d'Loft
dréine loessen.

50 Leit déi bezuelt hun
fir bonzénne bonzuewe
gehäit ze gin
fir dronke gemaach ze gin
fir dronken ze gin.

Do gesäil ee jo awer,
datt d'Liewe
laangweileg as
– soss hätten déi Spiller
nél esou vill Succès.

Den Tour um Spill
– knapp 2 Minutte Freed (?)
as eriver
a Gesichter an alle Faarwen
(vu rout iwver wäiss a giel op
blo u gréng)
klammen eroft.

Nieft mir
steet elo eng Rise-glace
vum Eiseküchejhang
– mat enger Extra-Portiou
Schlagsahn
versteet sech

Ech froe mech awer elo wiirklech
wat d'Lëtzebuerger
déi 347 Deg am Joër
iessen
wou keng Schueberfouer as.
Moschter um Hiem
barbe à papa an den Hoër
e Stéck Äerbier um Mond
an e Gromperekichelchen
am Grapp

Dee Benzinseroch
kénnt aus dem Auto-drom
wou d'Generalprouf
fir deen 1. Tour mam Auto gefuer gët.

E bësse weider
eng Eenzegaartegkeet:
eng Zort grousse Wäschmachinsmotor
an deem op de Bannewänn,
zwiéi grouss Bouwen
fir hiirt Liewe
fueren.

Eisem Wönsch no Sensatiooun
si keng Grenze gesat.

Déi eng Säit schéisse se
mat Bananen
déi aner Säit verlousen se
grouss Plüschafen.

Lénks krüü ee
gebrode Fësch
a riets verkafe se
Goldfësch.

Honnerte vu Blécker
gi laanscht mech
méi a manner frouer
– eenzelner dovu
mengen ech heiandsdo ze kennen
– vu wou?

Mee et geel émmer weider...
wéi mat enger Strémung
gin ech viru gedriwwen
ka mech op näischt esou richteg
konzentréieren.

Musek vun iwverall
Faarwen, Gerécher, Gefréiss
Laachen a Kräischen
Këssen a Streiden.

Lëtzebuerg
wat wir däi Liewen
ouni Schueberfouer?

Tom Thics

Erënnerungen un d'Vakanz bei dc Grousselteren (VI)


Wat bieden d'Päerd ?

Wann een deemools, bis wäit an déi sichzeger Joären eran, vum Réimerwee an d'Duerf koum, as et ferm bicrgof gaang, op d'Duerfstrooss, déi gaangs, bei der Kiirch, eng scharef Riectskéier gemaach huet; wollt een dem Kuelenhaff zou, gung et direkt géi de biergop.

Op dcér Plaz, wou den Issi mam Bannpréiter séngem Velo an der Wäsch vum Kuelenhaff d'Strooss gekësst hat, as enges Daags en Akzident geschitt,deen d'ganzt Duerf an Onrou versat hat.

Enges Nomëttes, mär Bouwe souze liddereg am Schiet vun dc Lanncbeem op der Kiirchemauer, a woussten, wéi sou dack näisch mat äis unzefänken, wéi vu Baatzen hier, mer déi graff Stëmm vum Kuelenhaff-Batti héieren hun.

All Mensch am Duerf huet dee groussen, staarken an émmer rosene Kniccht vum Kuelenhaff kannt, dee, wéinst sénger Rabiatheet keen ze gudden Numm hat. Hat de Batti näisch gesoff, wor en nawell enegermoosseren ze brauchen, hat en awer eppes a sech era geschott, wor en, wéi e wëllt Déier, dat mat sénger belleseger Krafft alles éringrappt huet — ob Mensch oder Béischt. Tëschent sénge Mataarbechter huet e keen Ënnerscheed gemaach, een huet musse schaffen, wéi deen aner, ob en eng Box oder e Rack unhat, wor schäissegal. E schwaache Mensch hat, fir de Batti, op déser Welt näisch ze sichen. De Päerd goufe souwéisou déi onméiglechst Laascht opgeluegt, se haten dem Mensch ze déngen, ob se wollten, konnten, oder och nüt.



Sou wor et och dës Kéier. Vum Réimerwee hier koum e Geficir, héri mat Säck belueden. Nieft denen zwee Päerd as, mat vill Gefluchs an der Gäissel am Grapp, de Batti gelaf. Hanne dem Won, deen dräizéng Joér ale Stallbouf, Fenni, dee bei der Bremskiirb wor an zouzdréien hat, wat en och brav gemeet hat, bis de Won bal an der Kéier, bei der Kiirch, fir op de Kuelenhaff erop, ukomm wor. Wollt de Fenni, dem Won cappes méi Wuppes gin, fir datt e mat méi Schwong sollt an d'Kéier kommen, an domat de Bicrg méi liicht erop sollt kommen, hat e gemengt e wär schons aus der Kéier — oder, hat en Aangscht virum Batti sénger Roserei? — Wie weess et? Jiddefalls de Fenni hat d'Mekanik lassgedréit, d'Päerd konnten de schwéiere Won nüt méi zréck halen, deen émmcr méi séier gelas as. De Batti huet, un der Léngt gerass. Dat rietst Päerd huet um Täissel gerappt, dat lénkst huet probéicrt nozekommen, huet awer bal gemierkt, datt déi ganz Fouer un der Kiircchemauer un d'Stoc kéim. De Batti huet gebircrlt, de Fenni sollt dach d'Mekanik zoudréien, wann en nüt gäer vrecke géng. Dat jéngst vun de Päerd huet mat aller Krafft probéiert zréckzhalen, den Täissel huet sech a Päerdsbroschtheicht gehuewen: dat méi alt Päerd huet sech géint den Täissel geworf, fir séngem Stallkolleg ze hellefen, de Won vun der Kiircchemauer ewech zc kréien, an an d'Direktioun Kuelenhaff ze dirigéieren.

De Batti hat agesin, datt all säi Jäizen a Gerapps un der Léngt näischt géng déengen, as hannert de Won gelaf, fir d'Mekanik zou ze dréien. Dat wor awer elo dat dommst wat e maache konnt, well d'Päerd haten de Won bal an der richteger Dircktioun, éi en un d'Hale koum, sou datt d'Päerd elo duebel Krafft hu müssen dru wénnen, fir en erém un d'Wibbeln ze kréien.

D'Päerd, déi dem Batti séng Gäissel uereg gefaart hun, hu sech, kaum datt de Won stung, nees ferm an d'Sträng geworf, ouni zc wéssen, datt jo d'Mekanik zou wor. Well se schons mat de Nerven um Enn worn, hu sc och nüt zu gläicher Zait ugerappt. Et wor

wucl de jonke Minnech, dee fir d'éischt op de Knéie luch, deen alen eppes méi spéit.

De Fenni, nüt domm, as séier a Gréngc gelaf, en I Iolzscheet sichen, deér dör émmer e selleche virum Haus an der Brennerei louchen, fir deen énnert déi hennescht Rieder ze geheien, sou datt de Won nüt hannerrécks lafc konnt, wann d'Brems erém sollt lassgedréit gin. D'Päerd konnten och sech e bësschen erblossen, cier et erém lass gung.

Däerbans stunge mär Bouwe riets vun de Päerd, déi op de Knéie luchen an och guer nüt versicht hun, fir nees op zc kommen: d'Käpp d'Iuucht aus gestréckt, wéi wann se géife bidden. E bësschen onroueg goufen se, wéi den Holzscheet énnert Rieder geluegt, an d'Mekanik lassgedréit gouf. De welle Batti koum nieft d'Päerd an huet mat villem Fluchen, Gejáiz, a Gebetschs mat der Gäissel, versicht se nees op d'Been ze bréngen. Wéi en e puer Minutte laang mat der Gäissel dorémmer flankciert hat, as dann de jonke Minnech op d'Been komm, deen ale koum ower, mam beschte Wällen, nüt op. Do huet all Gejáiz, all Gefluchs an d'Gäissel náischt gedéngt, well en huet d'Päerd émmer méi nervös gemaach. All Kéier, wann de Batti op dat méi aalt Päerd geha huet, huet dee jonken eppes mat krut. Et huet een dat Déier musse bewonneren: wéi eng Statü stung et an de Sträng, huet nüt bujhéiert, fir séngem «Kolleg» um Buudem nüt wéi ze don.

Et wor alles anesch wéi schéin, dee rosene Batti, deen sech hei terribel blaméiert gefillt huet mat der Gäissel émgoen ze gesinn: Dee jonke Fenni hat sech schons laang via Kuelenhaff aus dem Stébs gemaach.

Eng déck Véicerelstönn laang hat de Batti schons hin an hier geroost, wéi aus dem Schiet vun de Lannebeem eng grouss, staark Gestalt erbäi koum: «De Schmadd, dc Schmadd kënnt», hun d'Leit gepéspert. Méi séier, wéi et soss séng Gewunnecht wor, as dc Schmadd op de Batti duer, huet em d'Gäissel aus der Hand gerass. Sekonnelaang huet et ausgesin, wéi wann de Schmadd wéll es hätt,

de Batti mat der Gäissel ze traktéieren, huet sech dann awer gaangs de Päerd ugholl.

Op dem Schmadd säi Kommando as d'Mekanik rém zougedréit gin, deen helle Minnich as aus de Sträng geholl gin, den Täissel vum Won gouf afmontéiert, sou datt dee «Gefalene» Plaz krut fir opzeston, wann c riets a léunks konnt gestäipt gin. No c puer uergen Ustréngongc, vu véier erwuesse Leit konnt dat gepéngelt Déier dann crém op d'Bee bruecht gin. Däitlech konnt all Mensch dem Minnech séng bluddeg Knéic gesin.

Mat séngen zwee Päerd, ouni Won, gouf dee verschoterter Batti, vum Schmadd op de Kuelenhaff zréck geschéckt, fir mat zwee aner Päerd de Won ewech ze schlefen. Zwee Päerd vum Gréngé goufen och nach dru gehaang, déi dann dee schwéiere Won, ouni grouss Méi op de Kuelenhaff zougejuppelt hun.

De Schmadd wor den Héro vum Dag, Méi wéi sécher si märt Bouwen de ganzen Nométeg nüt méi vu scénger Sait gewach, jiddereen huet versicht, ém sou no wéi méiglech ze sin. An engem rouegen Ablack, hun ech dem Schmadd verzielt, wat mer duurch de Kapp gung, wéi d'Päerd op de Knéic louchen: «Et wor mer, Schmadd, wéi wann d'Päerd gebiet gchat hätten, wéi se do op dcér haarder Strooss geknéit hun.»

Ouni no méngc Komeroden. déi spëttesch gelaacht hun, ze kucken, huet de Schmadd, no engem kuurzen Nodenke gemengt: «Jo, jo, mäi Jong, et ka schons sin, datt d'Päerd gebiet hun!»

«Sou», huet den Héng gefrot, «a wat hu se gebiet?»

«Dat wat d'Päerd émmer bidden, wann se op de Knéic leien: «O Här, Du hues äis grouss a staark gemaach, fir de Mënschen ze déngén, fir wat hues De de Mënschen nüt esou vill Geescht gin, fir datt se verstin, datt mär och nëmmen aus Fleesch a Blutt sin?», huet de Schmadd a mérger Plaz geäntwert.

Antoinette Delperdange-Kaber

Am Hierscht

*Géint ee groen dréiven Himmel
streckt de Bam séng plakeg Äscht
vun do wiermt heen nach eng Grimmel
d'Sonn, déi lücht an deet hiirt Bescht.
An dës Fréundschaft bleift bestoen
gét him Hoffnung an och Krafft
fir am Fréijor op ze stoen
an ze bléin am neie SaajL*

Bei der Baach

*Op der Bréck iwver der Baach
sëtzt de Bouf mam Schéff
huet et sécher leng gemaach
dee verspillte, klenge Knéff.
Hält séng Léng, fest an der Hand
gét hien och zoppnaass
bleift hien, eent zefriddent Kand
puddle mécht him Spaass.
Wat wir d'Liewen ouni Kanner
ouni d'Waasser eis grouss Welt
zielen, nüt mol manner
wéi heinidden all eist Geld.*

Rudy Ludes

De Bakes-päetter erzielt

Ech gesin ën nach haut a séngem stolze Marsch do geschréckt kommen, an der lénker Hand c Bengel fir sech ze stäipen, an der rietser eng Möllechkan. Déi huet e geschwenkt wéi wann e wéllt weisen, datt sc nach eidel wir. De Bakes-päetter! Sou hu mir Kanner en op jidde Fall genannt, wann en och bái de grousse Leit nach ancr Nimm hat.

F. koum émmer bái eisen Noper Mëllech sichen. Dat heescht, nét all Dag, meu sou wéi se grad am Stot gebraucht gouf. Deemools as nach nét vum Pasteuriscíre geschwat gin. D'Möllech, direkt aus dem Stall, just duerch d'Schossel geschott, huet nach émmer am Beschte geschmaacht.

De Besuch vum Bakes-päetter war fir als Bouwen émmer eppes Besonnesches. Ni as hie vum Noper fortkomm ouni datt en als eng Geschicht aus der aler Zäit erzielt hätt. Dat huet him ower Spaass gemaach. Wéi huet en sech dc buuschtege Schnauz gestréilt, wann en als erém eng gekréckelt hat.

Nolauschterer hat hien émmer genuch. Wa mir dann am Scheierdenn oder, wann et Summer wor, dobaussen op dem Täissel vun engem Won souzen, dann huct en eng Kéier déif Otem geholl an as lassgefuer;

An der Zäit, EEhhémm...

Deen Usank koum sou sécher wéi an der Scchen: Et wor eemol... D'Leit am Duerf hun de Jang vill nogemaach, an nach haut héiert een hciansdo de Sproch: «An der Zäit, EEhhémm, sot de Bakes, du hate mir Gromperen! ...esou déck wéi Kannerkäpp!»

Mee, ech wollt jo erzielen wéi et bái sou enger Sëtzong virugoung. Mir hun also gelauschert.

«An der Zäit, EEhhémm...» De Päetter huet nach eng Kéier déif Otem gezun, jiddfreen huct him gespaant op de Mond gekuckt —

«hun ech zu Siren op der Mille geschafft. Ech wor éischte Millekniccht an hu missen no allem kucken. Et wor wéi Musek a méingen Oueren, wann d'Waasser esou gedauscht an d'Millerad esou gebruet huet. Da konnt een zefridde sin. Wann dann nach uerdentlech Miel crauskoum, wat wollt een da méi?»

Mee, et wor nét émmer esou. Fe gudden Dag, et wor nach mucren, koum de Meeschter bei mech: «Moie Jang.» sot en, (— e wor émmer ganz fain mat mir —) «wéi as dat, kommt dir haut nét un? Ech héieren nach kee Millerad goen. An't as och soss alles sou roueg dorémmer. Wat as némme lass? — «Majo, Meeschter,» sot ech. «D'Millerad wéll nét ulafen. Ech weess nach nét u wat et läit. Ech wollt elo grad mol hanner d'Mille kucke goen.»

«Da gin ech gläich mat,» sot dc Meeschter, «et misst dach mat der Däiwel zougocn, wa mir nét do derhannert kéimen.»

Mir gin duerch d'Millen hannenaus, a wat gesi mer? Náischt! Et wor eng Rou wéi op dem Kiirfecht, richteg onheemlech. An du as mir ower gläich opgefall fir wat et sou roueg wor. «Meeschter!» hun ech geruff, «kuckt emol an de Gruef! Gesitt Dir eppes?» «Náischt!» seet de Meeschter. — «Abee, et as och náischt do» — hun ech em géantwert, «et as kee Waasser do, verstitt Der? De Gruef as dréchen! Do kann och báim beschte Welle kee Millerad dréien!» — «Mee, wou bleift dat Waasser dann némmen?» sot du de Meeschter erém, «et kann dach keen et all gesoff hun.» — «Wic weess», hun ech drop géantwert, «do huet ee schon déi gelungenst Saachen héieren. Ech gin op jidde Fall mol kukken, wou dat Waasser da stieche bliwwen as.» — «Da maach dech op de Wee,» sot de Meeschter, «du wäerds jo alt nét crdiischtert si bis du et crémfond hues.» Hien huet émmer gären de Geck gemaach.

Ech sin du einfach dem dréchene Gruef nogaanen, et woar deen natürlechste Wee, mee ech hun nêt wäit brauchen ze goen. Scho gläich no der drëtter Kéier hun ech gesi wat lass wor. Do sti jo, nêt wäit vun der Schléis, zwee flappeg Réi! Fir d'éischt hun ech némme breet Récker an hir déck Pänz gesin. De Kapp hun se an dc Gruef gestreckt. A wat hun sc gemaach? Déi zwéin Náischnotzen hun d'Waasser sou séier ewech gesoff wci et iwwer d'Schléis erakomm as. Wéi laang s'et scho gedriwen hun, weess ech nêt. Op jidde Fall, de Gruef wor dréchen. Dat haten déi zwee Réi fäcrdeg bruecht.

Ech hun dci zwou Béisichten natürlech gläich verjot, wann se och nêt gäre gaange sin. D'Waasscer as gläich erëm geschoss komm. Nach éier ech an der Millen nees ukomm sin as de ganze Betrib scho gelaf. Ech hun dem Meeschter du séier erzielt, wat ech erausfond hat. Dee wollt dat natürlech am Ufank nêt glewen, mee um Enn sot en dach: «Kuck, Jang, wat ech fir d'éischt am Geck gesot hat,

as also wouer gewiescht: Zwee duuschtreng Réi hun d'Sir ausgesoff. Dat wäerd jo alt nêt méi dacks virkommen!? An am Laache sot en nach hannendrun: Jo, Jang, wa mir dech och nêt heinidde brauchen, fir d'Millerad un d'Dréinen ze kréien, da brauche mir dech ower, fir d'Waasser drop ze kérieren!»

De Bakes-pätter huet sech de Schnutz geriwwen a ronderëm sech gekuckt. Wéi hat hien dat erëm sou schéin erzielt! Mir musse wuel dat Ganzt nach nêt richteg verdaut gehat hun, well als éischten huet den Tunn, dem Bauer säi polnesche Kniecht, geschwat: «Soll das wouer sein?» huet den Tunn sech gemellt. Dobäi muss e sécher dem Pättter en A zoudedréckt hun. «Ma gewëss!» huet de Pättter geäntwert, «do kanns de nach vill Leit froen. Et wor deemools en Duersgespréich. Do mussen nach e puer Leit sech drun erënnere kënnen.»

An de Pättter huct séng Mellechkan erwësch, déi elo méi schwéier wor, an as mat majestätesche Schrëtt nees op heemzou stolséiert.

Déi Assurancen!

Eng verpasst Chance

D'Gréit tréfft séng fréier Nopesch, d'Finn.
Dat as vru kuurzem Witfra gin.
Et huet säi Mann am Bësch verluer,
op enger Kupp um Hunnebuer.
Vun engem Bam erschloen,
duerch Muttwëll, souzesoen.

«Bei allem Leed hat ech nach d'Chance:
Mir hun eng Onfall-assurance.
Si kascht wuel, mee, 't as dach kammoud
wann no dem Partner séngem Doud
en etlech Mil-li-ou-nen
Dir weisen: 't ka sech lounen.»

D'Finn huet geschwat wéi en Agent
a sech gebretzt mat sénger Rent,
D'Gréit gouf scho bal eng Grëtz jhalous:
«Mäi Mann wor och dobäi, mee blous
hien hat sech nêt vill wéi gedongen,
- deen Dabo as op d'Sait gesprongen!»

En neit Verkaafs-argument!?

De gudde, brave Monni Jhoss
hat eng Verséchrong ofgeschloss
op säin sou wäertvollt Liewen.
«Fir sou eng Saach as 't ni ze spéit,»
sot hien zu sénger Fra, dem Gréit.
«Lo kann ech roueg stierwen!»

«Si as wuel deier, mee, mäi Gott,»
stëmmt d'Gréit him zou, «an iewel flott
fir dech, wéi ech dech kennen.
Lo muss de nêt méi wéinst all Schnapp,
wéinst Bauchwéi oder Wéi am Kapp
gläich bäßi den Dokter rennen!»

Rudy Ludes

Gil Mandy

Keng Zäit

Eng elcr Damm sëtzt am Seniorenheem (wéi se haut soen) eleng an hirer Wunnkummer. Et as e schéint grousst Zëmmer an et as mat Goût agerücht. D'Fra huet eng Zäitschrëft mat Kraizwuertrëtzle virun sech leien. Op eemol leet si de Bic op den Dësch an zwou déck Tréine lafen hir d'Baken erof. — «De ganze Mount weist kee sech vun hinnen, mä mar oder iwwermar da kommen se. D'Schekken an d'Sué sichen! Well haut hu mer den Éischten. De ganze Mount laang hun sc keng Zäit, nüt cmol eng Hallef- oder eng Véircssténnchen. Mä péenklich nom Éischten, da sin se do wéi d'Mëtsch am Buttek. Ech maach mer scho laang näischt méi vir. Se kommen némme wéint de Suen, well ech déi schéi Rcnt hun. Wann ech hinnen da soen ech hätt esou vill no e verlaangert, da soen se, een ewéi deen aneren, a wéi aus engem Mond: «Mä Mamm, oder Mama, oder Boma, mir téléniciéieren dach all gudden Dag fir ze wësse wéi et dir geet. Mir kéime jo och gär mäi dacks, mä mir hu keng Zäit! Du muss dat verstoen. Mir hun esou e sellechen um Bockel, esou vill Verflichtungen. All Dag eppes aneschtes. Et as haut nüt méi wéi fréier. Verstéi dach!» D'Fra zitt e pabeiert Nuesschnappech, e rosat, aus der Kartrongskëschtchen a botzt sech d'Tréinen of. Et geet nach fir e puer saarweg Dichelcher.

«Téléfonéieren, jo dat maachen se. Jiddcreen, cemol an der Woch, wann et gutt geet. An dann och némme fir e puer Minuten. Well si hun nüt vill oder erém guer keng Zäit. Si hun ni Zäit! — A wat as dat schon, sou e kuurzt Gespréich um Téléfon! Ech hat ower émmer Zäit fir si, ech an de Papp getréisch. A mir haten deemoools, bis se méi grouss woren, keen Auto fir iwwerall hin ze fueren. An ech hat nach laang emol keng Wäschmaschin. Mir hun alles ze Fouss a mat der Hand gemat.

Wann se aus der Schoul heem komm sin, wien huet hinnen d'Schmiere gemat, mat hinne geléiert a mat hinne gespillt? Jo, a wann se dann endlech owes an hire Better louchen, dann hun ech hinnen hiirt Gezei, d'Schong an d'Stréimp nogekuckt, ob kee Knapp erof oder eppes zrass wir. D'Stréimp hate jo bal émmer Lächer, vir bei den Zéiwen oder hanne an der Feescht. Déi hun da misste gefléckt oder crstëmp gën. Oder ech hun neier misste strécken. A wann ech eréischt un déi selleche Pulloveren denken, déi ech gestréckt hun! Ouni all déi aner Aarbecht. Ech wor dacks owes esou midd ewéi eng Quetsch. Mä ech hun et gär gemat, et wor jo fir si. — Wou hun ech dann deemools d'Zäit hier geholl, fir dat alles ze packen? — A wann se mat hire klengen a grousse Suerge bei mech komm sin, dann hat ech émmer Zäit fir si. Ech hun ni gesot: «Maacht icch ewech, ech hu keng Zäit!» — A wann se krank woren an ech stonnelaang bei hire Bettercher souz an hinne Scércher a Geschichte verzielt hun, obschon ech léiwer eppes aneschtes gemat hätt.

Zäit! Ech hat der, si hu keng. An ech muss dat verstoen. Mä wie versteet mech?»

D'Mamm huet hir lescht Tréinen ofgebotzt. Den Tréinesäckelchen as eidcl.

«Et kënnst mer bal leed doë fir se. Fir näischt hun se méi Zäit. Keng Zäit fir e léift Gespréich ze féicren oder fir e Buch an de Grapp zu huelen. Mä fir craus iesen ze goen, fir stonnelaang virun der Télévision ze sätzen oder an denen décken Zäitschrëften vun do iwwer de Beschass ze lesen, iwwer jidder-een deen en Numm oder Nimmchen huet, duerfir hun se Zäit. Mä fir hir Mamm an hir Boma hun sc keng. Wann et nüt fir ze kräische wir, da kënnst ech mechoud laachen.»

D'Fra stéisst d'Këscht mat den Dichelcher energesch wäit vu sech.

Noschrëft. — Et hätt hei och kënnten e Papp sin. Oder; wat denkt a fillt c klengt Kand, dat mucrges fréi vun scnger Mamm an der Crè-

chc «ofgeliwwert» an owes «ofgeholl» gët? Séng Mamm huet och keng Zäit fir hatt, well si muss schaffe goen. Nët fir d'Kuuscht ze verdéngen, mä fir en neien Auto, fir déi nächst Vakanz a fir sech eppes kënnen ze leeschten. Tréinc sin Tréinen. Déi eng sin esou naass an esou salzeg wéi déi aner.

Pauline Schroeder

Och eng Offensiv

Et war deer éischter Wochen eng vum Krich. D'ganzt Duerf loug voll Preise mat ville Päerd a Gefiercer. Et war zwar alles ongewinnt, mee et huet sech awer trotz allem nët geféierlech ugesin.

Du sollt ech d'Zopp drocn, wéi et sou gesot gët, wann d'Bauerleit um Feld zc Mëttig iesen. Ech hat Grompercballi gemaacht an engem extraë Bullisdéppen, wou sou zu dräi oder véier draus giess gët. Dobäi hat ech Hameschmieren agepaakt, an och Schmiere fir ém véier Auer mat engem décke Biz Kaffi. Alles war schéin an den Owebroudkuerf getässelt gin, nët de Kaffisbiz, deen ech an der Hand gehalen hun um Velo. De Kuerf hat ech un de Giddo gehaangen, hun nach alles zougespaart, de Milord, eisen Hond, e grousse Schéiferhond, lassgemaacht an du konnte mer fueren.

De Wee fir op d'Gewan geet e Stéck laanscht d'Äisch. Wéi mer dohinner komm sin as de Milord wéi ëmmer séier an d'Wasser gerannt. Dat huet e gär gemaacht an et war jo och näischt derhanner.

Et wir och dës Kéier näischt derhanner gewiescht, wann nët um Talli eng gutt Dose Preisc geleën hätten, de laange Wee um Réck, an si hun an der Sonn geschlof.

Du war dem Milord sái groussen Opträtt. Wéi e puddelnaass aus dem Waasser koum, as

en eent-zwee-dräi iwwer déi ganz Rëtsch Preise gesprongen, mol iwwer d'Been oder de Bauch, an en huet sech dobäi gutt gerëselt. D'Zaldoten, gehéireg erfíciert, sin an d'Lüucht gefuer an hu geflucht a gebrëllt all durcherneen, mee dat hun ech schon nëmmre mici vu wäitem matkritt. Mam Velo, war ech jo séier laanscht. Wéi ech et op der Gewan herno erzielt hun, dunn hu méng Eltren a méng Schwéster haart gelaacht, an de Milord as gelueft gin, ouni datt dee mol wosstfir wat.

Sou hat c Lëtzebuerger Mupp et mat de Preise gemaacht wéi si mat äis, nëmmen datt et an der Wirklechkeet fir äis cescht a batter genuch war.

Grad sou hat dc Milord och eemol ec Preiss iwwerfall, deen op eiser Wiss virum Haus op den Haupe souz a sái Léñseballi wollt iessen. De Mann war voll wéi honnertdausend Mann. Et war fir den Hond nët schwéier fir en émzcwerfen. D'Déppche war zum Gléck nët mat émgefallo. Du hu se gemittlech zu zwéin de Läffel respektiv d'Zong an d'Déppche gestach an d'Zopp giess. Ech mengen, de Milord hat am meeschte kritt, an dobäi as séng Zong dem Preiss émmer rémi iwwer d'Gesücht gefuer. Hei ans do wollt deen sech zwar wieren, mee déi Kéier war de Lëtzebuerger, wann et och nëmmen en Hond war, dach vill méi staark.

Jos. Hurt

Theater IV: D'Spill an der Kiirch

(Radio UKW 12.2.1962)

De mëttelalterlechen Theater bis an d'16. Jorrhonnert eran as wéi den ale griicheschen Theater aus dem Kult, aus dem Gottscdéngscht eraus entstanen: et wor en Deel der vun.

Et dierft een dat Wuert woen, dat de Geschichtsschreiber vum éisterrächeschem Theater, de Joseph Gregor, gesot huet: «En Theater, dee jiddfer Religiósitéit entbiert, verdéngt den Numm vum Theater nüt méi wann en sech och no alle méiglechen an onméigleche Konschtrichtongen hindréit.»

Déi mëttelalterlch Klouschtergrënnongen, déi Europa christianisiert an dem Vollek Akerbau a Bildong, Konscht a Wissenschaft vermittelten hun, sin och de Milieu gewiescht aus deem de mëttelalterlechen Theater erausgewuess as. Wat dat ongebilt Vollek, dat nüt lisen an nüt schreiwe konnt, némmen duurch d'A an d'Oucren an sech opgholl huet, dat as him geschenkt gin duurch d'Bild an der Kiirchemolerei, duurch d'Wuert an der Priedegt an am religiéise Spill duurch d'Bild an duurch d'Wuert zougläich.

Dramatesch Elmenter weisen déi héich Kiirchefester am Jor op, virun allen aneren d'Liturgie vun Ouschteren.

Am Benediktinerklouschter vu St. Gallen an der Schwäiz huet am Ufank vum 10. Jorrhonnert c Mönch gelieft, Tutilo, deen ènnert endlos Noutercien, déi op een an dee selwechte Vokal gesonge si gin, Wieder aus dem Festevangelium, geschriwwen huet, déi een Tropen nennt, Emschreiwunge mecschtens an Dialogform.

Déi Neierong, déi Tropen, hu vu St. Gallen aus hire Wee gemaacht vun engem Klouschter zum aneren, wiirklech Tropenwanderungen a sin och bei eis no Iechternach komm. Den Abbé Adam Reiners (Die Tropen-, Pro-

sen- und Präfations Gesänge des feierlichen Hochamtes im Mittelalter Luxemburg. 1884.) huet an der Paräisser Nationalbibliothéik en aalt Pergamente-Massbuch «Graduals» genannt, aus dem 10. Jorrhonnert fond, an deem fir déi 3. Mass vu Kréschtdag schon esou Tropen an Dialogform stin. An aus denen Tropen as d'Kréschtféier an der Kiirch ervirgaangen. Virun dene Wiesselgesang vu Kréschtdag, a méi al wéi si, wor den Tropus vun Ouschteren, deen a sénger Dialogform aus dem Marcus-Evangelium schon en Drama am Kä as, dee wiirklech eng Duerstellong krausfuéert. Lauschtert emol de Wiesselgesank téschent den Engelen an de fromme Fraen aus dem Ouschterintroitus am Ufank vun der Mass:

— Wie sicht dir hei am Graf, dir Kréschtfraen? froen zwéin Engelen.

An déi fromm Fraen, wéi s'am Evangelium genannt gin, äntweren:

— Jesus vun Nazareth, dc Gekräizegten, dir Himmelsbürgen.

Ducrop soen d'Engelen: Deen as nüt méi hei, deen as operstancen, wéi hien et virausgesot hat. Gitt a mellt et, datt hie vun den Doudegen operstancen as, Alleluja.

Dat as op Lataín gesonge gi vun zwéi Geeschtlechen, déi am wäisse Kleed beim Graf stungen, dat heescht am Kouer vun der Kiirch virum Vollek an d'Engelen duergestallt hun, a vun zwéin aner Geeschtlechen, déi bei si komm si mat Raachfässer an der Hand an d'sromm Frae personnifiziert hun. Fir dat Lataín, wat d'Vollek nüt verstanen huet, ze verdäitlechen, hun si den Dialog zenesch duergestallt an d'Vollek huet den Alleluja matgesongen. Esou as et och an eise Kléischter zou Iechternach an an der Münsterabtei, an dc Frackléischter zou Déiffer-

dang, Clairefontaine a Mariendall gesongen an duergestallt gin. Dat wor den Ufank vun den Ouschterspiller aus dem 10. Jorhonnert, den Ufank vum kiirchlechen Drama.

Schon aus dem 14. Jorhonnert hu mir en Tréierer Ouschterspill, dat ganz typesch as. Et as nach reng kiirchlech agestallt, as och nach an der Kiirch, am Kiircheraum duergestallt gin, awer niewent an ausser dem laténgeschen Text, fanne mir doranner schon d'Sprooch vum Vollek an eng gewëss vollekstémléch Breet. Nei an dem Tréiersche Spill hu mir cn Zwëschestéck téschent der renger liturgescher Feier an dem fräie Spill mat agefleckten Zene vun de Fraen, déi hir Sallef bei de Kreimer kafc gin, vun den Apostelen, déi bei d'Graf lafen, vun enger neier komcscher Gestalt, déi d'Vollek erfond an agesat hat, mat hirem dacks staark gepefferte Witz a Spaass. Dëst Tréierescht Ouschterspill as bei cis néierens schréftlech nozeweisen. Awer mir wëssen, datt dee gréissten Deel vun eisem Land zur Tréirescher Diözes gehéiert huet, wa mir bedenken, datt mir vun Tréier nüt wäit ewech lougen a ganz lieweg Verbindunge mat deer Stad haten, datt eis Geeschtlech vum Tréische Bëschof ugéstallt waren, datt sc vun do hir Ausbildung an hir Vcruerdnunge kritt hun, datt an denen cenzele Kiirchen dat nogemat as gin, wat Tréier, als Mutterkiirch, virgemaacht huet, da kenne mir roucg dat Tréisch Ouschterspill och fir eist Land unhuclen.

Well dëst Tréierescht Ouschterspill fir d'Entwécklong vum krëschtlechen Drama a vum Theater iwverhaapt typesch as a well et och bei eis an de Kiirchen opgefciert as gin, gi mir den Owend dat klengt Spill als Exempel vum ganze Genre.

Nom Beispill vum Ouschterspill as d'Krëschtpill ganz genee ofkopciert gin. Et wor fir d'éischt de Krësch-Tropus an Dialogform, deen no dem Introitus vun der drëtter Krëschtmass agesat as gin, wéi dat Iechternach Graduale aus dem 10. Jorhonnert et beweist a wou et ongeférer csou heescht:

Am Kouer stin nieft enger Krëpp zwéi Geeschtlech a wäisse Kleder, aus der Kiirch crop kommen zwéin ancr Geeschtlech op d'Krëpp zou an déi zwéin éischt froen déi, déi erbaikommen:

Wee sieht dir bei der Krëpp, dir Hiirden, sot emol?

Ducrop äntweren déi aner:

Eisen Erléiser, Christus, den Här, dat Kand a Wéndelen agcwéckelt, vun deem d'Engelen eis gesot hun.

Déi éischt weisen d'Krëpp a soen:

Elei as dat Kand, mat Maria sénger Mamm, vun deer de Proféit Isaïas viraugesot huet: Kuckt, eng Jungfrau kritt e Kand a schenkt eis e Sonn. Sot allen, sot datt hien op d'Welt koum an hei gebueren as, Alleluja.

De laténgeschen Dialog as schon am Iechternacher Massbuch ugedeit an e wäerd och do am Kouer vun der Klouschterkiirch vun de Paatren an hire Jongen aus der Klouschterschoul opgefciert si gin. A vun do aus huet en saa Wee gemaacht an eis Landkiirchen, wou en dem einfache Vollek, dat wuel d'Sprooch nüt verstanen huet, awer dem Senn no duurch d'Virfzierong e kloort a schéint Bild virun Ae gestallt huet.

A wéi zu Iechternach an der Krypta nach haut déi al Fresken aus dem 8. oder 9. Jorhonnert am Bild d'Gebuurt an d'Ubiedong vun den Hiirden de Leide gewisen hun, esou as och vun Iechternach dat éischt Krëschtpill uechter d'Land gaangen.

Téschent denen ale religiéise Molereien an dem ale religiéisen Theater besteet eng Wieselwiirkong; hun si den Theater inspiréiert oder sin si vum Spill inspiréiert gin, dat sief dohigestallt. Nét némme vun Tréier a vun Iechternach aus as dat religiéist Spill an d'Land komm, well esou wéi do Krëschtdag gefeiert as gin, esou hun och sécher d'Pateren aus der Ménsterabtei bei Lëtzebuerg dat Fest mat dem Vollck gefeiert. Vun de Kléischter huet de Festbrauch an déi deemoleg Paren Agank fond, ewell d'Vollek huet op esou eng spektakulär Duerstellonge gegammst a fir déi

Geeschtlech wor et e wëllkomme Méttel fir et ze beléieren an et cwech ze halc vun denen alen heednesche Kulturmanifestatiounen, déi him nach émmer am Blutt lougen.

Wann ech e Steen an d'Waasser geheicen, dann zitt dat Kreesser rondrém, déi émmer weider ausgräisen. Esou wor et och mat dem Spill an der Kiirch, dat sech nüt némmen op Ouschttere beschränkt huet. De Geescht vum kiirchleche Spill as weider gaangen, huet sech weider ausgebreit op vill aner Fester. Eent vun denen éischte wor Kréschtdag, wéi mir et gesinn hun. D'Kréschtspill wor némmen eng adaptíert Copie vum Ouscherspill. Do loug et no, datt dee selwechte Geescht sech deer hellegere Saach vun denen hellegen Deg virun Ouschttere bemächtigt huet, virun allem deem Hellgsten, dat an déesen Dcg geschitt as, dem Doud vu Christus. D'Ouscherspill as zu engem Passiouunsspill gin, et as weider ausgewuess, et huet op Pällemsonn-deg an der Kiirch ugefaangen, wa Christus, d.h. e Geeschtlechen, op dem Pällemiesel a Prëssioun énnner dem Gesank vun Hosanna an d'Kiirch agezun as. De Pällemicsel as bei eis am Land op méi wéi enger Plaz nogewisc vun de Professere Schon an Hess, e Bewáis vum Pällemsonn-degspill an eise Kiirchen.

Den Tréieresche Kultus vum Begruewe vum Kräiz op Kuerfreideg an, d'Ophiewe vun deem schlachte Kräiz aus dem Graf als Operstéiong Ouschtermuergen, dee vun urdenk-lechen Zäiten — vläicht aus dem zéngten oder elefte Jorhonnert schon — bis virun e puer Jor, wéi d'Renovation vun der Kuerwoch 1955 virgeschriwwen as gin, bestanen huet, beweist klor als leschten Iwwerbleifscel dat fréiert Passiouunsspill an Ouschterspill an eise Kiirchen.

Vun allen Ouscherspiller kennt d'Theatergeschicht haut nach ongefíer 250 Texter, een eklatante Bewáis dofir, wéi déi Feier an d'Vollek agedränge wor, wéi s'iwwerall sech ausgebreitet hat a wéi laang datt si sech an der Kiirch selwer gehalen huet. An dem Kiircheraum selwer huct sech d'Kréschtspill émmer méi ausgebreet; et as nüt bei deem einfache Spill bliwwen, dat et am Ufank war, déi kleng

Zeen un der Krépp. Aus dem Kréppespill gët e Kréschtspill, wou d'Proféiten opgetruede sin an d'Gebuurt vum Erléiser viraus gesot hun. Deem éischte Kréppespill as eng Hürdenzeen ugehaange gin. De Spillgeesch huet iwwer geograff op d'Fest vun den hellegen Dräi Kinnécken, wou an der Kiirch de Stär opgaangen as an déi dräi Weisen aus dem Morgenland agezu si fir dem Jesus an der Krépp hir Gowen duerzbréngen an d'Kand als Gott unzebieden. D'Spill huet sech ausgeweit zum Herodesspill: den Herodes trëtt selwer op, d'Kinnécke komme bei hien a froen hien nom neigebürcne Kinnek. Hien zéit séng Schréftgeléiert zou Rot a schéckt se no Bethlehem sichen a bedict hinnen, si sollen eréimkommen, fir him ze soen, wou si deen neie Kinnek fond hätten. Hie waart, an an déi Zäit vum Waarden hun sech allerhand fëschteg Zenen ageschlach. A wéi d'Kinnécken nüt ercm kommen, schéckt hie séng Zaldoten aus, fir all Kënnercher vu Bethlehem dout ze maachen: d'Dräikinneksspill as zum Herodesspill gin. «Alle Spiele des religiösen Theaters haben das Bedürfnis nach Ausweitung und nach Aufnahme komischer Szenen», seet de Joseph Gregor a sénger éisterräisch-scher Theatergeschicht. Ouni vill Fantasie léisst et sech liicht ausdenken, datt sech an de Spiller Mëssbräich ageschlach hun, datt Iwwerdreiwonge virkomm sin, datt dem Hellegen sech muench Onhelleges bäägeselt huet an datt d'kiirchlech Autorítät huet missen agräifen. Fir d'éischte duurch Mahnongan, all dat aus dem hellege Spill ewechzeloosser, wat nüt doera géng passen an duerno, wéi dat näischt gedéngt huet, duurch Spillverbott an der Kiirch. Eng Kiircheversammlung vun Tréier aus dem Jor 1227 bestëmmt, datt et nüt méi kënnnt erlaabt gin, an de Kiirchen Theaterspiller oder ancr onéierbar Spiller opzefíieren, och den Dräischrott an aner Dånz missten énnnerbleiwen. Scho 17 Jor virdrun hat de Poopst Innozenz III. déi Opfériungen an der Kiirch verbueden, bei dene Maske gedroe si gin.

Am 15. Jorhonnert wor et esou wäit, datt all Bëschofen an all Kiirchesynoden all Spill an

der Kiirch verbueden hun. Méi wéi dräi Jorrhonnerten huet de Krich gedauert fir d'Theaterspillet aus der Kiirch erauszekréicen, e Bewäis dofir, wéi déif de Brauch an d'Vollek an an de Klcrus eragewuess wor. Wéi du an der Kiirch nüt méi duerft gespillt gin, du huet d'Vollek sech dëses Spill ugeholl an et aus dem Kiircheraum eraus virun d'Kiirch gelegt: dee Wee as gaangen «de l'autel au parvis», wéi de Gaston Baty säi Buch iwwer déi Period vu der Theatergeschicht iwwerschriwwen huet.

D'Welt as rond an déi meesch Zäitentwécklonge gin op an of,vijhenzeg an zréck, wat fréier wor kënnt haut erém, al Moudé gi modern. De Récklaf vum kirchleche Spill vollzéit sech virun eisen Aen, d'religiéist Spill wëllt erém an d'Kiirch zréck vu wou et aus gaangen as. Et as nüt selen datt, fir némmen ee Beispill ze gin, dem Paul Claudel sain Drama: «L'annonce faite à Marie» an dene gréisste Kiirche vu Frankräich opgefériert gët an, datt an Däitschland geeschtlech Spiller, déi fir d'Bühn geschriwwen worcn, erém am Kiircheraum duergestallt gin. Zénter e puer Jor gi bei eis Calderonspiller vun enger Wandertrupp erém am Kouer vun eise Kiirchen opgefériert, an der Kréschtzäit gin z.B. Kreschtoratoriën am Kouer duergestallt a virun de Kréschtmette gët e klengt Krésch-spill opgefériert, fir d'Leit an de Festgedanken anzestëmmen. Wéi deen ncic Wee verleest kann nach kee viraus soen. Et gët Dichter a Kritiker, déi sech aus dem Neien och eng Erneierong vum Geescht vun eisem Theater erwaarden. Et gët Stëmmongen, déi den Theater erém un d'Quell féiere wëllen an déi son: wat eemol verluer as gaangen, musse mir erëmfannen, wat krank as musse mir erém gesond maachen. Et gët der esougucr déi grad dës nei Theaterbewegung als en neie Geescht vum ncien Europa virun drciwe wëllen. Et geet dobäi ém mci wéi ém eng kleng, onwich-teg kiirchlech oder kënschtlerech Neirong.

P. Posing

A.a.n.g.s.c.h.t.

Firwat?

Duerfir.

Firwa??

Duerfi..

Firw???

Duerf...

Fir?????

Duer....

Fi?????

Due.....

F???????

Du.....

???????

D.....

???????

.....

???????

.....

?????

.....

???

.....

??

.....

?

.....

???????

H. Rinnen

Theaternotizen

No der G.V. vun der Escher «Liewensfrou» sin de Jhangi Dhur Éierpräsident; Präsident den Albert Federspiel; Sekretär de Pierre Schreiner; Caissier d'Tessy Boettel; Membren: Mme Wallerang-Delé, Fug. Hersfeld, Jos. Heck, Gilbert Godart.

De Comité vun den Diddelénger Theaterfrénn as elo esou: Präsident: Marc Herman; Vize-pr.: Jhang Barthel; Sekretarin: Annemie Schmit-Weber; Caissier: Fernand Champagne; dann: Maisy Bissen a Ben Metzler.

En Theaterfestival an enger neier Form gouf vum Direkter vu «Ste Sophie» Jean Weiland an der Andrée Bauler aus deer Schoul virgestallt an d'Iddi dervun explizéiert: et geet drëm fir d'Kolléischen oder Lyceën fir d'Theaterspillen ze begeschteren. Gestäipt gi se dobäi vum Lions Club Mameranus vu Mamer. 10 Schoule sin am Kongkur derbäi. An enger Broschür gët alles opgezielt. Et as ee Stéck op lëtzebuergesch derbäi, dat de Kolléisch vu Lëtzebuerg opfériert: Schwarz op Wäiss, fräi nom Ephraim Kishon, iwwersat vum Thérèse Nouviaire. Dat Ganzt as als Kongkur geduecht; an der Jury sin: M.-P. von Roesgen, Danielle Gaspart, Philippe Noesen, Ileng Losch a

Patrick Hastert. Fir d'Theaterplakat wor och e Kongkur ausschriwwen, de Präis krut d'Nathalie Thill (LTAM). (Lux. Wort 27.5.92)

Fir e kulturell Europa wor am Escher Lycee Hubert Clement en Theaterfestival vun dene Jonktemsgrouppen aus Litauen, der Schwäiz, Frankräich, Däitschland, Belgien, Italien a Lëtzebuerg. Et as allerhand Klasscsches an deer Woch vum 3. bis den 9. Juni 1992 gebucdegin; egutt Lenn huet de Grupp vum Escher Lycee gemat mam Stéck «Siddhartha», eng indesel Dichtung oder «Deminas Suche nach dem Grab», no Motive vum Hermann Hesse.

De 15. Mee 1992 as en neien Theaterclub, Gesellschaft ouni Gewënnzweck, mam Numm «Jeune Théâtre Européen» gegrennt gin. — En as geduecht, fir jonge Leit et méi liicht ze maachen, fir méi professionnel Theater spiller ze léieren. — Präsident as de Guy Wagner; Vize-pr. d'Joëlle Steichen; Sekretarin d'Anne-Marie Conrot; Sekretarin-adj. d'Josée Zeimes; Caissier den Ariel Wagner; sain Adjoint John Snel; de Lucien Steil, Public relations. (Lëtz. Journal 20.5.1992)

D'Ettelbrécker Theaterfrénn an der Revue «Ettelbréck Live»



Ettelbréck. Dái «Lëschteg Nordbühn». Präsident as de Jos. Wagner. Si hun 20.000 Frang fir kriibs-krank Kanner zu Kiew gespent.

Dái «Ettelbrécker Theaterfrënn» si 15 Jor al. Am «Lux. Wort» vum 18.3.92 as alles opgezielt, wat se an dene Jore gespillt an organiséiert hun. Präsident as de Jos. Weber.

D'Ettelbrécker Guide spiller zénter 1978 Mächer. Wat vun hinnen opgefieert gouf kann en am Sonndesblat, No 49 vum 8.12.91 liessen.

D'Éisleckel Theaterfrënn hun hir siwent Saison 1991/2 ugefaang mat enger nei verschaffster «Reprise» vun der «Maisfal», Stéck vun der Agatha Christie «The Mousetrap», dat zénter 40 Jor an engem Stéck zu London gespillt gëtt. Iwwersetzer as de Franz Jacobs. Dést Jor worn se zu Dikrech, Ueschdréif, Élwen, Hengescht, Walfer, Wolz, Hollerech an Harel.

De Wuermeldénger Club des Jeunes spilt zénter 12 Jor Theater; wat se bis clo opgefieert hu fënt een an enger schéiner Broschür, déi se all Kéier dofir erausgin, wou méi aner Saachen dra sin ewéi Reklammen.

D'Stéck vum Marcel Reuland «Op der Kiirmes», dat de Lëtzebuerger Theater nees gespillt hat, koum an der Kritik nüt gutt ewech. Et wir: «Klamauk aus der Mottenküste» (Journal 25.10.91); «Die Klamotte lebt» (tageblatt 31.10.91); «Komödienstadl ohne Sorge» (Lux. Wort 25.10.91).

Dicksowenter gouf et ueter d'Land (fir den 100. Doudesdag). De Jos. Braun hat duerwéinst e ganze Programm opgebaut, wou de Josy Braun dem Dicks säi Liewen erzielt huet, d'Danielle Wenner, Venant Arend a Robert Lamboray d'Liider gesongen hun. Opgetratt sin se:

1991

- 22.03. zu Berbuerg am Festsall
- 23.03. zu Siren am Festsall
- 14.04. zu Bickerech am Centre Culturel
- 20.04. zu Dóifferdang an der Aler Gemeng
- 21.04. zu Téiténg an der Aler Schongfabrek
- 04.05. zu Gréiwemaacher am Festsall
- 11.05. zu Miersch am Sall Marisca
- 01.06. zu Lëtzebuerger am Kapuzinertheater

- 15.06. zu Mäerzeg am Wäissenhaus
 - 21.06. zu Munneréf an der Orangerie vum Park
 - 22.06. zu Bech-Maacher am Possehaus
 - 05.10. zu Kolmarbierg am Café Kiefer
 - 06.10. zu Buurschent am Gemengesall
 - 12.10. zu Kapellen am Festsall
 - 19.10. zu Stengenfort an der Aler Schmelz
 - 20.10. zu Uewerkärjheng am Centre Culturel
 - 26.10. zu Leideléng an der Sportshal
 - 09.11. zu Ténten an der Schoul
 - 10.11. zu Bouneweg an der J. B. Gellé-Schoul
 - 15.11. zu Stroossen am Festsall vun der Märei
 - 16.11. zu Kielen am Festsall
 - 19.11. zu Lëtzebuerger am Fondatioun Pescatore
 - 22.11. zu Béiwéng (Réiser) am Centre Culturel
 - 23.11. zu Koplescht am Sall «Wiirtspesch»
 - 30.11. zu Walfer am Centre Prince Henri
 - 07.12. zu Betebuerg am Collarts-Schlass
- 1992
- 18.01 zu Kontern am Centre Culturel
 - 08.02. zu Schéffléng am Centre Culturel
 - 14.02. zu Bartréng am Centre Atert

D'Dicks-Gedenkfeier «100 Jor Dicks», déi de Comité Al-Stad organiséiert hat, an der Stad an zu Esch-Uelzecht gebueden gouf, huet de Leit ganz gutt gefall. Conférencier war den Heng Losch. Am Orchester wore Muscksprofesseren aus dem Conservatoire, Dirigent Pir Cao, déi dräi onbekannt Musékstécker vum Dicks, nieft denen aneren, gespillt an domat bewisen hun, datt den Dicks dach eppes vu Musek kannt huet. Dái (bal) onbekannt Stécker «Dame de trèfle» (Polka), «Mamie» (Polka-Mazurka) an den «Anen-Walzer», (cf. Lux. Wort vum 15.10.91) — sin an den Archive vun der hollännescher Kinneksfamill.

Vun den Dicks-Owenter sief, nieft dem Jos. Braun notéiert: Dicks-Concert an der Fiels (Referat Prof Roger Müller, Gesang vun «La bonne chanson», Kannerkouer «Feelzer Mesercher» an de Kouer «Sängerbond Aerenzdall Fiels»).

Wolz. D'Theateréquipe vum Wölzer Gesangverain sicht Texter a Partiture vum Emile Boeres séngen Theaterstécker (Operetten), Texter vun de Liider aus «Spuenesch Blutt», Text a Musek vun «Wann d'Blicker falen», Text vum «Landstroosse-lidd». Wien do virun hellefe kann, soll dem Josy Putz téléfonéieren, Nummer 95 85 67 oder 950 84.

Op enger sympathescher Fcier huet den Direkter vum Stater Theater *Ferdy Reiff* «séngem» Theater Äddi gesot. 1955 hat hie selwer am «Alen Theater» sái Bescht gin an enger Roll, am Dicks sénger Mumm Séis ugefaang, a wéi hic selwer sot, kee richtegen Akteur gi wir, dofir wir en Direkter gin. D'Gemeng, d'Buergermeeschtesch Lydie Polfer, de Kulturschäffé Pierre Frieden, d'ganzt Theaterpersonal, l'rénn a Bekannter hun him all Gutts fir séng Pensioun gewünscht — mir maachen dat och — Vum Oktober 1991 un as de Jeannot Comes Direkter.

Nét esou feierlech as et erof gaang wéi deen Escher Theaterdirekter *Guy Wagner* demissionniert huet. Dorun hun déi selleche Protester vun Thaterfrénn näischt gënnert. D'Ursaach as c Subsidvun 2 Millionoun vum Stat gewiescht, déi de Guy Wagner als Don fir den Theater ussch ugesin huet an nét fir ze hëllefen den Defizit ze decken, deen d'Escher Gemeng mam Theater huet.

Neien Direkter vum Escher Theater as de Philippe Noesen; gebuer de 17. Oktober 1944 zu Bruges, bestudiert mat der Roko Ragawa, zwee Kanter. Hien huet zu Paräis Droit studéiert, huet en Certificat des Sciences économiques générales; wor Schüler am Conservatoire national supérieur de Paris, wou e klassesch a modern Schauspillkonscht studéiert huet. Vun 1969 bis 1972 wor e «Pensionnaire» vun der «Comédie Française»; vun 1972 bis haut huet hic méi wéi 60 Rollen op franséischen, belschen a létzebuergesche Bühne gespillt, da wor en an däitschen, franséischen a létzebuergesche Filmer ze gesinn; a 50 Theaterstécker huet en d'Regie gehabt. 1973 huet hien den Theaterensembel «Théâtre du Centaure» gegrënnt, wou en dacks d'Haaptroll gespillt hat. Zénter 1975 wor e Professer fir Schauspillkonscht am Conservatoire zu Lëtzebuerg. (Lux. Wort 11.7.92)

D'Theaterkëscht vu Mamer huet eng B.A. gemaacht an der Organisatioun fir d'Kanner a Russland 50.000 Frang zoukomme gelooss.

Eng aner Saach, déi déi Escher hun, as déi, datt d'aalt Schluechthaus, wou Theater gespillt gouf (a gët) nét méi dofir gebraucht däerft ze gin. Grad

ewéi et mat der Demissioun vum Theaterdirekter war stongen d'Zeitunge voll iwwer dee «Probleem»; déi do opgetruede sin, wëllen d'aalt Schluechthaus fir Theaterplaz behalen. Theater, Theater...!

Déi Schëtter Theaterfrénn hu 40.000 Frang fir de Foyer Pietert, Gréiwemaacher, gespent.

De Belairer Schoultheater as 10 Jor al. Présidentin: Gisèle Dupong-Mreches. Dat gouf den 9. Juli 1992 op der Plëssdarem mam Spill «D'Maus Kätti» (A. Liesch — Gisèle Dupong-Mreches — Musek: Jacques Neuen — Ballet: Li Marteling) gefeiert.

«*E Stéck Streisel*» vum Pol Greisch hat e schéine Succès a ganz gutt Kritike kritt.

AMPHITHEATER 22/23



Pol Greisch

Äddi Charel
Besuch
E Stéck Streisel

ENG TRILOCIE

 Kapuzinertheater

Theatersaison 1991/92

Aus den Zeitungen notiert vum II. Rinnen

wou	wic spiltt	wéini	vu wiem / wat
<i>Aasselbur</i>	Jeunesse	11., 12., 18.1.92	Rob. Clees: Charakterkapp gesicht
<i>Altréier</i>	Schanzer Jugend	14., 15.03.92	Ed. Devaquet: Dëi 3 Äisbieren
	Kanner	27., 28.05.92	Cabaret
<i>Bartréng</i>	Bartréng feiert den Hunn	27.11.91	Fritz Weimerskirch: De Kichekueder
	Guiden a Scouten	22.2.92	Jos. Christen: Super Weekend D'Ketty aus Kalifornien Schneewittchen
	Schoulkanner	17., 18.6.92	Liane Fischbach-Nimax: Ialu, de Feierhengelchen (Musik: Pit Nimax)
<i>Bech-Maacher</i>	Club des Jeunes	26., 28.12.91	Ed. Devaquet: De Stenz
	Kannerkouer Fentréng	15.12.91	Kräschtuucht Ilary Trauffler: De Wanter um Geriicht
<i>Befort</i>	Jugend	15., 16., 22.2.92	Rob Clees: De Rettongsschwämmer
<i>Beideler</i>	Jugendkouer	7., 8., 15.12.91	Rob. Clees: Charakterkapp gesicht
<i>Béiwen/Atert</i>	Musek	28.12.91	A. Atten: D'Jonggesellküscht
<i>Béiwéng</i>	Peffermillchen	8., 9.5.92	Cabaret (e.a. Den Zenter — P. Stein, Präis)
<i>Betebuerg</i>	Scouten	8.2.92	H. van Veen: D'Int Qualk Lucien Koenig: De Professer as presséiert Jos. Christen: Paltong, Box an Hiem
	'Theaterfrénn	16., 17., 23.11.92	Jemp Rollinger: De grousse Coup
		9., 16.5.92	Betebuerger Revue
<i>Bieles</i>	Theaterfrénn	7., 14., 21.12.91	J. an E. Hermes: E gudden Dokter
<i>Biereng/Miersch</i>	Theaterfrénn Petten	11., 18., 19.1.92	Jos. Christen: 50 Kilo wäiss Fuerf
<i>Biwer</i>	Musck	11., 12.1.92	Jean Bernard / Jean Pierre Conté (iw wersat): 't as fir verréckt ze gin
<i>Boxer</i>	Jugend	25., 26., 28.12.91	...; De Milliounefrick
<i>Branebuerg</i>	Landjugend Dikrech	4., 5.4.92	Ed. Hoffmann: Neen, déi Schnéiss
<i>Buurschent</i>		28.3.92	R. Clees: Ech laache mech futti
<i>Bungeref</i>		16.2.92	Cabaret: Deemools
<i>Bus</i>	Gesank	11., 12., 18.1.92	Marie Wiesen-Michels: Déi geléint Schwéiermann
<i>Deifferdang</i>	Union Amicale Theaterfrénn	5.10.91 (6 mol ugkënneg)	Ueng Regenwetter (no Franz Streicher): D'Verléenheitskand
	U.A.T.	8., 9., 15., 16.5.92	Jay Schiltz: Game over
<i>Diddeléng</i>	Scouten	11., 12., 18.1.92	Rob Clees: Ech laache mech futti
	Aarbechter- a Mandolinneverän	25., 26.12.91, 4., 11.1.92	Rob. Clees: De Schlappekinnek
	Gesank St. Martin	7., 8.12.91	Dicks: De Scholdschäin; D'Kürmesgäsch

wou	wie spillt	wéini	vu wiem / wat
	Gesank Réimech/Rémieléng (org. Kulturkommissiou)	26.12.91	J.P. Dieschbourg: Eng Hellecht op der Musel
	Theaterfrénn	16., 22., 23., 24.11.91	Jean Bernard / Jean Pierre Conté: 't as fir verréckt ze gin
	Lycée Technique	7.5.92	M. Krier: Grughgalerie
	Blo Guiden	22., 23.2.92	...; Hänsel a Gréidel
Dikrech	Escher Liewesfrou	26.2.92	Jhemp Schuster: Miss Moddel
	Internat NDL	27., 28.2.92	Hanna a Rolf Hanisch: Schule 2000 Rudolf Otto Wiener: Die Fremde
Dienjen	Pompjeén a Jugend	15., 22., 23.2.92	M.J. Chaussy: De Schwaarzen
Dippech	Tennisclub	28., 29.3.92	Ed. Devaquet: Glück um Schléwenhaff
Duelem	Foussball	25., 26.1., 1.2.92	Jos. Christen: Kuddel-Muddel
Éiter	Club des Jeunes	4., 5.1.92	Ed. Devaquet: Mama bleif cool
Ell	Musek	25., 26.1.92	Marie Wiesen Michels: D'Miss Létzebuerg
	Gesank	16.11.91	Létzeb. Owend: Lidder vum Dicks, Marcel Reuland, Batty Weber Fendius (?): De Friddensrichter
Ensber	Club des Jeunes Sir	18.1.92	Rob. Clees: Charakterkapp gesicht
Esch-Uelzecht	A.P.E.M.H.	30.5.91	Matenee liewen
	Scouten	8.2.92	...: De Widewau an nach eppes
	Létzeb. Theater	6.12.91	Marcel Reuland: Op den Kiirmes
	Kannertheater	15., 17.11.91	Jhemp Hoschcit: De Schleek
	Jaddermunnes	1.12.91	Jhemp Schuster / Mary Durrer: Lotti Langnues (Musek: Balli Baldauf), Zalto Melomanes
	Grenzer Scouten	23., 30.11.91	...: Kuck do; Wonschtéléfon; De Lottogewönn, Eng elle Welt
	Liewensfrou	25., 30.1., 1.2.92	Jhemp Schuster: Miss Moddel
	LHC — Groupe dramatique	20., 28.3.92	nach Hermann Hesse: Siddhartha (Eine indische Dichtung oder Demians Suche nach dem Gral)
	Dicks-Owend	20.11.91	
	Théâtre du centaure	25., 26.10.91	Rosch Seimetz: Shit (nom Dario Fo)
	Liewensfrou	23.3.92 (Prem.)	Theater as
	Lycée Garçons	9., 12., 13.5.92	Kabaret: Georgelli (e.a. Texter J. Iloscheit, G. Rewenig)
Ettelbrück	Lycée Technique	26.3.92	Stress an Drama technique: Püppchen — sexuell Gewalt géint Mcdercher (5 × gespillt)
	U.A.T. Déifferdang	24.5.92	Jay Schiltz: Game over
Eschduerf	Musek	21., 22.3.92	Ed. Devaquet: De Stenz
Ettelbrück	Guiden a Wichtelcher	9.11.91 (6 mol)	JIMSOL: D'Äschelisy
	Lëschteg Nordbühn	15., 16., 24.2.92	P. Felten: De Bennes an de Flappes
	Theatergrupp «Rido op»	12., 14.1.92	Jhemp Schuster: Duerfgespräch
	Theaterfrénn	20., 22., 27., 28.3.92	Revue
Felen	Musek	25., 26.12.91	Pol Felten: D'Féckmillchen (adaptéiert)
	Gesank	30.11., 1.12.91	Ed. Devaquet: De Stenz

wou	wie spiltt	wéini	vu wiem / wat
	Club des Jeunes	9., 10.11.91	Jos. Christen: Do mengst de, du misst
Fëlschdref	Jugend	4., 5., 11., 18.1.92	Ed. Devaquet (Martin Vitus): D'sélwer Horspéngel
Fëschbech/M.	Theaterverain	21., 26., 28.12.92	Ed. Devaquet: Den Halloidri
Fiels	Vis Comica	6.6.92	J. Schuster: De Bop blift elo hei
Folscht	Jongen a Medercher	18., 19.1.92	R. Clees: De Ligepol
Garneech	Musek — Pompjeen	25., 26.12.91	Marie Wiesen-Michels: Déi geléint Schwéiermamm
	Schmunzelkëscht	5., 6.10.91	Jos. Christen: Do mengst de, du misst
Geisduerf	Theaterfrénn	15., 16.2., 13.92	Rob Clees: Ech laache mech futti
	D'Hexeméeschter vun Nacher	25., 26., 28., 29.12.91	Jos. Christen: Gewulls an de Kornischongen
Gouschténgen	Gesank Bus (org. Club des Jeunes)	15.3.92	Marie Wiesen-Michels: Déi geléint Schwéiermamm
Greiwels	Foussball	1.3.92	Jos. Christen: De Köppchesbaacher Mates
	Pompjeen	18., 19.1.92	R. Clees: De Pantouffard
Habscht	Musek	25., 26.12.92	Jos. Christen: Palpong, Box an Hiem
	Gesank	25., 26., 28., 29.12.91	Ed. Devaquet: Dräi krank Hintercher
Heischent	Jongen a Medercher	18., 19., 25.1.92	J. M. Petit: De Réibock (no R. Bass / G. Okonkowsky)
Helzen	Jugend	25.12.91, 11.1.92	Jos. Christen: De Köppchesbaacher Mates
Hengescht	Jugend	2.2.92	Ed. Devaquet: Den Duerfkueder
	Jeunesse	1., 7., 8.12.91	Jos. Christen: Gewulls an de Kornischongen
Hesper	Eintracht im Thale	11., 12., 17.1.92	Marc Kemmer: Eng Annonce
Holler	Pompjeen	22., 23.2.92	Marie Wiesen-Michels: D'sélwer Huchzéckt
Holz	Musek	15., 16., 22.2.92	Ed. Devaquet: De Stenz
Holzem	Theaterkëscht Mamer (org. Pompjeen)	26.10.91	...
Houfelt	Jugend (spillt zu Tratten)	25.12.91; 5., 11.1.92	Jos. Christen: De Köppchesbaacher Mates
Houschent	Dëschtennis	19., 20., 25.4.92	...: Ech hun nach kee Pipcheswiertche gesot
Housen	Jeunesse Eesbech	25., 26.1.; 2.2.92	M.J. Chaussy: De Schwaarzen am Wäschbur
	Wéntger Theaterfrénn	24.11.91	P. Wennig: De Monni aus Amerika
Hueschert/Naarwen	Theaterkëscht	22., 26.12.91	Jos. Christen: Do mengst de, du misst
	Kuckuck	30.11., 1.12.91	...: Die Entführung aus dem Serail (och am Kapuzinnertheater gespillt den 7., 8.12.91)
Huldang	Jugend an Heedfrénn	15., 16., 22.2.92	Ed. Devaquet: Déi falsch Niäss
		24., 30.11.91	Ed. Devaquet: Glück um Schléivenhaff
Huncheréng	Spillkëscht Koplescht	11.4.92	Jos. Christen: Do mengst de, du misst
Iechternach	Kürghegesank Basilika	26., 28.12.91	Ed. Hoffmann: Neen, déi Schnëss
	Massendénger	20., 26.12.91	Jos. Christen: E Superweckend (Molière) Den agebilte Kranken
	Theaterequipe Kolléisch	24., 28.4.92	...: Oedipa (modern Versioun)

wou	wie spillt	wéini	vu wiem / wat
Iermisdref	Musek	22., 26., 28.12.91	Lidder a Sketcher «Dicks dixit» Dicks: De Ramplassang
Iewerléng	Musck	8., 9., 15., 22.2.92	Jos. Christen: Maach mer näischt vir
Iischpelt	Jugend a Besembénner	18., 25., 26.1.92	...: Äis Tata
Izeg	Gesank	28., 29.3.92	Jos. Christen: Do mengst de, du misst
Jonglénster	Musek	15.2.92	Rob. Clees: Ich laache mech futti
Lénster	Guiden	25.1., 1.2.92	Jos. Christen: Gewulls an de Kornischongen
Käerch	Club des Jeunes	21., 22.12.91	Ed. Devaquet: 3 krank Hinnercher
Käl	Scouten	21., 22.3.92	E. Kontz: Eng Tréin am Knäpplach
Kanech	Gesank	25., 26.12.91	...: Elauter Ligen
	Club des Jeunes	16., 17., 18.1.91	R. Clees: Dc Ligepol
Kautebaach	Theaterfrénn	30.11., 7.12.91	M.J. Chaussy: D'Familiegléck ouni Filter
Kéenzeg	Gesank	21., 22.3.92	Norb. Weber: Eng Síffecht op der Musel
	Scouten	16., 17., 23.11.91	...: Eng Rechenaufgab Francine Hermes: D'Jonggesellesteicir
Kielen	Foussball (Kielener Flauterten)	8.2.92	Revue: Gaassebillier
Klierf	Fislécker Theaterfrénn	30.11.91 (Prem.)	Agatha Christie: : D'Mausfal (jwersal vun Fr. Jacobs
	Jeunesse	11., 12., 19.4.92	...: Baby Schmiedläpp
Kolmarbierg	A.S. Kolmer	4., 5.4.92	Jos. Christen: Do mengst de, du misst
Kolpech	Musek	17.1.92	J. Christen: Köppchesbaacher Mates
Konsdref	Musek	17., 18., 19.1.92	Et. Clement: Alles wéinst der Tüt
Kontern	Jeunes	1., 2., 8.2.92	Fons Kontz: Eng Tréin am Knäpplach
Koplescht	Scouten a Guiden	9., 10.5.92	Fritz Weimerskirch: Alliancebal
Kréschtnach	Gesank	15., 16., 21., 22., 28.2.92 Revuc 92	
Kruuchten	Jadtermunnes (org. Eltereverenegong Kolmer an Noumeren)		
	Eltereverenegong	22., 23.2.92	Rob. Clees: De Champion; d'Kanner spiller: Am Wartesch zu Grevels
Lalléng	Scouten	8.2.92	...
Leideléng	Club des Jeunes	11., 18.1.92	M.-J. Chaussy: Si schaffe bei der Gemeng
Léntgen	Kanner	23.5.92	Jos. Christen: Der Däiwl beim Päerdsmetzeler
	Foussball	21., 22.3.92	Rob. Clees: Ech laache mech futti
	Déschennis	16., 17.11.91	Jemp Schuster: Duerfgespréich
Longdref	Kannertheater	12.1.91	Jemp Schuster: Lotti Langmues
Mäertert	Club des Jeunes	8., 9., 15.2.92	...: Duebel verlount
Mäerzeg	Gesank	21., 25.12.91	Ed. Devaquet: Dräi krank Hinnercher
Mamer	Theaterkësch	7., 8.12.91	Ed. Devaquet: Dräi krank Hinnercher (nom Kurt Tucholsky): Wéi kommen d'Lächer an de Kéis
Manternach	Landjugend	21., 22., 29.3.93	A. Atten: D'Jonggesellkësch
Mënsbech	Musek Schëtter	28., 29.3.92	Josy Braun: Requiem fir e Lompekréimer

wou	wie spiltt	wéini	vu wiem / wat
	Schëtter Theaterfrénn	11., 12.1.92	Antoinette Kirsch: O, wat eng Wirtschaft
	idem	15.2.92	Loly Harpes-Kerschen: Den arme Millionär (fräi iwwersat)
Menster	Club des Jeunes	1., 9.2.92	Ed. Devaquet: Déi falsch Nies
Miedernach	Musek	25., 26.1., 1.2.92	Ed. Devaquet: De Stenz
Miersch	Jaddermunnes	23.2.92	Jhemp Schuster; Lotti Langnues
Mondorf	Musck	25.1.92	Rom. Goerend: Kee Fall fir den Zankert
Monnerech	Bounscäck	28.12.91, 3., 4., 12.1.92	René Kieffer: Fir wat nüt?
Munzen	Musck	14., 21.3., 5.4.92	M.-J. Chaussy: Josefín, gëf erëm normal
	Küschelpelter Klautercher	14.12.91	Jos. Christen: Palpong, Box an Hiem
Mutfort	Musek	21.12.91	Jos. Christen: Bubi bas dc schon op?
Niddenauwen	De Kuckuck	15., 22., 23.3.92	Mathias Siebert: Die Bremer Stadtmusikanten (Musical)
Nidderkäerjhéng	Diddelénger Theaterfrénn	1.2.92	Jean Bertrand, Luc a Jean Pierre Conty (iwwersat): 'l as fir verréckt ze gin
Nidderwampach	Jugend		Marie Wiesen-Michels: Sélwer Hochzäit
Noujbem	Jugend	14., 15.2.92	Jos. Christen: De Köppchesbaacher Mates
Nouspelt	Spuerverän «Énner ons»	14., 15., 21.3.92	M.-J. Chaussy: O, Josefín, sief erëm normal
	Gesank	28., 29.12.91, 4.1.92	Francine Hermes: Eng rosa Spëtzebox
Ospel	Dëschtennis	15., 21., 22.12.91, 19.1.92	Ed. Devaquet: Léift an Téitschen
Péiteng	Maison des Jeunes	1., 2.2.92	Jhemp Schuster: Den neie Würt (Musek: Jerry Philipp)
Préizerdall	Musek	25., 26.12.91	Jos. Christen: De Köppchesbaacher Mates
Réiden	Gesank	4., 11.1.92	Pierre Singer: Eng besser Partí
Réimech	Gesank	30.11., 7., 8.12.91	J.-P. Dieschbourg: Eng Hellecht op der Musel (Musek Ch. Günther)
Reisduerf	Musek	25., 26.1.92	...: Ech hun nach kee Pipcheswirtche gesot
	Theaterfrénn Bigelbaach	16., 17., 23.11.91	Rob Clees: Charakterkapp gesicht
Reiser	Scouten	7., 8.3.92	Marc Herman: As dat esou schlëmm!
	Gesank	26., 28.12.91, 4.1.92	Ed. Devaquet: Léift an Téitschen
Rémeléng	Gesank Réimech (org. Cercle Symphonique)	8.2.92	J.-P. Dieschbourg: Eng Hellecht op der Musel (Musek Ch. Günther, arr. Gusty Schreiner)
	Theaterfrénn	25., 26.12.91	Fern Hoffmann: Zirk am Zirk
Rolleng (Lamadelaine)	Club des Jeunes Suessel (org. Gaart an Hcem)	18.1.92	Jos. Christen: Do mengst dc, du misst
	Foyer d. Jeunes/Foyer de la Femme	9.11.91	P. Wennig: De Kichekueder
Rouspert	Musek	28., 29.3.92	H. Regenwetter: D'Verleinheeteskand
Sandweiler	Musek	21., 22.12.91	Ed. Hoffmann: Neen, déi Schnëss
	«Joe Coel»	19.4.92	Jos. Christen: Der Däiwel beim Päerdsmetzler
Schëffléng	Gesank	18., 19., 24., 25., 26.1.92	Ed. Devaquet: Déi falsch Nies (nom Ridi Walfried)
Schirenn	Jugend	27.10., 2., 3.11.91	M.-J. Chaussy: De Schwaarzen am Wäschbur
Schnuller	Tennisclub	28., 29.3.92	Ed. Devaquet: Gleck um Schléiwenhaff

wou	wie spillt	wéini	vu wiem / wat
<i>Schweebendall</i>	Gesank	28., 29.12.91	R. Weimerskirch: Den Horroock
<i>idem (lelwen)</i>		16., 17.11.91	M. Wiesen-Michels: D'sélwer Hochzäit
<i>Sell</i>	Schoulkanner	28., 29.3.92	...
<i>Simmer</i>	Jongbauren a Jongwénzer	11., 12.4.92	Jos. Christen: De Köppchesbaacher Mates
<i>Sir</i>	Club des Jeunes	25., 26.12.91, 5.1.92	Rob. Clees: Charakterkapp gesicht
<i>Stengfort</i>	Éislécker Theaterfrénn	13.12.91 (5 mol)	Agatha Christie: D'Mausfal (jwersat Franz Jacobs)
<i>Stesel</i>	De Kuckuck N'aanwen	Maerz '92	Die Bremer Stadtmusikanten
	Musek	22., 23.2.92	Jos. Christen: Gewulls an de Kornischongen
	Kabarà Schuko	18.1.92	Stoffwiessel
<i>Stroossen</i>	Gesank	1., 8., 2.92	Jd. Devaquet: Léift an Téitschen
<i>Suessem</i>	Scouten a Guiden	11., 12.1.92	...: Pipi Langstrumpf
	Musek	25., 26.12.91	Ed. Devaquet: Nach emol e Jausbouf sin
<i>Téiteng</i>	JEM	15., 26.12.91	...: De Rollentausch; ...: Eng Fra fir d'Tiewen; Jos. Christen: Maach mer näischt vir
	Musek	25., 26., 28.12.91	...: Zwéckmillchen
<i>Ténten</i>	Theaterfrénn	18., 19., 25.1.92	Francine Hermes: D'Jonggesellekscht
<i>Tratten</i>	Jugend Houfelt-Helzen	25.12.91, 5., 11.1.92	Jos. Christen: De Köppchesbaacher Mates
<i>Ueschdref</i>	Éislécker Theaterfrénn (org. Pompejn)		Agatha Christie: D'Mausfal
<i>Uespelt</i>	Kabarà Schuko (org. Musek)	27.10.91	Näischt fir ongutt
<i>Uesweiler</i>	Club des Jeunes	8., 9.2.92	Jos. Christen: Kuddel Muddel
<i>Uewerkärjhéng</i>	Musek a Futtball	25., 26., 28.12.91	Rob. Clees: De Ligepol
<i>Uewerkuer</i>	Theaterfrénn	16.11.91 (9 mol)	II. Regenwetter: D'Veleenheetskand
<i>Uewerwampech</i>	Landjugend	22., 23.2., 7.3.92	Marc Herman: As dat dann esou schlém
<i>Useldéng</i>	Club des Jeunes	3.1.92	Cabaret
<i>Veianen</i>	Guiden	16.11.91	J. Milmeister: Louster op den Dicks
	Guiden a Scouten	4.4.92	Jos. Christen: Do mengst de, du misst
<i>Viichten</i>	Dëschtennis	7., 8.12.91	Rob. Clees: De Pantoufard
	Gaart an Heem	8., 9.2.92	Jd. Devaquet: Gléck um Schléiwenhaft
<i>Waaserbelleg</i>	Sängerbond Museldall	26., 28.12.91	Jos. Christen: Gewulls an de Kornischongen
<i>Wächerdang</i>		25., 26.1., 1.2.92	Ed. Devaquet: Duebel verlount
<i>Wäisswampech</i>	Club des Jeunes	14., 15.3.92	E. Boeres: De bloen Harry
<i>Wal</i>	Foussball Gréiwels	29.2., 1.3.92	Jos. Christen: De Köppchesbaacher Mates
	Musek	23., 24.11.91	E. Devaquet: Gléck um Schléiwenhaft
<i>Waldbelleg</i>	Gesank	21., 28., 29.3.92	Ed. Devaquet: D'sélwer Horspëngel
<i>Waldriedemes</i>	Cercle Culturel	4., 5.4.92	...: De Pol an der Patsch; ...: D'Féckmillchen
<i>Walfer</i>	Theaterfrénn	25., 26.1.92	Rob. Clees: Ich laache mech futti
	Foyer de la Femme	8., 9.11.91	Geo: De Kichekudcer
<i>Welwerwolz</i>	Küschpelter Klautercher	14., 21., 25.12.91	Jos. Christen: Paltong, Box an Hiem
<i>Wéntger</i>	Theaterfrénn	9., 10.11.91	Pir Wennig: De Monni aus Amerika

wou	wie spiltt	wéini	vu wiem / wat
Wolz	Gesank	21., 22., 28., 29.3.92	Emile Boeres: D'Fréijor
	Amis de l'Opéra, Wälzer Festival	13.7.91	Dicks: De Scholdschäin; D'Mumm Séis
Wuermeldéng	Musek	21.12.91	Ed. Devaquet: Dëi 3 Äisbier
	Guiden a Scouten	4., 5.1.92	Jos. Christen: Beim Dokter; Jos. Christen: Do mengst de, du misst
	Club des Jeunes	18., 19.1.92	Pir Wennig/Fritz Weimerskirch: De Kichekueder

LËTZEBUERG-STAD

Stadtheater	Lëtzebuerger Theater	23.10.91 (Prem.) (4 mol ugekënnegt)	Marcel Rculand: Op der Kürmes Musik Leo Schaefer
	Dicksfeier	12.10., 14.12.91	Mumm Séis (orchestréiert vum Henri Pensis; Conferencier Henri Losch)
	Revue vum Pik, Pop, Jochri	31.3.92 (Prem.) (5 mol ugekënnegt)	Ausverkaf
Kapezinnertheater	Theatergrupp Kolléisch	28.5., 16., 17.6.92	Thérèse Nouviaire (fräi nom Ephraim Kishon): Schwaarz op Wäiss
	Kannertheater Jaddermunnes	20.10.91 (Prem.)	Jhemp Schuster: Zalto Maionas; Lotti Langnues (Musik Balli Baldauff)
		10.3.92 (8 mol ugekënnegt)	Jhemp Schuster: Mira Kannertheater
	?	15., 19., 21., 23.5.92	Sophokles/Camille Lamboray: Antigone
	Scène Libre	1.12.91	Pit Hoerold: Haut as Päffenreijooschdag
	?	18.1.92 (Prem.)	Pol Grcisch: T. Stéck Streisel
	L.K.P.	25., 26.4.92	Cabaretsnuecht, gespillt vum Cabaret J.B.; Peffermillchen; Jhemp Schuster; Scène Libre an TOL
Kasemattentheater	?	8.2.92	Ferdinand Raimund: E. Bauer gët Millionär (Das Mädel aus der Feenwelt oder Der Bauer als Millionär) (iwwersat vum Marc Lorenzini a Pol Maes)
Beggen	Gesank	8., 9.12.92	Jos Christen: Do mengst de, du misst
Bouneweg	Scouten	22., 23.2.92	...: D'Alice am Wonnerland; D'Generalprouf; Jhemp Schuster: Ducifgespräch
Convict	ALUC	1.2.92	Marc Herman/Jens Exler: Alles wéi keng Engelen
Clausen	Scène Libre	18.1.92	Gutt gedickst (dat och zu Méisdref)
Fieldgen	Schoul	29.1., 29.5.92 (4 mol gespillt)	Fernande Hausemer: Mir gin op Bremen, gitt dir mat?
	Lycée Michel Rodange	24., 25.4.92	Marc Theis: Tommy
Gaasperech	Scouten	18.1.92	...: Op der Däiwelsburg; ...: De Knéckjheng
	Foussball	21.3.92	Rob Clees: Ech laache meeh futti
	Musek	7., 14.12.92	vum Schw. verbessert. Oplo vum Geo: De bloen Mary
Gare	Scouten	22., 23.2.92	...: Kee Fall fir de Flick; Op der Gare an an der Gaass;: de Biddi vum Rommelshaff
Hamm	Theaterjugend	9., 16., 17., 22.11.91	Dicks: Mumm Séis
	Jugend	27.11.92	Dicks: D'Kiirmesgäsch

wou	wie spillt	wéini	vu wiem / wat
Hollerech	Theaterfrënn Walfer (org. Foussball)	22.2.92	R. Clees: Ech laache mech fitti
Kürrchbierg	Guiden a Scouten	1., 2.2.92	...: Den Dokter; Den Nuckles an de Vuckles; Aus der Schoul geschwat; Klau mer eng Fra; Do bausse virun der Stad
Märel	Kirchegcsank	11.1.92	Ed. Devaquet: Gefléckten Téitschen
Neiduerf	Musek	7., 8.12.91	P. Wennig: De Kichekucder
Pescatore (Fondat.)	Gesank Izeq	4.4.92	J. Christen: Do mengst de, du misst
Weimeschkiirch	Scouten	11., 12., 25.1.92	Jos. Christen: Beim Dokter; ...: Schudder, Schudder; Rob. Clees: Tata Liss vu Vallauris
Zéisséng	Theaterfrënn	25., 26.1.92	Jos. Christen: Do mengst de, du misst
TOL-Theater	Scène Libre	17., 23.10.91	Gutt gedickst (7 mol ugekënnegt)
	Cabaret JB	27.3.92 (Prem.)	Privat-Klupp (7 mol ugekënnegt)
	Liewensfrou Esch/Uelzecht	21., 22., 29., 30.4.92	Theater as...
Am Dierfgen	Théâtre du Centaure	15.2.92 (Prem.)	Jhermp Schuster: Melusina (6 mol ugekënnegt)



Notizen

Viru 70 Jor gouf vum Nationalisteschen Institut e Cours iwwer Lëtzcbuerger Litteratur an den ieweschte Klasse vun den hëiere Schoule gewënscht.

(Auf dem Wege zu einer lux. Grammatik vum Lucien Koenig, S. 89)

* * *

Lo sin se do, déi nei Radioen, véier Stéck an e Soziokulturellen, nieft deem 92,5, wou nach Lokalradioën derbäi kommen.

Dat sin dann: Den Neie Radio; Radio Latina; Radio Ara Lëtzebuerg; Eldoradio. Da losse mer als emol «iwwerraschen». Et freet ee sech némme wie wie lauschtert.

De soziokulturelle Radio as am Gesetz vum 27. Juli 1991 am Kader vun den elektronesch Medië festgehalen.

Direkter vun deem as de Pierre Gehlen, éischte Consillier um ieweschte Geriicht, virdru Präsident vum Handelsgeriicht; da véier Mann aus dem Regirungsbetrieb: Romain Bausch, General-administer am Finanzministère a Regirungskommissär bei CLT; Guy Dockendorf, éischte Conseiller an dem Ministère vun de Kulturelle Saachen; Guy Linster, Generaladminister am Kommunikatioun- a Landesplanungsministère; Jean-Paul Zens, Legationsrot am staatleche Medien-déngsch; véier Perséinlechketen aus dem soziokulturelle Liewen: Paul Kieffer, Cinéast; Adrien Milbert, ULC-Generalsekretär als Vertrieber vun der Nationaler Programmkommissioun; Daniel Schwall, audiovisuelle Produzent; Guy Wagner, fréieren Direkter um Escher Theater an clo Koordinater vun de kulturellen Aktivitéiten fir d'Jor 1995; Regirungskommissar fir dee Gremium gouf de Pierre Goerens, Attaché am Déngsch vun de Medien an dem Audiovisuellen. (Lux. Wort. 25.7.1992)

Vun eiser Säit hu mir némmen ee Wonsch, e grousse Wonsch, datt as deen, datt do cis Sprooch dee Respekt kritt, dee se verdéngt an néit esou verschampeléiert gét wéi et bis elo geschitt.

Fir déi, déi et néit an den Zeitunge gelies sollten hun an néit sollte wësse wat a wou se Radio lauschtere kënn(en)!

11 vun 12 Lokalradioën hun hir Plaz kritt:

Péiteng: R.A.C.D. Animation Club Differdange. Frequenz 102,2

Bartréng: Lieweg Kultur. Frequenz 102,2

Dikrech: LORA-Association pour la Création et l'Exploitation d'Emissions Radiophoniques par antenne et par câble. Frequenz 102,2

Lac de la Haute Sûre: WILY'TECH. Frequenz 102,2

Réiser: Radio locale Réiserbann-Betebuerg an Diffusion et Programmation. Frequenz 103,9

Kayl-Diddeléng: Gemeng Kayl-Diddeléng a Radio Diddeléng. Frequenz 103,9

Schëffléng: Radio Classique Biergem, Radio Amitiés, Radio Gudd (sic) Laun - RGI, Radio vu Schëffléng. Frequenz 106,1

Recken/Mess: Radio Sympa, Reckénger Sympatisanten. Frequenz 106,5

Bettenduerf: Radioorganisatioun Miedernach, Radio Interculturelle de Gilsdorf. Frequenz 106,5

Monnerech: Lokal Radio Bieles. Suesserm, Zolwer, Éileréng. Frequenz 107,0

Hesper: AIR. Frequenz 107,0

Néit ugholl gouf déi Demande vu Berduerf/ Konsdref. Frequenz 106,5

Well fir vill Frequenzen - et sin deer 40 virgesin - kee Gesuch do wor, soll d'Post kucken ewéi se déi énnner Daach kréien; et geet dach néit, datt néit all Duersf sái Radio kritt!

Direkter vum Soziokulturelle Radio as de Jean-Marie Meyer genannt gin.

* * *

Op deem internationale Poesie-Festival zu Struga a Mazedonien as dést Jor d'Lëtzebuerg Litteratur virop am Programm, wou d'Anyse Koltz, den Nic. Klecker, Michel Raus, Léon Rinaldetti a Jean-Michel Treinen do sin. Op Initiativ vun den Organisationsleit kënnnt eng Anthologie vun neister Lëtzebuerg Lyrik eraus. (Journal 13.8.1992)

* * *

Guer néit ze verwerfen as e Vorschlag fir nei Stroossennimm, déi den R.Schmit an engem Lie-serbréif am Lux. Wort de 25.6.1992 mécht. «Ech mengen eis kompetent Leit sollen och emol un all déi Leit denken, déi am Krich vun den Nazië vum Standgeriicht erschoss gi sin, an denen e Stroossennumm gin. — An duerno och un all eis bedeitend Musécker denken».

* * *

Am «Nationalfeierdag c Message vum Edukatiounsmminster un d'Schoulen» heescht et: «Maastricht as nëmmen en Ufank. Aktiv bei der Gestaltung vun désem historesche Projet matmaachen, dat heescht, datt mir eis Souveränitéit ni méi brauche mat dene Mëttelen ze verteidigen (ech hätt alt verdedege geschriwwen — d'Red.), wéi d'Bürguer vun cism Land dat viru 50 Jor duerch e Generalstrik géint d'Hitlerregim gemach hun. En Europa vu Iridde a Gercchtegeet schafen as déi gréissten Unerkennung, déi mir eise Patriote gin, déi Enn August - Ufank September 1942 mat Ëmsidlong, Prisong, Folter an Doud hiren onbännege Glawen un d'Egestännegkeet vun cism Land bezuelt hun. - Si waren et, déi de Grondstee fir de Respekt an d'Unerkennung vu Lëtzebuerg geluegt hun. Hinnen an all dene ville Leit, déi deemools d'Stir gebueden hun, kënne mir verdanken, datt all déi Leit, déi an désem Land liewen, un engem Projet fir d'Zoukonft plangen a schaffen». — Marc Fischbach, Edukatiounsmminster. (Lux. Wort 22.6. 1992).

* * *

Zu Arel sin se anesch Sanns gin. Am «Avenir du Luxembourg» (4.8.1992) liest een datt d'Lëtzebuergesch dach nêt esou eppe Arëmscileges as, wéi dat laang gemengt gouf. Et wir gutt, wann ee méi Sprooche géif kënnen, och däitsch, well dat wir e grousse Virdeel, wann 1993 d'Grenze géifen ewechsalen a Leit vun do an de «Grandësch» schaffé kënnente goen an esouquer Staatsplaze kënnente kréien. Lëtzebuerg hätt jo als Konditioun gesat, datt een déi dräi Sprooche Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch misst kënnen. - Dat muss dach dene Leit vun «Arclerland a Sprooch» bis an déi déck Zéif gutt don, si, déi wéinst hirer Aktivitéit fir hiert Lëtzebuergesch als Nazien, vu bestëmmte Leit, vernannt si gin. «Le juste retour des choses!» Wann een do drun denkt, datt d'Kanner soss an der Schoul gestrooft si gin, wann sc deen eeklege Platt geschwät hun...

* * *

Beim Ofstëmmen iwwer d'EG-Charta iwer Regional- a Minoritätssproochen huet Frankräich an dräi aner Länner sech enthalten; Grüchenland wor dergéint. (Aus: Comité breton pour un statut de la langue et de la culture bretonne)

* * *

Éischt Lëtzebuerger Sproochmatessen ém de «Franz Joseph Mone»

Dozou nach dat hei: An der Nr. 34 vun «Eis Sprooch» hate mer en Artikel bruecht iwwer «Dat Lëtzebuergesch am Buch vum Franz Mone» (1830).⁽¹⁾

Doranner hate mer e puer Lëtzebuerg Mataarbechter vum F.J. Mone virgestallt;

- den Anton MEYER (1801-1857)
- de Franz PERGAMENI (1807-1883)
- den Heinrich GLODEN (1804-1894)
- den Hubert GLODEN (1809-1838)

Iwwer 3 aner zitiéiert Mataarbechter hate mer soss keng Renseignementer. Et waren:

- den H. LORENZ
- de Joh. FROMMES, deen den Text vun der «Geschicht vum verluerene Son» an der «Mondaart aus dem Sauerdall bis Méischtréff an aus dem Uelzechtdall bis Miersch nom Dialekt zu Bettenduers» geliwwert huet
- den N. FROMMES, deen d'«Gléichniss vun d'm verlörnen sòn» an der Mondaart vun Dikrech matgcdeelt huet.

Duurch den Här Bernard Cloos, Architekt zu Lëtzebuerg⁽²⁾ huet dcn Här Bob Frommes, Dr. ing. E.II., vu Lëtzebuerg, als e puer Détailler iwwer Personnagen aus sengem Stammbam zoukomme glooss⁽³⁾:

— Den Nicolas FROMMES-HOSINGER gouf 1773 gebuer. Dee konnt liesen a schreiwen. E war Agent vun der Republik vum Juli 1798 bis de Mäerz 1800, duerno «adjoint» vum Buergermeeschter vu Bettenduerf. Dunn huet en sech mat der Elisabeth Hosinger vun Dikrech bestued an huet do an der Mille vu sénger Fra hirer Famill gewunnt. Nodeem séng Fra gestuerwe war, huet e sech mat enger Marie Michelau bestued an e wunnt an der Mille vu Baastenduerf.

Am Emile Erpelding sengem Millebuch⁽⁴⁾ fanne mer désc Personnage och erëm ènnert der «Bannmille vu Baastenduerf». «Den Nicolas FROMES (sic!) (geb. 1773), Jong vum Nicolas Fromes a Barbara Petry aus der Mützenvogtey, zu Bettenduerf bestued 1801 d'Elisabeth Hosinger (1776-1803) vu Baastenduerf. Den Nicolas Fromes keeft 1806 sénge Schwéierleit hiren Deel vun der Millen vu Baastenduerf of. 1809 bestued e sech fir d'zweet mat der Marie Michelau, Duechter vum Nicolas Michelau an der Catherine Schaack vun Dikrech. De Michelau war Mëller op der Bleesmillen a Matbesëtzer vun der Baastenduerfer Millen. 1810 huet den Nicolas Fromes d'Mille vum Florian Michelau a

Marie Schmars ofkaat. Et as unzehuelen, datt et dat déi Halschecht war, déi der l'amill Schmars gehéiert huet. Am Kadaster vun 1824 as d'Mullen agezeichnet. Dat Wiese besteet aus enger Miel-, Uelegg- a Seemullen, déi deemools nach dem Nicolas From(m)es gehéiert huet.

Wéi elo dësen Nic. Frommes mat dem Krees ém de l'r. J. Mone a Verbindung war, konnt (nach) nüt erausfond gin.

Iwwer de Joh. FROMMES kann den Här Bob Frommes als leider keng Renseignementer liwweren. En huet kee «Jean» opgedriwwen, dee fir déi Zäit a Fro kóim, et sicf et wär e Pseudonym oder de Joh. wir mam Nic. identesch, wat awer kaum unzehuelen as. De Virnumm Jean as ganz seelen an der l'amill an et gët och némmen déi eng Famill Frommes am Land.⁽³⁾

Mir soen den Häre Bernard Cloos a Bob Frommes merci fir hiren Interessi an déi Renseignementer.

Et bleibt also alo nach den H. LORENZ ze fannen, deen «de berlurne sòn» an der Mondaart «auf dem ganzen linken Ufer der luxemburgischen Gränze von Rodemacher bis Wasserbillig» matgedeelt huet. Vlächt kann ee vun eise Lieser och hei virun hellefen.

Jean Welter

Referenzen:

- 1) Jean WELTER: Dat Lëtzebuergescht am Buch vum Franz Joseph Mone. «eis Sprooch» Nr. 34.I.1992.S.3ff.
- 2) Bréif vum Här Bernard CI.OOS un d'Action Lëtzebueresch (Jean Welter) vum 4.8.1992
- 3) Emile ERPELDING: Die Mühlen des Luxemburger Landes. Druck a Verlag vun der St. Paulus-Drückerei, Lëtzebuerg 1891. S. 31

* * *

1995 as Lëtzebuerg d'*europäesch Kulturhaapstad*. Fir dat opzebauen as eng A.s.b.l. (Gesellschaft ouni Gewënnszweck) geschafe gin an deer sin: René Steichen, Minister, Lydie Würth-Polfer, Buergermeeschtesch vun der Stad Lëtzebuerg, Pierre Frieden, Schäffle vun der Stad Lëtzebuerg, dann de Guy Dockendorf, Gast. Gengler, Jhang Schmit, J.P. Senninger a Jeannot Waringo. Dee Comité huet de Guy Wagner als Koordinater genannt — e wor bis dohin Direkter vum Escher Theater; d'Simone Baldauff-Beck als Responsabel fir d'«Public relations». — De Comité an déi Leit hun als Missioune dosfir alles ze plangen an opzebauen. Dernieft gët nach e «Comité consultatif» geschaf an dee Leit genannt gin, déi om kulturelle Gebitt Bescheid wëssen a kompetent sin. Dozou kënnnt nach e «Comité de patronage» an deem Perséinlechketen aus dem politeschen,

kulturellen an ekonomesche Liewe solle sin. (Lux. Wort 22.6.1992)

* * *

Den E.G. Ministerrot huet eng *europäesch Charta iwwer regional a minoritär Sproochen* als eng vun de Konventionen an der Organisation ugeholl. — Ouni déi Charta hei kënne ganz z.C. publizéieren (well mer se nach nüt hun) sief aus der Partie II (wéi se am Lux. Wort vum 29.6.92 stong) ernimmt:

- Unerkennung vu regionalen a minoritäre Sproochen;
- Respekt fir d'Gebitt wou déi Sprooche sin;
- eng positiv Aktioun fir déi Sproochen;
- Méglechkeet fir déi Sproochen ze léieren, vu Leit déi se nüt kennen;
- verhënnere vun all Diskriminatioun;
- géigesäitege Respekt a Versteesdemes tëschte Sproochgruppen entwéckelen;
- Organer schafen, déi d'Intresse vun dene Sprooche vertriede sollen;
- d'Prinzipiën vun der Charta do applizéieren, wou déi Sprooche keen egentlecht (staatlecht) Gebitt hun.

Parti III: dorfir surgen, datt de Gebrauch vun dene Sproochen am öffentleche Liewen (der Schoul, der Justiz, de Verwaltungen, de Medien, op kulturellem, ekonomeschem a sozialern Plang an iwwer d'Grenzen ewech) gin as.

* * *

«La paix par les langues» as den Titel vum Leitarikel am Lux. Wort vum 3.7.1992, deen de Julien Bestgen geschriwwen huet. Et geet do Rieds (op franséisch) vun enger Association «Le Monde bilingue» vu Besançon, vun enger internationaler Konferenz iwwer d'Problemer vu sproochlecher Kommunikatioun, déi émmer méi akut géisen. Déi Konferenz as fir den 28. bis den 30. Abrëll 1993 hei zu Lëtzebuerg geplangt, déi vum «Conseil international pour un plurilinguisme européen» gestäipt gët an deem Perséinlechketen wéi de Professer André Martinet, bekannte Linguist, an de J.P. Oestreicher, Furen-Oberinspektor a Präsident vum «Conseil supérieur de l'Education nationale» sin.

* * *

Vum 21. bis de 27. September 1992 war hei zu Lëtzebuerg e Festival iwwer «Les langues les moins parlées d'Europe» (Gesank, Poésie, Thea-

ter, Musck, Diskussioun, Symposium). Et heescht do, Lëtzebuerg, e Land, wou eng kleng Sprooch mat zwou grousse Sproochen zesumme lieft, huet den Organisatoren eng ideal Plaz fir deen éischte Festival geschéngt ze sin.

* * *

An der kultureller Bäilag vum *tageblatt* (30.6. 1992) mécht dc Mars Klein Notizen iwwer «D'Nationalssprooch vun de Lëtzebuerger as d'Lëtzeburgesch». — Woufir en d'Actiou Lëtzbuergesch mat der FELLES an een Dëppe geheit, versti mer nüt!

Vum Josy Braun kann een all Woch zénter enger Zäit am «*tageblatt*» e Gedicht iwwer dëst an dat liesen, grad ewéi «Klengeketen» vum Robert Siuda.

* * *

Ernimme mer jhust, datt de Will Reuland an der «Warte», Bäilag vum «Lux. Wort», séng stänneg Rubrik huet.

* * *

D'UNIO'N vun de Lëtzebuerger Resistenzorganisationen huet den 1.6.1992 eng Zirkulär verdele gelooss an deer et heescht (sou wéi et do steet): D'Unio'n: «verlaangt datt am Ament, wou et 50 Joér sin, datt d'Lëtzebuerger baim Plébiscite a bai der Grève Gudd a Liewen fir hir Fräiheit an hir Identitéit gewot hun, eis Sprooch hir europäesch Unerkennung krit, a vun Châmber a Region dat néidegt duerfir gemeet gët»...

«as der Menong, datt no dem ireschen Précédent, fir eis Sprooch — déi zwar net fir legislativ Texter gebraucht gët, awer vun der ganzer Population geschwät gët — d'Unerkennung als offiziell europäesch Sprooch, nüt als Aarbechtersprooch, schon laang hätt missen nogeholl gin»...

«as iwwerzeugt, datt d'europäesch Unerkennung vun eiser Sprooch, äusser direkten Avantagen, op laang Siicht en Hapelement fir e valabct, respektéiert Weiderbestoën am Verenton Europa as... fénnt, datt et fir de 50. Joërsdag vum Plebisite a Grève kennt méi e schéint monument kënnt gin, wéi d'europäesch Unerkennung vun eisern Sprooch.»

Eng duebel Säit aus dem Alain Atten séngem Buch «Néierewou»

**De Pohunn
an d'Pohong**

Hien
hat eppes lass.
Goss,
e wousst knaps wéivill.
Lo huet d'Iief némme sou opkaafi,
mat zwou fabrécken derbäi.
Kengem gesot, wat e wollt:
Ierz gniewen? Kuelz biennen?
Lise schmélzen? Holz fléizen?
Rommeln zillen? Zucker kachen?
Séng dräi Schwär waren dichteg Hären,
hien déck Fréind mat Notär a Riichter,
nam Minister, nam Prinz.
Mat dräi Pucchthief am Streech
hat en nach nüt genuch.
Hien huet d'Schlass missen hun,
mat Bösch a Gewan.
Kee Kand gung em méi
bei d'Schwäin an d'Schoul.
An d'Kirch koum eng extra Bänk
vir an de Kour,
fir déi kleng Pohunnen.
Si
war méi topeg
wéi siwwé Sai knaschteg.
Énumer Brasslien:
a Wolangskieder,
ömmer dei verfrosse
geireg Schnéiss.

Sou efällig,
se huet all Mensch
op de Mond baduckt,
de Rescht Ried nogeschwät
wéi e Pappgi.
Hir Séschier hat se vernamt:
«Du bas eemol ze domm.»
«Ze domm»,
sot si poulrücht no.
Si blouf d'Tatta Zedonum
hiert Liewe haang.
Den Numm, de Su an de Fuurz,
wat brauchs' do vill am Kapp?
Den Neper
soll d'Kammer gemaach hun.
Dee vum Nopeschschloss natirlech.
Eng eise Paart
hält d'Mau!
gutt zuu.



Aus dem Bicherbuttek

E schéint Buch, wiirklech e schéint Buch as d'Fréijor an der Dréckerei Kremer-Muller&Cie op der Féiz erauskomm. Et as wéi e Cadeau flott agepaakt an huet, nieft de gedréckten Texter, eng Cassette op deer dér eng Parti dervun zimlech gutt geschwat sin, loosse mer vlächt soen erzielt sin.

Den Autor Alain Atten erzielt an deem Heckebuch — «*Neierewou*» d'Geschicht, déi mén-schlech Tragód, vun engem klenge Ducrf dat bis an d'Jorhonnert eran, bis op d'«Schlass», ausgestuerwen as, et kënnt ee bal soon, verherregt gouf. D'Teit sin zem Deel ausgewandert, fortgezun oder verdriwwen gin. Et kann een d'Geschicht vun esou engem Ducrf op e puer Manéieren erzielen a beschreiwen: einfach Datumen, Nimm, Ursachen an en etlech Sätz uneen'hänken, dréchen, wéssenschaftlech. Hei as emol eng aner Aart a Weis gebraucht gin. Sou halwer epesch — balladesk, mä geschichtlech genee beluegt, beschreift den A. Atten den Ennergank, besser d'Ausstierwe vun engem Ducrf, derzou an enger Sprooch, déi deer Zäit ugepasst as — den A. Atten as nüt némmen en Historiker, och e Sproochefuerscher am Fong. Et kënnt sin, datt den Text wéinst deer aler Sprooch, wéi se viraltesch sécher geschwat gouf (mat hire grassen Ausdréck), jong a jénger Leit géif ofhalen et ze liesen. Mä dofir huet den Auteur jidderengem et méi liicht gemaacht an en Dictionnaire mat all denen Ausdréck a Wiederer am «zwete Buch» mat erageholl an all dat gcnee expliziert. Nach eppes; den A. Atten léisst a séngem Gedichts- a Geschichtsbuch nüt d'Leit erzielen, hie gräift dofir an d'Natur an an d'Duerfgeschéien a léisst Déier a Geschrif a Saachen alles opdéschen. Sou fént een nieft dem Geschichtlechen och nach e Koup Folklor a Volleksglaf mat dra gewicft. Wann awer, trotz allem, et dér nach géif gin, déi sech nach nüt un déi Sprooch a Geschicht gewinne kënnnten, dann as denen nüt zc héllefén — a wann et nach sou gutt agepaakt, nach esou schéin am Drock, nach esou schéin an der Illustratioun wir, Biller, déi de Pe'l Schlechter glécklech op d'Texter, genee, ugepasst huet.

De Rezension, wann een dat hei virdru Rezensionen nenne kann, denkt awer do derbäi nach un de Saz, deen de Lessing (wann en sech nüt iirt)

dem Klopstock sénger Zäit geschriwwen huet: «Wer wird nicht einen Klopstock loben, doch wird er auch gelesen? Nein. Wir wollen nicht so sehr gelobet, doch mehr gelesen sein».

Mä nach eng Kéier et as e schéint Buch, mat urtemlech Létzebuerger Sprooch, dat nüt an enger scriciser «Luxemburgensia» dierft felen. Joosst iech et emol an engem Bicherbuttek weisen, ech sin iwwerzeeg et gefällt iech.

«*Neierewou* — En Heckebuch. Alain Atten. Ill. Pe'l Schlechter. 1 Cassette. 1992. Kaddoskéscht. 1950 Frang. 173 Säiten. Topographesch Kaart.

hr

* * *

Eng wiirklech gutt Iddi hat de «Cactus» mat deem schéinen, faarweg illustréierten Heft *Yuppii, mir léiere létzebuergesch schwreiwen*.

Op 16 lackelege Säiten huet de *pit hoerold* op eng esou léif Aart a Weis d'Grondregle vun der Létzebuergescher Schreibweis beiense gerafft — déi nüt némme gutt fir Kanner as, mä och dene Groussen ze paass kënnt, wéi et am Énnertitel och heescht: E Schreib- a Liesbuch fir d'Kanner a fir all déi Grouss, déi Spaass mat eiser Sprooch hun, wou en de Létzebuerger Dixionär, d'Blat vun der Action Létzbuergesch: Eis Schreibweis, ech léiere mech Létzebuergesch schreiwen (vum Emile Schmit), a «Kommt mit léiere Létzebuergesch» (vum Lex Roth a Monique Marson) als Énnerlag geholl huet. — (Illustratiounen: Studio Legrain, Lille; Konzept & Texter: Konkret; Grafik & Saz: Createam, Wandhaff).

Et wor domat nach e Kongkur gekoppelt an am Radio goufen eng Zäit laang liicht Froen doraus gestallt, op déi d'Kanner antwere sollten, bei deem och nach eppes ze gewanne wor, ob richteg oder nüt. — Wann trotz dem gudde Welle vum Autor dach nach eng Rëtsch Feler no dér offizieller Schreibweis dra sin, dann as dat alt nüt esou wéll, d'Haaptsaach as, datt de «Cactus» esou eng Initiativ hat, déi de Wee fir d'Létzebuerger Schreibweis ze léieren et spilles méiglech gomat huet, a wuel dem Kand héllefé kann (soll) et richteg ze schreiwen.

Trotz der Oplag vun 10.000 Stéck wor bant kuurzer Zäit kee «Yuppii» méi ze kréien — et krut een d'Bichelche fir näisch — a wann och némmen d'Halschecht am Senn vun der Schreibweis

dervu profitéiert sollt gin, dann as dat dach e Geste gewiescht, deen esou ageschat muss gin ewéi cng Reklam fir déi béid Saachen et verdéngt. Duerfe mer als nach froen, fir wat, datt e private Geschäftsmann op déi lddi koum an déi «Fibel» erausgin huet, de Schoul- wéi Kulturmistère — och d'A.L. — nüt drop komm sin?

An dcem Zesummehank loosse mer hei nach opzielen, wou een eppes fent, fir richteg létzebuergesch schreiwen ze léieren:

- a) Luxemburger Wörterbuch;
- b) Robert Bruch: Luxemburger Grammatik in volkstümlichem Abriss (op däitsch a franséisch);
- c) Grundregeln der Luxemburger Rechtsschreibung (Pierre Faber-Henri Rinnen);
- d) Eis Schreibweis fir jiddereen einfach gemat (Lex Roth);
- e) Extranummer 3 vun «Eis Sprooch»;
- f) Létzebuergesch an der Schoul. 1974. Bäiluegt: Wéi e létzebuergesch schreift (Alain Atten);
- g) Mémorial. Recueil administratif et économique B — no 68 — 16 novembre 1976. Arrêté ministériel du 10 octobre 1975 portant réforme du système officiel d'orthographe luxembourgeoise. Annexe: Wéi ee létzebuergesch schreift (A. Atten);
- h) Ech léiere mech létzebuergesch schreiwen (Emil Schmit);
- i) Schreib déng Sprooch (Edmond Steyer).
- j) Kleines deutsch-luxemburgisches Wörterbuch (H. Rinnen-W. Reuland),
- k) Dictionnaire Français-Luxembourgeois (H. Rinnen)

hr

* * *

An nach en neit Buch: *Jean-Michel Treinen: Angscht virum groussen Tunn.* Geschichten, erausgi vum Robert Gollo Steffen / Op der Lay, 109, L-9560 Esch-Sauer; 184 Säiten — 450 Frang (ISBN 2-87967-011 X)

Virun e puer Méint hat ech dëst Buch ewell gelies, ma dës puer Sätz komme leider Gottes laang nom Maart, d.h. et gong mer aus verschidde Grénn nüt méi duer, fir eng uerdentlich Rezensioun an déi lescht Nummer vun «eis sprooch» ze setzen, — an däerbans hun eis Zeitungen, zesoen alleguer, dem Treinen séng Geschichten, op eng baarmhäerzeg oder esouguer onbaarmhäerzeg Aart a Weis geluest — egal, op et déi lénk Zeen war (däer den Autor — nach bal en alen 68^{er}, dee bestëmmt ni «Zeee-Ess-sau»

[cf. S. 114] wielt — wuel méi no steet) oder deen attritréierte Litteraturkritiker aus dem «Wort» selwer, oder dat sougenannt bürgerlecht liberoolt «Létzebuerger Land»..

Et wär elo ewell bal méi intressant, déi verschidde Artiklen ze analyséieren: da géif een d'Parteilechketen, déi ideologesch Scheiklappen, d'Iwwerflächlechket, déi kleng-karréiert Welt vun «Enger Hand-wáscht-déi-aner-Spiral», de «Lues-Du-Mech-da-luewen-ech-Dech-Automaticsem» bei «eis doheem» nach vill besser an uecht huelen...

Mee dat mécht jo némme bóst Blutt an déifraueg a schwéier rosen, matzen an der Vakanz-, an dat as mer den Ament ze domm...

Mee elo awer no enger zweter Lektür iwver d'Buch selwer; — wéi hei cen sech auskatzt oder séng «Underdog»-Figuren sech auskatzte léisst iwver eis Welt voller pafeger, — an aner — Hannerwennegkete, voller Ligoissemm a Karrierissem, voller Konsumterror a Krichgeschäftsrcher, voller Pseudodemokratie, voller demagogesch hypokritescher Parteilobbysem, voller «Rücksichtslosegkleet» vis-à-vis vum Mann aus dem Vollek oder den ale Icit, voller Iwwerhiechlechket (och sproochlecher) a voll krankhaftem Geltungsbedicrfnes, dat huet mer gefall; — ewéi bei een ale Romantiker an Utopist téscht (pubertärer) Roserei a melancholescher Resignatioun hin an hier gerappt gët — , dat huet mer och gefall — , do muss een sech deelweis identifizéieren, ob ee wëllt oder nüt, dat as all echt kritischem Geescht sympathesch, — et Icit ee mat!!

Mee dat as, — vun «typesch-létzebuergeschen» Aspekter, un denen dem Treinen séng Anti-helde festgemaacht sin, emol ofgesin — guer nüt nei, et as z.B. zanter dem «Werther», oder dem «Edgar Wibeau» vum Plentzdorf, oder dem Hans Schmier vum Böll (Ansichten eines Clowns) — oder och zénter dem Rodange séngem Renert nüt nei...

As dann d'Form, d'Sprooch, d'Spill mat de Regesteren, am Wiessl satiresch, kabarettistesch, pamphletesch, skurril, grotesk, sarkastesch, lücht zynesch, och emol echtyresch — , as d'Ausdruckweis, — emol direkt an aggressiv, emol méi métaphoresch oder symbolesch — , wíirklech nci?

Ech reskéieren ze soen, och dat as nüt esou «nei a radikal» wéi ugekennegt: wcc beispillsweis vill Manderscheid a Rewenig a Schuster an Hoscheit gelies huet, dee micrt denen hiren Afloss op de jonken Autor Treinen.

Datt et dësen Afloss gët, as éischter gutt: dat weist, datt méi eng nci zäitgeméiss Lëtzebuerguer Litteratur wuel definitiv déi al Mumm(e)-Scíss-lechkeet ausgedickst huet: «alles zu sénger Zäit!»

— Emol kucken ewéi d'Rad sech virun dréit...

Manner gutt Säiten, wéi Z.B. déi kuragiert a gutt gesot Wieder géint de Golf — («Gulf»Krich) renne bei opgekläerte Geeschter oppen Diren an a würrken zevill moraliséierend, zevill gutt gemengt; dofir gët et awer, — erlaabt mer d'Wuert —, hcrrech Passagen: z.B. déi skuril awer ergräifend anarchiséierend Idyll oder Bohème téscht dem versoffenen Zuang an der Gëller Fra «an engem alen, eidele Gebai am Clau-sener Bierg, op deem d'Reklamm vun enger Immobilienfirma hung wéi en Aasgeier un engem Krankebett» (S.106).

De Sönn fir eng ganz Rëtsch onwerwaarten a lëschteg Wuertspillereien a riskiéiert Vergläicher weist dem Treinen sái spontanen a kreativ-littérareschen Talent; munnech iwwerdriwwen, forcierter oder schif gerode Biller sollt een em (nach) nüt ukreiden, et sollt een sc nüt zevill eescht hue-llen: dës kleng an hciandsdo eng Grimmel ze spruddeleg — wif geschriwwen Aufsätz si wuel eng Zort «Gebrauchslitteratur»: et geet een deen Ament dran op an ènner wéi an enger flotter «jammersession» — et muss een nüt drun hänke bleiwen... deen nächste Blues kënnt bestëmmt — d'«Angscht vum groussen Tunn» kënnt a si geet...

Wann de J.-M. Treinen awer nach op dës oder déi e bësse méi bëllig sproochlech Effekthascherei, op eng iwwerdriwwwe «phonétiséierend» Orthographie à la Rewenig oder Manderscheid verzicht» (z.B. S.114: décke «folklor-hor», oder: dat as jo des queue lasses...; oder «eng mère happoir» asv., asv., gefällt e ville Lieser, an nüt némme sénge «fans».

Zu gudden Lescht sieren nach zwou Saache gesot: Ech weess: de gustibus non disputandum est — mee géint verstoppt Dousendäitschlëtzebuergesch hun ech eppes. Ausdréck wéi: d'Halle-flamen hu gebrutzelt (S.14); *dobäi* geet alles kap-pen (S.24); *undeems* en iwerhëlt (S.24); *sennlosen* Heroismus (S.40); d'Regirung, *déi... aus besteet* (S.43); *an ausserdem* huet d'ct... (S.46); en *as getobt...* (S.47); *vù dass* (S.51); de Jhéiss huet *se sech bekuckt* (S.52); sou dass de Sall giss liiten... (S.54); (asv.asv...) gefalen nüt jidderengem. Esou Lëtzebuergesch as «schons laang» a «ganz beson-nesch» egal wat!)

Och wa kee vun äis dës Sproochentwicklung ophält: si schmaacht awer no Platik a Blech an Uniforméierungshormonen!

Wann op all Säit geschass a geseecht a gekatzt a gestonk gët — wann dat Wuert «Panz» wéinstens e puer honnert Mol virlénnnt, da geet dat bal all «Knéff» an all «Gréit», déi d'Buch lesen, mam beschte Wëllen «op de (postmoderne) Geesch» — da verlécierter und dat séng — ech huelen un «beabsichtigt» Wirkung, wéi all megacool hypersupersuperlativ Iwwerdriewung vun irjhendengem egal wat Publicity-Spott op «err-tee-ell» — an et geheit eis Dialektlitteratur zréck op e sténkege Meschtekoupsníveau, dee wuel kee vun äis wëllt — (wëllt mat «t» w.e.g.).

Cjpr

* * *

Elo jhust eraus komm, en neit Buch fir Lëtzebuergesch ze léieren: *L wéi Lëtzebuergesch. Lëtzebuergesch fir all Dag*. Buch a Cassette ausgeschafft am Centre des Langues, Unterréchtsministär Lëtzeburg, Provisoresch Editioune, 1992, Lektionen 1-8, 113 Säiten, Illustréiert. A 4, Präis 525 Frang (Buch a Cassette). Ze kréie beim Centre des Langues, (80, bd Patton, L-2316 Lëtzeburg), an an de Bicherbuttécker.


Wat an den Articlele stet as nüt onbedéngt d'Ménong vun der Actioun Lëtzebuergesch — Eis Sprooch

De Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch 1992/93

Président: Heng Rinnen, Bëschstrooss 32, L-1534 Lëtzeburg, Tel.: 48 6137

Vize-Präsident: Lex Roth, 32, Charles Quint-Strooss 32, L-2380 Lëtzeburg, Tel.: 478-2180 (Büro) — Caissier: René Falber, Barriärstrooss 14, L-1215 Lëtzeburg, Tel.: 44 13 96 — Sekretär: Emil Steffen, Kiedgenerstrooss 47, L-2432 Lëtzeburg, Tel.: 48 64 68 — Sekretär-Adj.: Ernest Brachmond, Nic. Martha-Strooss 38, L-2133 Lëtzeburg, Tel.: 48 36 27 — Membren: Marcel Lamy, Kellereistrooss 18, L-6718 Gréiwengenmaacher, Tel.: 75 83 89 — Robert L. Philippart, Charles Arendt-Strooss 25, L-1134 Lëtzeburg, Tel.: 44 49 29 — Arthur Reckinger, Boulevard Jules Salentiny 21, L-2511 Lëtzeburg, Tel.: 43 84 53 — Robert Siuda, Boulevard Hubert Clement 14, L-4064 Esch-Uelzech, Tel.: 55 12 37 — Tom Thies, Baachstrooss 14, L-3340 Hëncheréng, Tel.: 5163 24 — Milly Thill, Antoine Jans-Strooss 1, L-1820 Lëtzeburg, Tel.: 47 27 57 — Maisy Tockert, Cyprien Merjai-Strooss 45, L-2145 Lëtzeburg, Tel.: 43 12 72

Saz an Drock: Dréckerei Kremer-Müller & Cie, L-3895 Féiz



Déi Dräi Eechelen, aus: «Illustrierter Führer durch das Großherzogtum Luxemburg». Leo Wocrl. II. Auflage. Leipzig 1914.

Dat aalt Kasinogebai vu Mannerëf. ibd.

Den Däiwelsälter bei Dikrech. ibd.

Schengen. Holzschnëtt vun C.S. (—Cosson; Smeeton), Zeechong L. Dovaux; aus: «Le Grand-Duché de Luxembourg». Bailuegt zu: «L'Illustration». Paris. 1867. Aus dem Buch: «Le Luxembourg dans les gravures du 19. siècle» vum François Ewen (ISP 1988).



Neijooschkaarten 1992/93


Et as crém esouwält. D'Jor as bal criwwer a wéi zénter bal 20 Jor huet d'A.I., nees Neijooschkaarte maa-che gelooss, mat an ouni Text. (Intercalaire)

Et si véier schwaarz/wäisser vun alen Holzschnëtter, aus der Kollektioun vum Fr. Ewen, déi bien an däitschen a franscische Publikatiounen opgedriwwen an der A.I., sc gär fir déi Geleenheet iwwerlooss huet. Déi zwou faarweg Kaarte si Fotoë vun Tableau-ë vum bekannte Moler an Zwangsrekruitéierte Roger Steffen vu Gréiwemaacher. D'A.I., seet him fir seng Gefälligkeit en häerzleche Merci.

De Präis as nach émmer d'selwecht; déi schwaarz/wäiss kaschte 15 Frang d'Steck (bei 100 St. 111); déi faarweg kaschte 30 F. De Porto muss awer leider gerechent ginn, fir 4 Kaarten: 20 F, méi Kaarten: 40 F.

Wann Dir Kaarte bestellt, da schrift op Är Iwwerweisung oder op d'Kaart w.e.g., ob Dir Kaarte mat oder ouni Text wéllt hun.






Biller a Fotoën: Roger Steffen – uewen: d'Syrbréck bei Manternach, ënnen: d'Musel bei Meechtem.



ÄRE PARTNER



an alle Finanzfroen



SPUERKEESS

ISBN 2-87989-001-2